SÉANCE 43

Mercredi, 4 juillet 2007

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
Mme Lydie Err, Doyenne

Ordre du jour

1. Communication
2. 5511 - Débat d'orientation sur la sécurité intérieure au Luxembourg

   Interpellation de Mme Colette Flesch sur le nécessaire respect de l'équilibre entre sécurité publique et libertés individuelles

   (Rapport de la Commission juridique - Présentation de l'interpellation - Débat - Motions - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Opgrond vum Artikel 11 vum Gesetz vum 28. November 2006 iwwert d'Schafung vun engem Centre pour l'égalité de traitement an opgrond vun den Artikelen 132 bis 134 vun hirem Reglement ass d'Chamber dozou opgeruff, e President a véier Membere vun dësem Centre ze proposéieren, déi duerch de Grand-Duc ernannt ginn.

Interessente kënnen hir Kandidatur fir d'Mandat vum President oder fir d'Mandat vum Member vun dësem Centre per Bréif un de Chamberspresident riichten, an dat bis spéitstens den 1. August 2007. Den Datum vum Poststempel ass maassgebend.

Bei der Kandidatur muss e Liewenslaf leie mat de Beleeër, déi beweisen, dass d'Konditioune vum Gesetz erfëllt sinn an dass d'Kandidaten déi néideg Kompetenz um Gebitt vun der Promotioun vun der Gläichbehandlung hunn.

Ausgeschloss vun esou engem Mandat sinn d'Membere vun der Chamber, vum Statsrot a vun der Regierung.

Plusieurs voix.- Oh!

M. le Président.- All Deputéierten huet d'Recht, innerhalb vun där festgesater Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bäizeleeën iwwert d'Averständnis vum Kandidat.

Dës Kommunikatioun gëtt als Avis officiel an der Press veröffentlecht.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Haut de Mëtteg, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer op eisem Ordre du jour d'Orientéierungsdebatt iwwert déi intern Sécherheet zesumme mat der Interpellatioun vun der Madame Flesch iwwert d'Gläichgewiicht tëschent der öffentlecher Sécherheet an den individuelle Fräiheeten. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Bettel, d'Madame Doerner, den Här Bodry, den Här Braz, den Här Gibéryen, den Här Jaerling, den Här Santer, den Här Klein an d'Madame Err. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Débat, den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer, Dir hutt d'Wuert.

2. 5511 - Débat d'orientation sur la sécurité intérieure au Luxembourg
Interpellation de Mme Colette Flesch sur le nécessaire respect de l'équilibre entre sécurité publique et libertés individuelles

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécurité intérieure gehéiert zu den Attributer vun engem souveräne Stat. De Stat, egal wat fir eng politesch Form en unhëlt, huet als eng vu sengen éischten Aufgaben, fir d'Sécherheet vu senge Bierger ze suergen a fir déi ze bestrofen, déi géint seng Gesetzer verstouss hunn.

Et muss een awer feststellen, datt zu Lëtzebuerg, wéi dat och an anere Länner de Fall ass, et eng Tendenz gëtt zur Inflatioun vu Gesetzer mat strofrechtleche Bestëmmungen. Et gëtt zwar Fäll, wou et gëllt, Lücken an eisem Strofgesetz ze fëllen, oder wou nei Infractioune musse geschaf ginn, well d'Kriminalitéit sech mat der Zäit verännert huet. Mä dat, wat mer am Rapport uprangeren, dat sinn déi Bestëmmungen, wou den Trouble à l'ordre public net wierklech nogewise gouf respektiv marginal, wann net bedeitungslos ass.

An deene Fäll, wou also keng richteg oder gravéierend Gefährdung vum Ordre public noweisbar ass, verstéisst een am Fong géint Sënn an Zweck vum Strofrecht. Esou hu mer an eisem Rapport festgehalen: «Le caractère dissuasif de la peine - certains parleront d'exemplarité, voire d'intimidation - ne peut que se diluer face à une multiplication excessive des infractions pénales.»

Eng Alternativ wär, a Fäll, wou den Ordre public net wierklech a Gefor wär, Strofe mat engem méi administrative Charakter virzegesinn, wéi op déi klassesch Prisongs- a Geldstrofen zréckzegräifen.

Wann och, Här President, déi eigentlech Missioun vum Stat säit Jorzéngten, wann net Jorhonnerten am Prinzip déiselwecht bliwwen ass, nämlech fir d'Sécherheet vu senge Bierger ze suergen, esou huet sech an deene leschte Joren op dësem Gebitt vill gedoen.

1986 hate mer déi lescht Orientatiounsdebatt iwwert d'Sécherheet an dësem Plenum. Wann een de Rapport vun der Spezialkommissioun vun 1986 liest, da gesäit een, datt tëschent deemools an haut d'Problemer, mä och d'Erausfuerderungen, déi sech de Police- a Justizautoritéite stellen, heiansdo grondsätzlech geännert hunn.

An deenen 21 Joer huet sech net nëmmen déi geostrategesch an europapolitesch Situatioun geännert. Am Sécherheetsberäich hu mer et och mat enger ganz anerer Situatioun wéi virun 21 Joer ze dinn. De Prisong vu Schraasseg - deemools nach den „neien" Prisong vu Schraasseg - war mat 310 Häftlingen net iwwerbesat. Haut sinn et der 674, an dat aus ongefëier 66 verschiddenen Nationalitéiten.

Et gouf nach eng Police an eng Gendarmerie, woubäi d'Spezialkommissioun 1986 nach vehement géint eng Fusioun vun deenen zwee Corpsë war, aus - esou war et deemools - historeschen a psychologesche Grënn.

1986 waren déi modern Investigatiounstechnike wéi DNA-Prouwen oder Fangerofdréck nach onbekannt. Eng Vidéosurveillance konnt ee sech nach net esou virstelle wéi dat, wat se haut ginn ass.

D'Kriminalitéit huet sech och an deene leschten 21 Joer globaliséiert, wat zu enger méi breeder an intensiver Kooperatioun um europäeschen an internationale Plang tëschent Police- a Justizautoritéite gefouert huet an och an Zukunft wäert féieren.

Här President, d'Sécurité intérieure ass ee komplexen, empfindlechen a mannegfaltegen Domän, deen dacks zu enger iwwerdriwwener, wann net populistescher Vereinfachung féiert.

Komplex, well et och heiansdo kontradiktoresch Konzepter mateneen ze verbanne gëtt. Et muss een de richtegen Equiliber fannen tëschent op där enger Säit enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung an op där anerer Säit dem Respekt vun de Grondrechter an de Fräiheete vun alle Bierger. - Ech wäert nach am Numm vun der CSV-Fraktioun am Kader vun der Interpellatioun, déi d'Madame Flesch ugefrot huet, d'Geleeënheet kréien, fir dorobber méi am Detail anzegoen.

Eng komplex Matière och, well de preventive Volet vun der Sécurité intérieure dacks net berücksichtegt gëtt. Et schéngt wéi wann d'Sécurité intérieure nëmme repressiv ausgeluecht wär. Dat ass awer falsch. An deenen dräi Ënnerdeelunge vun der Sécurité intérieure - Police, Justice a Strofvollzuch - gëtt et e repressive Volet an et gëtt och e preventiven.

D'Police, zum Beispill duerch hir Presenz um Terrain, huet e preventive Charakter. D'Strofgesetz an d'Uerteeler vun de Strofgeriichter hunn en ofschreckende Charakter, andeem den Täter oder de présuméierten Täter an doriwwer eraus d'Bevölkerung duerch d'Exemplaritéit vun de méigleche Strofen dovunner ofgehale solle ginn, eng Strofdot ze begoe respektiv nach eng ze widderhuelen.

Schliesslech soll de Strofvollzuch esou ausgeluecht ginn, fir eng Resoziialiséierung vum Condamnéierten erbäizeféieren an duerch déi Resoziialiséierung eng Récidive ze vermeiden oder wéinstens de Risiko vun enger Récidive anzeengen.

Et ass och eng empfindlech Matière. Et kann een net vu Sécherheetsfroe schwätzen, ouni d'Onsécherheetsgefill, dat vill Leit verspieren, mat a Betruecht ze zéien. D'Statistike sinn Zuelen, hannert deene sech Schicksaler, Leed, Misär, Liewensgäng vu Leit ofspillen oder bouleverséiert ginn.

D'Onsécherheetsgefill ass schwéier ze ëmräissen, ass schwéier ze beschreiwen. Et ernährt sech vu Gefiller, Erfahrungen, Rumeuren, Strofdoten, déi an der Géigend begaange gi sinn, oder souguer vun engem diffuse Gefill géigeniwwer Persounen, Plazen oder Situatiounen.

Mä et däerf ee sech keng Illusioun maachen. En Onsécherheetsgefill, wat a ville Fäll verständlech ass, kann een net per Dekret aus der Welt schafen. Dobäi kënnt, datt d'Gewalt zu eisem Alldagsliewe gehéiert iwwer Medien, Kino oder Videosspiller. Et féiert zu enger Saturatioun, Gewaltzeene reegen net méi op, oder et muss wierklech hefteg kommen.

Et ass schliesslech e Beräich mat ville Facetten, well et hei net nëmmen ëm Kriminalitéitsbekämpfung geet. Et geet och dorëms, d'Ursaache vun der Kriminalitéit ze bekämpfen, an dat ass net eleng eng Aarbecht vum Justizminister: Educatioun, Logement, Gesondheetswiesen a Famill sinn och hei gefuerdert. Esou huet rezent de franséische Conseil économique et social geschriwwen: «Précarisation économique, développement de l'insécurité sociale et professionnelle, dislocation du lien social, affaiblissement des politiques sociales contribuent en amont à augmenter le risque de délinquance.»

Här President, de Rapport ass an dräi Kapitelen ënnerdeelt: d'Police, d'Justiz an de Strofvollzuch. Ech wäert lech elo déi wichtegst Konklusiounen duerleeën, déi ech och an enger Motioun festgehalen hunn. Déi Motioun hunn ech bis elo eleng ënnerschriwwen, mä ech ginn dovunner aus, datt se och fraktiounsiwwergräifend gedroe gëtt.

Wat mer net wollte mat dësem Rapport, ass, eng Bestandsopnahm maachen. Dofir brauche mer keng Orientatiounsdebatt. Mir wollten an deenen dräi Secteuren op fir eis wichteg Problemer hiweisen a Weeër virschloen, fir fir dës Problemer eng Léisung ze fannen.

D'Police huet säit 1999 eng gutt géréiert Fusioun an Transitiounsperiod hannert sech. D'Police huet an där Zäit sech net nëmmen ëm hir eigentlech Aufgab bekëmmere missen, si huet och missen eng déif gräifend Ëmstrukturéierung ëmsetzen.

D'Police huet eng ganz Rei vun Aufgabe queesch iwwert d'Land an heiansdo iwwert d'Grenzen ewech ze bewältegen. Dat sinn net nëmmen déi preventiv a repressiv Missiounen, déi mer all kennen. Dat ass och zum Beispill den Häftlingstransport. 8.686 Häftlinge waren dat d'lescht Joer, woubäi natierlech e puer Häftlingen e puermol hin an hier gefouert gi sinn. Oder den Encadrement vun europäesche Gäscht oder europäesch Réuniounen.

Dat sinn och administrativ Aufgaben, déi besonnesch zäitraubend sinn. Zum Beispill fir eng Openthaltsgenehmegung si vu Gemengesäit 2006 iwwer 36.000 Demanden un d'Police gereecht ginn. Fir dësen Aufgabe Meeschter ze ginn, brauch d'Police dat néidegt Personal, an dat sinn net nëmmen d'Polizisten, mä och administratiivt Personal, dat d'Polizisten entlaaschte muss.

Den Effectif légal muss also ugepasst ginn un déi Zuel vun den neie Polizisten, déi och an deenen nächste Jore wäerten oder mussen agestallt ginn. Mir hu wëssentlech keng Zuel vun engem erweiderten Effectif légal uginn. Nei Poliziste solle recrutéiert ginn ouni datt d'Formatioun an der Police-Schoul an duerno um Terrain dorënner leide muss.

Wichteg ass awer och, wou déi Leit affektéiert ginn. D'Presenz um Terrain ass hei ausschlaggebend. Et kann net sinn, datt d'Terrainsunitéiten - Commissariats de proximité oder Centres d'intervention - esou besat ginn, datt se wéinst mangelndem Personal Feierdeeg, Weekender respektiv während de Schaffdeeg zum Beispill um fënnef Auer mussen zoumaachen. Verschidde Commissariats de proximité musse mat dräi oder véier Leit auskommen. Dat féiert zur Demoralisatioun bei de Polizisten an zur Desillusioun bei der Bevölkerung.

De Problem ass erkannt ginn an et ass hei Remedur versprach ginn. D'Ënnerbesetzung ass awer net nëmmen um Terrain e Problem, mä och bei verschidden Zentralservicer, wéi d'Unité centrale de la police de la route, wou 33 Poliziste 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 affektéiert sinn oder d'Unité centrale de la police de l'aéroport.

Och hu mer an eisem schréftleche Rapport op déi ze vill zahlreich Détachementer higewisen, déi zu enger Desorganisatioun an der Gestioun vum Personal kënne féieren.

D'Visibilitéit vun der Police ze verbesseren, heescht och eng besser Kommunikatioun mat der Bevölkerung an d'Wee ze leeden. Ausser de Preventiounscampagnen heescht dat eng Harmoniséierung, wann net eng Uniformiséierung vun den Öffnungszäiten an de Commissariats de proximité, e besseren Accueil duerch ënner anerem manner laang Waardezäiten an eng elementar Héiflechkeet. Et gëtt wéi iwwerall schwaarz Schof, déi awer wéi iwwerall extrem minoritär sinn. Quand même, all abusivt Behuelen, wéi zum Beispill d'Benotze vu Bloliicht bei private Manifestatiounen oder Onhéiflechkeeten, schuede maassgeblech dem Image vun der Police.

Här President, iwwer bekannt Televisiounsserien eraus, kënnt een net derlaanscht der Police scientifique et technique eng ëmmer méi bedeitend Roll zoukommen ze loossen. Déi nei wëssenschaftlech Erkenntnisser, wéi d'Fangerofdréck oder DNA-Prouwen, erlaben et, d'Identitéit vum Affer, d'Ëmstänn vun der Strofdot an d'Indizien, déi zum Täter kënne féieren, festzestellen.

Et gëtt zu Lëtzebuerg weder e legale Kader fir d'Médecine légale nach en Institut de médecine légale. Zurzäit ginn auslännesch Experten ageschalt an et ass awer virgesinn, datt d'DNA-Analysen am Kader vum Statslabo solle gemaach ginn, soubal deen déi néideg Autorisatiounen dofir krut.

Wat awer bleift, ass, datt mer zu Lëtzebuerg e vollstännegen Institut de médecine légale brauchen. Sou kritt d'Médecine légale, wéi d'Autopsien, d'Levée de corps, de klineschen Exame vum Affer, souwuel e legale wéi en organisationelle Kader, wat och an deene meeschten anere Länner de Fall ass.

D'Police judicaire ass zoustänneg, bis datt den Untersuchungsriichter saiséiert ass, fir eng Strofdot festzestellen, d'Prouwen ze sammelen an den Auteur vun der Strofdot ze fannen. Wa bis en Untersuchungsriichter mat der Instruktioun befaasst ass, exekutéiert d'Police judiciaire d'Missiounen, déi se vun deem Riichter krut.

D'Beamten, déi an der Police judiciaire schaffen, sinn net déi Eenzeg, déi den Titel vum Officier de police judiciaire kënne kréien; zum Beispill hu Buergermeeschter och dës Qualitéit. D'Regierung soll eis eng Lëscht maache vun deene Funktiounen, déi per Gesetz Officier de police judiciaire sinn, an dofir suergen, datt déi Leit och déi néideg Formatioun kréien, fir d'Rechter an d'Flichten, déi esou eng Qualitéit mat sech bréngen, bäizebréngen.

D'Police judiciaire ass e wichtegt Element an enger strofrechtlecher Affär. D'Madame Wolz, Juge d'instruction directeur beim Bezierksgeriicht an der Stad, huet dozou geschriwwen: «L'instruction des affaires transmises au cabinet d'instruction est notamment tributaire de la compétence, de la motivation et de l'intérêt portés par la police grand-ducal à l'enquête judiciaire.» Dofir mussen d'Effektiver stëmmen. 122 Polizisten - zwee méi wéi 2005 - a 34 Zivilpersonal - dräi manner wéi 2005, mä 100% méi wéi 2001 - schaffen op der Police judiciaire. D'Effortë beim Recrutement mussen also weidergefouert ginn.

Et ass wichteg, datt an der Police judiciaire Leit mat der Qualitéit vum Officier de police judiciaire agestallt ginn, déi den Erfuerdernisser an de Contraintë vun enger spezialiséierter Kriminalitéitsbekämpfung gerecht ginn. Besonnesch hisiichtlech eiser Finanzplaz, mä och den neien Technologien, op déi déi Kriminell zréckgräifen, ass eng diesbezüglech Spezialiséierung noutwendeg. Säitelaang Bilane liesen, finanziell Transaktiounen entziffere verlaange Wëssen, mä och Erfahrung. An et soll ee sech net scheien, fir op esou Spezialisten zréckzegräifen. Den Image vun eiser Finanzplaz - fir nëmmen déi ze nennen - erfuerdert dat.

Här President, eng Kameraiwwerwaachung gëtt et schonn op verschidde Plazen am Land, meeschtens an oder bei Gebaier, Bancomaten, Parkingen. Hei schwätze mer iwwert d'Iwwerwaachung vun der Voie publique. Zu London sinn esou vill Kameraen installéiert, datt jiddfereen am Duerchschnëtt 300 Mol den Dag vun enger Kamera erfaasst gëtt. A Groussbritannien ginn et 4,2 Millioune Kameraen, dat ass eng Kamera pro 14 Awunner. Zu Middlesbrough sinn d'Kamerae souguer mat engem Lautsprecher ausgestatt an d'Beamte kënnen esou de Leit Uerdere ginn, wa se zum Beispill eppes fale loossen. Nei Systemer kënnen och Autosplaquë liesen an erkennen.

Sou en Iwwerwaachungssystem verfollegt en dräifacht Zil: Preventioun, Repressioun an d'Bekämpfe vum Onsécherheetsgefill. Mä et ass keng Wonnerléisung. D'Kriminalitéit versetzt sech op aner Plazen zu aneren Zäiten an d'Strofdote ginn op aner Weeër an op aner Manéiere begaangen. A verhënnere kann een d'Begoe vun enger Strofdot och mat engem Kamerasystem net.

Ausser dem Vertrieder vun der ADR hu mer an der Kommissioun eng generell Iwwerwaachung nom englesche Modell negativ betruecht. D'Privatsphär vun de Leit soll net disproportionell agëengt ginn. Kamerae sollen do installéiert ginn, wou se och eng Berechtegung hunn - dat heescht net iwwerall -, an a regelméissegen Ofstänn soll kontrolléiert ginn, ob dës Berechtegung nach besteet respektiv ob d'Iwwerwaachung eppes bruecht huet. Dobäi sollen an alle Fäll an zu all Moment d'Bedingunge vum Dateschutzgesetz vum 2. August 2002 erfëllt ginn.

Här President, den Zesummestouss vun de Grondrechter an der Kriminalitéitsbekämpfung a -bestrofung an den Equiliber zwëschent deenen zwou Notiounen hierzestellen, ass besonnesch an de Justizprozedure schwéier ze géréieren. Déi europäesch Mënscherechtskonventioun gesäit vir, datt déi strofrechtlech Prozedure sollen an engem Délai raisonnable ofgeschloss ginn; an dofir ass och Lëtzebuerg a verschidde Fäll zu Stroossbuerg condamnéiert ginn.

An eisen Nopeschlänner, besonnesch a Frankräich, gëtt et vereinfacht Prozeduren. A Frankräich heescht se d'«comparution immédiate», wou de Beschëllegten - mat sengem Accord natierlech - banne 24 Stonnen nom Enn vun der Policeenquête viru Geriicht erschéngt, och wann dat um zéng Auer oder um eelef Auer an der Nuecht ass, an d'Geriicht sprécht direkt säin Uerteel.

Zu Lëtzebuerg gëtt et keng sou Prozedur. Solle mer dat aféieren? Jo, sote verschidden Deputéierten op Pressekonferenzen. Där Meenung ass d'Kommissioun awer net, well am franséische Modell d'Rechter vum Beschëllegte vill ze kuerz kommen. Dat sot och een eminente franséischen Untersuchungsriichter: «Avec 3 minutes 47 accordées à la défense et un procureur qui voit arriver des charrettes de prévenus, pensez-vous que ce soit l'exemple le plus éclatant du respect des droits de la défense?» D'Äntwert ass kloer.

Mä dat heescht net, datt op dësem Gebitt näischt soll gemaach ginn. Et gëtt aner Modeller an anere Länner, an avant tout sollt een emol eis Prozedur iwwerpréiwen, fir aus där déi Elementer erauszehuelen, déi net méi vill Sënn maachen an déi ee sech ka spueren. Mä et sollt een an alle Fäll op d'Rechter vum Beschëllegten oppassen. D'Beschleunegung vun der Prozedur däerf net op d'Käschte vun de Grondrechter goen.

Här President, de Médiateur huet d'Schafe vun engem Conseil supérieur de la Justice virgeschloen, well «la conscience des citoyens dans la justice est largement tributaire d'une bonne administration judiciaire. Or, la confiance ne saurait être acquise sans accepter comme son corrolaire un regard jeté de l'extérieur sur le fonctionnement interne de l'administration judiciaire.»

Nom Médiateur hätt dee Conseil supérieur de la Justice dräi Aufgaben:

Éischtens, eng extern Kontroll vum Justizapparat mat engem Pouvoir d'investigation, ouni awer kënnen op de Fong vun den Affären anzegoen; zweetens, d'Selektioun vun de Kandidaten op e Riichterposten inklusiv d'Promotiounen, an drëttens, de Pouvoir disciplinaire fir Riichteren a Beamten, déi an der Justiz schaffen, ze regelen. E géif sech aus Riichteren an Netriichteren zesummesetzen.

Dës Recommandatioun vum Médiateur huet héich Welle geschloen. Vill Riichtere waren dergéint. Vill Affekote waren derfir. D'Kommissioun steet der Propositioun vum Médiateur positiv géigeniwwer. Et geet net drëms, d'Onofhängegkeet vun der Justiz a Fro ze stellen. Et geet net drëms, fir d'Uerteeler ze contestéieren. Et geet net drëms, fir d'Riichteren ze iwwerwaachen.

De Conseil supérieur de la Justice ass net géint d'Magistraturgeriicht geriicht, esou wéineg wéi de Médiateur deemools géint d'Fonction publique geriicht war.

De Conseil supérieur de la Justice soll eng Institutioun sinn, déi maassgeblech d'Vertraue vun de Bierger an hir Justiz an an hir Justizautoritéite soll verbesseren. D'Tendenz fir dëst Vertrauen ze stäerken duerch d'Asetze vun onofhängege Gremië verstäerkt sech och europawäit. Verschidde Länner wéi Éisträich, d'Belsch, Frankräich, Finnland, Spuenien an England hunn Instrumenter, déi dëst Vertrauen an d'Satisfaktioun vun de Bierger par rapport zu der Justiz moossen, agesat. Firwat soll Lëtzebuerg dësem Trend fernbleiwen?

Här President, d'Société de l'information an där mer liewe bréngt mat sech, datt d'Justiz sech muss fir d'Medien opmaachen. De Procureur d'État beim Bezierksgeriicht Lëtzebuerg huet a sengem Rapport 2005 geschriwwen: «S'il n'est évidemment pas question de remettre en cause le traitement par les médias des affaires judiciaires, il est toutefois indispensable que l'institution judiciaire en prenne davantage acte et adapte ses méthodes de travail à ce nouvel impératif.» Déi Meenung gëtt och vun der Kommissioun gedeelt.

D'Justizautoritéite musse sech fir d'Medien opmaachen an dobäi fir d'Objektivitéit vun den Informatiounen an dem Respekt vun de Grondrechter vum présuméierten Täter suergen. De Prozess gëtt net an de Medië gemaach, e gëtt an der Sitzung vum Riichter gemaach. D'Medië musse sech dann awer och fir d'Justiz opmaachen a sech fir déi sëllechen a wichteg Feinheete vum Droit an der Prozedur interesséieren. Eng spezifesch Formatioun kéint hei och ugebuede ginn.

E besseren Zougang, Här President, zum Dossier pénal soll och hiergestallt ginn. Dat ass net nëmmen eng materiell Organisatioun. Haut ginn d'Bedingungen, ënnert deenen den Affekot, och dee vun der Partie civile, den Dossier ka consultéieren, dem 21. Jorhonnert net gerecht. Dat wäert sech, hoffen ech, bei der Cité judiciaire änneren.

Mä och wéini den Dossier ka consultéiert ginn, stellt Problemer. Dat ass elo nom éischten Interrogatoire duerch en Untersuchungsriichter an «la veille de chaque devoir pour lequel l'assistance de l'avocat est permise». Zum Beispill net viru Sëtzunge wou eng Libération provisoire aus der Untersuchungshaft plädéiert gëtt. Dat muss sech änneren.

Hei soll een d'Informatik benotzen, wéi dat zum Beispill an der Belsch de Fall ass, an den Dossier op en informatesche Support setzen. Dat géif net nëmmen den Accès zum Dossier vun den Affekote vereinfachen. Dat erliichtert och d'Aarbecht vum Untersuchungsriichter, dee weider um Dossier ka schaffen, och wann d'Chambre du Conseil, déi fir d'Liberté provisoire zoustänneg ass, den Originaldossier huet.

D'Strof, Här President, huet e preventive Charakter. De Condamnéierte soll dovunner ofgehale ginn, ze récidivéieren a fir anerer e Beispill ze ginn, mä et gëtt sech ze vill op déi klassesch Strofen, Prisongsstrofen, Geldstrofe fokaliséiert. Déi alternativ Strofen, Sursis probatoire, Travail d'intérêt général an d'Médiation pénale, däerfen net ze kuerz kommen.

Mä déi alternativ Strofe si keng Faveur, déi een engem Condamnéierten zougesprach hätt. Et bleiwen nawell ëmmer Strofen, déi een eescht muss huelen, well soss déi klassesch Strofen, a besonnesch d'Prisongsstrofen, erëm an d'Spill musse kommen.

De Prisong kënnt regelméisseg an d'Schlagzeilen, a mir haten an deene leschte Méint, souwuel hei am Plenum wéi och an der Kommissioun, schonn dacks doriwwer Rieds. Dat ass awer zu Lëtzebuerg net anescht wéi an anere Länner. Mir hate schonn iwwert d'Drogen an d'Sécherheetsmoossnamen am Prisong hei am Plenum Rieds, esou datt ech net nach eng Kéier op dës Problematik wëll agoen, obwuel se net onwichteg ass.

De Prisong vu Schraasseg huet eng theoretesch Capacitéit vu 597 Betten. Praktesch kënne 550 Häftlingen do Plaz huelen. D'Situatioun huet sech an de leschte Joren awer verschlechtert, esou datt de Prisong elo komplett iwwerlaascht ass. Mir haten - also ufanks Juni, virun engem Mount - 674 Häftlingen. Dat waren der duebel esou vill wéi 2002. Dat ware 35% méi wéi 2004. Dobäi kënnt, datt de Prisong vu Schraasseg e Fourre-tout ass, wou Erwuessener a Mannerjähreger sinn, wou Fraen a Männer sinn, wou illegal Immigrante sinn, wou krank a gesond Leit sinn, wou condamnéiert an Untersuchungshäftlingen ënnerbruecht ginn.

Fir géint déi onméiglech Situatioun virzegoen, gëtt et Léisungen um Niveau vun den Infrastrukture wéi och vum Strofvollzuch. Déi Mannerjähreg, déi vum Jugendgeriicht op Schraasseg placéiert ginn, gehéieren net an de Prisong. Dofir soll eng Unité de sécurité zu Dräibur gebaut ginn - „Endlech!", misst een do bal soen.

Déi illegal Immigrante kommen och an e Centre de rétention, well och si hunn näischt am Prisong verluer. D'Untersuchungshäftlinge sollte vun deene Condamnéierte getrennt ginn. Virun engem Mount waren zu Schraasseg 317 Untersuchungshäftlingen, bei 323 Condamnéierten. Den Här Justizminister huet eis ugekënnegt, eng Maison d'arrêt wëllen ze bauen, fir do all d'Untersuchungshäftlingen ënnerzebréngen.

De Problem ass: Wou baue mer déi? Zéng bis 15 Hektare sinn do noutwendeg an net ze wäit vun der Stad an Dikrech ewech, well d'Untersuchungshäftlinge musse regelméisseg virun engem Riichter oder engem Geriicht erschéngen.

Well et esou Plazen net masseg am Land gëtt a besonnesch well et sech hei ëm eng Fro vun nationalem Interessi handelt, ënnerstëtzt d'Commission juridique de Bau vun enger Maison d'arrêt an hir Membere wäerten, esou hoffen ech, sech asetzen, fir datt de Projet virukënnt an datt mer net dräi Éiwegkeete musse waarde bis datt déi Maison d'arrêt dosteet.

Um Niveau vum Strofvollzuch, niewent der Probatioun, der Libération conditionnelle an dem Contrôle judiciaire, kann een zwou Initiativen opzielen, déi et wäerten erlaben, géint d'Iwwerbevölkerung zu Schraasseg am Prisong virzegoen.

De Bracelet électronique ass elo an enger Testphas a bis 2008 sollte 40 fräiwëlleg Condamnéierter dovunner profitéieren. Well nëmme Persoune mat klenge Prisongsstrofen, déi eng Wunneng zu Lëtzebuerg hunn an enger Aarbecht oder Formatioun noginn, vum Bracelet électronique kënne profitéieren, wäerten et der net vill sinn, déi doduerch hir Strof kënnen doheem ofsëtzen.

Déi zweet Initiativ ass den Transfèrement. An anere Wierder kënne Condamnéiert, déi net hei am Land wunnen, an engem Prisong vun deem Land, wou se wunnen, hir Strof ofsëtzen. Bis elo huet missen de Condamnéierte mat sengem Transfèrement averstane sinn. Eng nei Décision-cadre um Niveau vun der Unioun, déi am Februar 2007 ugeholl gouf, wäert den Transfèrement och ouni Consentement vum interesséierte Condamnéierte méiglech maachen.

Wann déi Décision-cadre bis ëmgesat ass, kéinte bis zu 112 Condamnéiert, déi an engem anere Memberstat wunnen - dat war de Stand virun engem Mount -, an hiert Residenzland transféréiert ginn.

Här President, zu Schraasseg schaffen ass net einfach a mir mussen déi Aarbecht à sa juste valeur ugesinn. Gardienen, Infirmièren, Dokteren, Assistants sociaux mussen hir wichteg Aarbecht ënner schwéiere Bedingungen duerchféieren, an dat soll och eng Kéier ënnerstrach ginn.

Gardien ze sinn, heescht net nëmmen en Häftling vun A op B ze féieren an op si oppassen. Si sinn net nëmmen e Porte-clés. Si sinn en integralen Deel vum Strofvollzuch, deen een och misst als Service public ugesinn. A si sollen dofir iwwer hir Formatioun, am Kader vun enger École pénitentiaire, an iwwer hir Formation continue op déi eigentlech Aarbecht virbereet ginn. An déi Aarbecht ass net nëmme fir de Strofvollzuch am eigentleche Sënn vum Wuert ze suergen, mä och an der Resozialiséierung ze schaffen.

À propos Recrutement vu Leit, déi am Prisong schaffen: D'Astelle vum Personnel médico-social gëtt doduerch erschwéiert, datt déi Lëtzebuerger Nationalitéit erfuerdert ass. Mat ongefëier 66 verschiddenen Nationalitéite kann d'Fro vun der Bedingung legitim gestallt ginn, zumools hei beim Personnel médico-social keng Prérogative de puissance publique zur Debatt steet.

Här President, och wann en am Prisong ass, bleift en Häftling e Bierger, deen iwwer Rechter a Flichte verfügt, ausser deenen, déi e vum Geriicht ewechgeholl krut, oder deenen, déi net compatibel mat sengem Statut sinn, notamment d'Fräiheet de se déplacer. En Häftling bleift awer nach ëmmer Bierger. Dofir sollten d'Rechter an d'Flichte vun den Häftlingen an engem Gesetz festgehale ginn.

Esou eng Loi pénitentiaire sollt ënner anerem de Charakter vu Service public vum Strofvollzuch unerkennen, déi fundamental Rechter vum Häftling virschreiwen, inklusiv säi Wahlrecht unerkennen a regelen, d'Zil vun der Haft - bestrofen a Resozialiséierung - virschreiwen, Haftbedingunge festleeën, inklusiv d'Hygiènesbestëmmungen, d'Agräife vum Médiateur, d'Formatioun an d'Aarbecht, an d'Sécherheet, d'Disziplinarrecht, d'Gestioun an d'Iwwerwaachung vun den Établissement-pénitentiairë festleeën.

Wat d'Iwwerwaachung vum Strofvollzuch ugeet, esou musse mer, wa mer bis de Protocole additionnel zur UNO-Konventioun géint d'Tortur approuvéieren, en onofhängegen externe Kontrollorgan opsetzen, dee mer bis elo net hunn.

An engem franséische Rapport vun 1999 huet den deemolegen éischte President vun der franséischer Cour de cassation etlech auslännesch Gesetzgebungen an dëser Matière ënnersicht. Dëse Rapport, deen zwee- bis dräihonnert Säite laang ass, kann och hei zu Lëtzebuerg vun Notze sinn, wa mer iwwert dësen zukünftege System nodenke mussen a wäerten.

Här President, d'Fraen hunn am Prisong manner Aarbechtsméiglechkeete wéi d'Männer. D'Frae kënnen net vun dem Régime de semi-liberté profitéieren. Si kënnen net op Giwenech gesat ginn, wat eng Diskriminatioun ass. Dat huet och schonn d'Madame Zimmer, deemoleg Déleguée du Procureur général d'État fir de Strofvollzuch, ugeprangert. Dës Diskriminatioun ass am 21. Jorhonnert hei am Land net ze erdroen.

Här President, wéi ech dat scho gesot hunn, ass d'Bestrofe vun deenen, déi géint d'Strofgesetz verstouss hunn an duerfir veruerteelt gi sinn, net déi eenzeg Zilsetzung vum Strofvollzuch. Déi aner gradesou wichteg ass d'Réinsertion sociale.

Wat hu mer gewonnen, wann nom Oflaf vu senger Strof en Häftling entlooss gëtt an näischt aneschters ze dinn huet, well e vläicht näischt aneschters kann, wéi sech erëm bei al Kolleegen ze beginn, an domadder erëm op déi schief Bunn, a sechs Méint drop erëm virun den Untersuchungsriichter, an duerno virun den Diere vu Schraasseg optaucht?

Ass dat e Succès fir de Strofvollzuch? Eng héich Récidive ass e Constat d'échec fir de Strofvollzuch. D'Réinsertion sociale fänkt net un, wann den Häftling aus dem Prisong entlooss gëtt. D'Réinsertion sociale fänkt vum éischten Dag am Prisong un. Déi, déi Schraasseg als véierstäregen Hotel ugesinn, sollte sech emol de Prisong vu bannen ukucken. D'Tensiounen an d'Klima am Prisong maachen et net einfach fir deen, deen do eragestach gëtt. D'Selbstmordquot am Prisong, wou Lëtzebuerg de Spëtzereider an Europa ass, ass siwemol méi héich wéi déi dobaussen. Si ass besonnesch an dräi Fäll besonnesch héich: An deenen éischten 48 Stonne vun der Haft, dat heescht de sougenannte Choc carcéral, bei Eenzelhaft aus disziplinaresche Grënn, a bei deenen, déi eng Famill hunn. Esou huet e franséischen Dokter gesot: «Ce sont ceux qui ont le plus à perdre qui se suicident en prison.»

Am Ufank vun der Haft soll e Bilan gemaach gi vum Häftling. D'Gesondheet - déi phy-

sesch an déi psychesch -, den Degré de dangerosité an den intellektuellen Niveau vum Häftling mussen iwwerpréift ginn. An duerno muss den Häftling an e Quartier arrivant gestach ginn. Him soll kloergemaach ginn, firwat hien do ass - an dat ass net nëmmen, well do e béise Riichter e strengt Uerteel gefällt huet - a wat fir Rechter a Flichten hien huet.

De franséische Conseil économique et social huet geschriwwen: «Pour le détenu, la question du sens de la peine est fondamentale. Le condamné doit comprendre pourquoi il est en détention, et prendre aussi conscience de la gravité des faits commis. Sans réponse à cette question, comment parler de s'amender et encore moins de se réinsérer?»

Seng Strof, wann hie bis veruerteelt ginn ass, soll individualiséiert ginn. Wann en Häftling Effortë mécht fir seng Réinsertion sociale, muss hien dofir belount ginn. D'Individualiséierung vun der Strof ass net nëmmen am Uerteel vu Bedeitung. An der Belsch hu se säit dem 1. Februar en Tribunal d'application des peines virgesinn, deen aus engem Riichter an zwee Assesseurë besteet, vun deenen deen ee Spezialist vum Strofvollzuch ass an deen anere Spezialist vun der Réinsertion sociale. D'Individualiséierung vun der Peine soll och während der Haft ugepasst ginn. Dat soll een och zu Lëtzebuerg virgesinn.

Här President, den Häftling soll och d'Méiglechkeet kréien, fir am Prisong enger Aarbecht nozegoen oder/an eng Formation professionnelle oder Studien ze maachen. An deene Beräicher mussen d'Méiglechkeete weider ausgebaut ginn. Do bitt sech d'Geleeënheet, fir d'Aarbecht am Prisong juristesch ze encadréieren a fir aner Aarbechtsméiglechkeeten, wéi zum Beispill den Télétravail, virzegesinn.

Och sollt d'Verwaltung dem Häftling e Certificat aushändegen, deen hien dann engem zukünftegen Employeur ka virweisen an dee beseet, datt hien déi an déi Aarbecht zefridde stellend, wann net besser verriicht huet. Esou géif den negativen Impakt vum Casier judiciaire beim Employeur ausbalancéiert ginn.

An natierlech sollt och d'Entloossung aus dem Prisong virbereet ginn an duerch e Partenariat vun öffentlecher, privater an associativer Säit begleet ginn.

Här President, dat hei waren d'Grondzich, awer wierklech nëmmen d'Grondzich vum schrëftleche Rapport. Weider Detailer, Suggestiounen, Propositiounen, Reflexiounen a Räsonnementer kënnt Dir dann an deene 85 Säite vum schrëftleche Rapport noliesen.

Ech wéilt all deene Merci soen, déi der Commission juridique gehollef hunn, dës Debatt virzebereeden. Ouni hir Erklärungen, Suggestiounen, Kritiken a Motivatioun wär et net zu esou engem detailléierte Bericht komm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Justiz ass e permanente Chantier, un deem ëmmer muss geschafft ginn, ëmmer muss nogebessert ginn, wou een ni ka soen, et hätt een alles gemaach. Mir wollte keen technesche Rapport ausschaffen an deem Sënn, datt mer géife virschloen, wat fir eng Gesetzer solle geännert ginn, respektiv wat fir nei Projets de loi missten op den Instanzewee geschéckt ginn.

Et ass e Rapport fir en Débat d'orientation, well mer och wëssen, datt am Justizministère d'Aarbechtsgruppen u verschiddenen an eisem Rapport ugeschwate Punkte schaffen. D'Chamber huet och d'Recht, fir en amont hir Meenung ze soen. Si stëmmt jo och duerno d'Gesetzer.

Här President, 20 Réunioune vun der Commission juridique säit Oktober 2005 - mir hunn nach niewendrun 21 Projet-de-loien diskutéiert - hunn eis et erlaabt, fir e Rapport auszeschaffen, dee realistesch ass.

Et kéint een eis just virwerfen, datt eis Propositione finanziell Moyenen erfuerderen. Den Abraham Lincoln huet gesot zur Educatioun: «Si vous trouvez que l'éducation coûte cher, essayez l'ignorance.» Hei kann ee soen: Si vous trouvez que la sécurité coûte cher, essayez l'insécurité.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- que la sécurité est garante de l'exercice des libertés individuelles et collectives ainsi que des droits des citoyens et vice-versa;

- que les défis qui se posent pour la sécurité ont énormément changé ces deux dernières décennies, notamment en raison de l'utilisation de nouvelles technologies par les délinquants, du développement d'une criminalité financière et économique particulièrement complexe ou encore du caractère de plus en plus transnational de la criminalité;

- que les moyens techniques pour appréhender les auteurs d'infractions pénales ont également évolué, exigeant de la part des autorités policières et judiciaires des connaissances de plus en plus approfondies dans leur maniement;

- que la judicarisation du monde économique et de la vie sociale élargissent le champ d'action de l'autorité judiciaire qui constitue ainsi un élément essentiel de la société moderne;

- que par ailleurs la Justice est de plus en plus médiatisée;

- que cette médiatisation - dans une large mesure salutaire - ne contribue cependant pas toujours à une meilleure compréhension des rouages de la Justice et de ses acteurs;

- que le monde carcéral via l'exécution des peines participe au maintien de la sécurité publique au travers également de la prévention de la récidive et constitue d'ailleurs à côté des forces de police et des autorités judiciaires l'élément le plus visible de la prévention et de la lutte contre la criminalité;

- qu'il est également confronté à un certain nombre de défis dont le plus perceptible est sans aucun doute, mais pas exclusivement, la surpopulation;

- que des mesures sont régulièrement prises pour moderniser le droit et la procédure applicable en matière pénale et faire en sorte que les autorités policières et judiciaires soient à même de remplir correctement les missions qui sont les leurs, assurant ainsi la sécurité de tous les citoyens;

- que l'évolution de la perception du milieu carcéral et de l'exécution de la peine a fait bouger beaucoup de choses ces dernières années;

- que l'action de la police grand-ducale, des autorités judiciaires et des instances chargées de l'exécution des peines a un objectif tant répressif que préventif qu'il ne faut jamais dissocier;

- que la sécurité intérieure dans toutes ses composantes est un chantier permanent et doit être constamment repensée;

invite le Gouvernement à

en ce qui concerne la police grand-ducale,

- continuer ses efforts dans le recrutement des effectifs, tant policiers que civils, de la police grand-ducale et revoir l'effectif légal prévu par la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un corps de police grand-ducale en tenant compte des capacités de l'école de police et des contraintes de la formation continue;

- organiser une répartition efficace des forces de l'ordre entre les différentes unités territoriales;

- poursuivre le recrutement du personnel policier et civil au sein de la police judiciaire tout en tenant compte de la spécificité du recrutement au sein de la police judiciaire et des besoins de police judiciaire;

- résoudre le problème des détachements répétitifs et de longue durée afin d'éviter une désorganisation dans la gestion du personnel;

- élaborer une politique de communication de la police grand-ducale avec la population comportant une harmonisation sinon une uniformisation des heures d'ouverture des commissariats de proximité, une amélioration de l'accueil du public et une réduction du temps d'attente;

- veiller à doter la police grand-ducale d'une infrastructure adaptée à sa présence effective sur le terrain;

- revoir régulièrement les plans locaux de sécurité pour cibler le mieux possible les besoins dans une commune donnée et essayer d'établir un réseau le plus dense possible de ces plans locaux de sécurité répartis, sinon dans les régions les plus en proie à certaines formes de criminalité voire sur l'ensemble du territoire;

- créer au Luxembourg un véritable institut de médecine légale comprenant notamment l'activité de thanatologie ainsi que la médecine légale clinique;

- établir une liste des fonctions dont les titulaires se sont vu attribuer à un titre ou un autre la qualité d'officier de police judiciaire et soumettre les titulaires de ces fonctions à une formation continue;

- réfléchir à une éventuelle extension des compétences des agents municipaux au respect d'un certain nombre de règlements communaux tels ceux relatifs à l'hygiène, aux foires et marchés, à la circulation dans les zones piétonnes ou encore à la police des bâtiments, en confiant à ces agents municipaux le pouvoir de constater des infractions par des avertissements taxés ou des amendes administratives, sans créer une police parallèle, tout en soumettant cette extension de compétences à un certain nombre de critères (par exemple qualifications, formation continue, pouvoirs des agents municipaux) et en veillant à une meilleure collaboration entre la police grand-ducale et les autorités communales;

- en matière de vidéosurveillance, veiller au strict respect de la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, justifier plus particulièrement l'installation d'une caméra de vidéosurveillance au regard des finalités poursuivies (prévention/répression) et procéder à une évaluation régulière des systèmes de vidéosurveillance;

quant à la justice pénale,

- éviter la création de nouvelles infractions pénales dont le trouble à l'ordre public n'est que marginal;

- effectuer un contrôle de la gravité des sanctions pénales en examinant la proportionnalité et la hiérarchie des sanctions attachées aux infractions pénales;

- poursuivre le recrutement échelonné de magistrats, de personnel administratif et de personnel du Service Central d'Assistance Sociale (SCAS) par le biais de plans quinquennaux à l'instar des lois du 24 juillet 2001 et du 1er juillet 2005 en veillant à une répartition adéquate entre les arrondissements de Luxembourg et de Diekirch;

- offrir aux magistrats et au personnel administratif des possibilités de formation continue;

- examiner la procédure pénale actuelle et supprimer les éléments de procédure qui n'ont plus de justification;

- veiller scrupuleusement à ce que d'éventuelles procédures pénales accélérées ne privilégient pas exclusivement la célérité de la procédure au détriment des droits de la défense;

- mettre en place un mécanisme de surveillance des délais des expertises ordonnées en matière pénale et prévoir des sanctions en cas de dépassement de ces délais;

- mener une réflexion approfondie sur l'introduction au Luxembourg d'un conseil supérieur de la justice, en s'appuyant sur l'expérience acquise en Belgique, afin d'assurer un contrôle externe de l'administration judiciaire, un contrôle de la sélection des candidats à la magistrature et des promotions des magistrats ainsi que l'exercice du pouvoir disciplinaire au sein de l'administration judiciaire, tout en veillant à éviter d'instaurer un contrôle politique sur celle-ci et de remettre en question les principes constitutionnels de l'indépendance des juges et de la séparation des pouvoirs;

- organiser la possibilité d'une cosaisine de deux ou plusieurs juges d'instruction, notamment dans des dossiers complexes et chronophages;

- examiner la nécessité du cumul dans le chef du juge d'instruction d'une fonction d'investigation et d'une fonction juridictionnelle au regard de l'efficacité de l'instruction et du respect du droit de la défense;

- améliorer les conditions de travail et revaloriser la carrière du juge d'instruction afin d'y attirer des magistrats spécialisés;

- inscrire dans le Code d'instruction criminelle le principe de l'opportunité des poursuites en veillant a ce qu'un classement sans suite se fasse sur base de critères objectifs de nature générale et qu'il soit porté à la connaissance des plaignants dans un délai raisonnable;

- mettre en place une politique d'ouverture de l'administration judiciaire aux médias tout en assurant l'objectivité de l'information et le respect de la présomption d'innocence, et instituer un porte-parole auprès des tribunaux, tant de l'arrondissement de Luxembourg que de l'arrondissement de Diekirch;

- assurer, en collaboration avec le Conseil de Presse, une formation du journaliste à la procédure pénale;

- améliorer l'accès au dossier, notamment par les avocats, tant au niveau des conditions matérielles qu'en ce qui concerne le moment où un tel accès peut avoir lieu;

- continuer l'informatisation de l'administration judiciaire en insistant plus particulièrement sur l'informatisation du dossier pénal;

- veiller à ce que les jugements et ordonnances rendus en matière pénale soient disponibles à brève échéance après le prononcé;

- inscrire dans le Code d'instruction criminelle le déroulement chronologique d'une audience en matière pénale en précisant que le parquet présente son réquisitoire avant les plaidoiries de la défense;

- intervenir auprès du Conseil d'État pour que celui-ci révise dans les meilleurs délais le projet de loi 5156 renforçant le droit des victimes d'infractions pénales;

- soutenir le service d'aide aux victimes et sensibiliser les autorités judiciaires afin qu'elles orientent les victimes qui le souhaitent au service d'assistance aux victimes du SCAS;

- mener une réflexion visant à la mise en place d'une structure protégeant les personnes en danger du fait de leur témoignage et instaurer une collaboration avec les services d'autres États membres de l'Union européenne en ce sens;

- veiller au développement de peines pénales alternatives;

- soutenir le SCAS dans la mise en place d'un réseau de partenaires prêts à accueillir les personnes condamnées à des travaux d'intérêt général et à prévoir des aides financières en ce sens;

quant à l'exécution des peines,

- poursuivre rapidement la construction de l'unité de sécurité du Centre socio-éducatif de l'État de Dreiborn en veillant à ce que cette unité de sécurité ait un caractère mixte et que les mineurs qui y seront accueillis ne soient pas en contact avec les mineurs placés au CSEE;

- construire une maison d'arrêt pour les personnes en détention préventive et déposer un projet de loi autorisant la construction de cette maison d'arrêt dans les meilleurs délais;

- développer le programme de placement sous surveillance électronique sur base des conditions retenues dans le rapport de la Commission juridique;

- déposer dans les meilleurs délais un projet de loi transposant la décision-cadre du Conseil JAI concernant le transfert vers l'étranger des personnes condamnées et détenues à Luxembourg;

- continuer le recrutement de gardiens en nombre suffisant, soit par le biais de l'armée, soit en recrutant en dehors de cette filière «traditionnelle», afin de permettre un encadrement approprié des détenus;

- améliorer la formation des gardiens dans le cadre d'une école pénitentiaire comprenant un enseignement multidisciplinaire et encourager la formation continue et la mobilité intra-service ou au sein de la Fonction publique des gardiens;

- impliquer les gardiens et la représentation syndicale, au-delà des missions de surveillance proprement dites, dans des études d'amélioration de la sécurité au sein des établissements pénitentiaires, dans le transport des détenus et notamment dans le suivi et la réinsertion des détenus;

- continuer le recrutement du personnel médico-social au sein des établissements pénitentiaires et ne pas appliquer de clause de nationalité lors de ce recrutement;

- établir dans le cadre d'une loi les règles qui régissent la vie au sein de la société carcérale, que ce soit entre les détenus et le service public pénitentiaire ou entre codétenus, en s'inspirant de la jurisprudence de la Cour Européenne des Droits de l'Homme, des règles minima pour le traitement des détenus des Nations Unies ainsi que de la recommandation R (2006) 2 du Conseil de l'Europe du 11 janvier 2006 sur les règles pénitentiaires européennes;

- permettre à un détenu de fixer officiellement son domicile dans l'établissement pénitentiaire qui l'accueille, afin d'éviter des radiations d'office au niveau du registre de la population et de lui permettre d'exercer ses droits et de remplir ses obligations en tant que citoyen en général et justiciable en particulier;

- établir un contrôle externe des établissements pénitentiaires, à l'instar des modalités de contrôle externe existant dans nombre de pays européens et comme exigé par le protocole facultatif se rapportant à la Convention des Nations Unies contre la tor-

ture et les autres peines ou traitements cruels, inhumains ou dégradants, signés par le Luxembourg le 13 janvier 2005;

- instaurer un régime semi-ouvert pour les femmes à l'instar de ce qui se fait déjà pour les hommes;

- consulter la Commission consultative nationale d'éthique pour les sciences de la vie et de la santé, sinon le Comité national d'éthique et de recherche sur la question de l'information des détenus en présence de codétenus souffrants de maladies infectieuses;

- mettre en oeuvre une politique de prévention des suicides afin de réduire significativement le risque de suicide en milieu carcéral;

- poursuivre les efforts pour encadrer les détenus souffrant d'une addiction aux drogues et à d'autres produits illicites, que ce soit par la mise en place de stratégies de prévention, de programmes d'abstinence, de cures de désintoxication, de traitements de substitution ou de programmes éducatifs et de soutien;

- intensifier les contrôles antidrogue pour déjouer le trafic de drogues et de produits illicites au sein des établissements pénitentiaires;

- mettre sur pied un système de brouillage en tenant compte des contraintes tant technologiques que médicales afin d'interdire l'utilisation de téléphones portables au sein des établissements pénitentiaires;

- inscrire la réinsertion sociale comme finalité du service public pénitentiaire;

- assurer l'individualisation de la peine par un système d'aménagement des peines en cours d'exécution au travers d'un tribunal d'application des peines à l'instar de ce qui existe en Belgique depuis le 1er février 2007;

- informer la victime de toute décision d'aménagement des peines concernant le détenu concerné;

- instituer une phase d'accueil pour tous les détenus qu'ils exécutent une peine ou qu'ils soient en détention préventive, lors de laquelle un bilan médical, psychologique du détenu sera produit et au cours duquel le détenu sera prévenu de ses droits et obligations;

- instaurer au sein des établissements pénitentiaires un quartier «arrivants» où seront regroupés les nouveaux détenus;

- intensifier les différenciations des régimes de sécurité au sein des établissements pénitentiaires et récompenser les efforts des détenus tant en ce qui concerne leur réinsertion sociale que l'exécution de leur peine;

- assurer aux détenus des possibilités de travail en nombre suffisant au sein du centre pénitentiaire, développer le travail à distance et s'inspirer des modèles de travail des détenus tels qu'ils existent à l'étranger, comme la coopération avec le secteur privé ou les institutions publiques;

- préciser le cadre et le statut juridique du travail en prison, y compris en ce qui concerne la couverture en matière de sécurité sociale;

- assurer le suivi des détenus qui travaillent en prison, sous la forme d'un tutorat assuré par ou en collaboration avec l'ADEM, en faisant délivrer par l'administration pénitentiaire un certificat au détenu attestant de son travail et de la formation professionnelle suivie en prison;

- développer les possibilités d'éducation et de formation professionnelles en prison;

- améliorer les conditions de détention au sein des centres pénitentiaires en veillant à la mise à disposition gratuite des produits d'hygiène élémentaires et à l'adéquation des prix de la cantine au pouvoir d'achat des détenus afin d'éviter et de combattre la paupérisation des détenus;

- établir une guidance postpénitentiaire à la libération des détenus en établissant un diagnostique d'avant sortie, encadrer le détenu qui recouvre la liberté afin de lui donner toutes les chances de se réinsérer comme membre de la société et doter le SCAS de moyens nécessaires pour assurer cette guidance postpénitentiaire, y compris l'intégration professionnelle des anciens détenus;

- prévoir des modalités de logement pour ceux des détenus qui sortent de prison et n'ont pas de moyens d'hébergement adéquats.

(s.) Patrick Santer, Xavier Bettel, Alex Bodry, Félix Braz, Aly Jaerling.

M. le Président.- Merci, Här Santer. D'Wuert huet dann d'Madame Colette Flesch.

Présentation de l'interpellation

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.*- Här President, Merci fir d'Wuert, wat Dir mer ginn hutt am Kader vu menger Interpellatioun iwwert d'individuell Fräiheeten an d'Tendenz vun der Regierung ze probéieren, iwwer Gesetzer, ënnert dem Virwand vun der öffentlecher Sécherheet an dem Kampf géint den Terrorismus an der organiséierter Kriminalitéit, op deene Fräiheeten ze empiétéieren.

Erlaabt mer fir d'éischt e Wuert iwwert d'Debatt zur interner Sécherheet ze soen. De Bléckwénkel vun enger Orientéierungsdebatt iwwert d'Sécherheet ass en anere wéi dee vun enger Interpellatioun iwwert d'individuell Fräiheeten, mä nach si se verwandt, an ech fannen an den Iwwerleeunge vum Patrick Santer, a senger Motioun, a sengem Rapport eng Partie Iddien, déi ech kann deelen.

Als DP-Fraktioun hate mir déi Orientéierungsdebatt iwwert d'Sécherheet gefrot a si frou, dass se haut stattfënnt. Mäi Kolleeg Xavier Bettel wäert zu deem Thema am Numm vun onser Fraktioun Stellung huelen.

Une voix.- Très bien.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.*- Ech wéilt awer elo schonn dem Rapporteur Patrick Santer Merci soe fir deen objektive Rapport iwwert d'Aarbechte vun der Kommissioun a fir seng proposéiert Motioun, déi eigentlech e Katalog ass vun den Ënnerlassungssënne vun der Regierung a ganz besonnesch vum Justizminister, dee scho säit Januar 1998 am Amt ass.

Individuell Rechter an intern Sécherheet hunn eppes mateneen ze dinn. Mä den Equiliber, deen zwëschent deenen zwee Begrëffer hiergestallt gëtt, ass eng Saach vun der Approche a vun der Sensibilitéit, wéi een un déi Froen erugeet. Der DP hir Approche ass eng aner wéi dem Minister Frieden seng.

De Minister peilt den Tout sécuritaire un, an oft schonn huet hie gesot: keng Fräiheet ouni Sécherheet. „Wer in Freiheit leben will, braucht Sicherheit." - esou zum Beispill de Minister am „Wort" de 24. Mäerz 2007.

E Joer virdrun, de 26. Juli 2006, huet hien därselwechter Zeitung gesot, a sengen Ae wär d'Prisonéierlager Guantánamo an den éischte Méint no den Attentater vum 11. September 2001 nozevollzéie gewiescht. Dëst weist d'Gewiichtung, dëst weist d'Prioritéiten, déi de Minister Frieden zwësche Sécherheet a Fräiheet setzt. Zu esou enger Politik soe mir Neen.

Seng Prioritéit ass ganz kloer d'Sécherheet. Hie suggéréiert souguer, eng absolut Sécherheet wär méiglech. Dat ass eng geféierlech Illusioun. Eng absolut Sécuritéit bedeit eng absolut Iwwerwaachung a féiert zu engem Mangel u Fräiheet. Dësen Discours sécuritaire bleift jo och net ouni Afloss op ons Gesellschaft allgemeng. Ech wëll an deem Kader virun der ëmmer méi grousser Iwwerwaachung warnen, déi an onsem Privatliewen an an onsem Beruffsliewen antrëtt.

De briteschen Dateschutzbeoptragten huet viru kuerzem gesot - an ech zitéieren -: „D'Iwwerwaachungsgesellschaft ass keng Zukunftsvisioun. Mir liewe schonn dran." Enn vum Zitat. Dës Ausso soll ons ze denke ginn, well mir wëssen haut nach net, wéi eng Auswierkungen déi ganz Iwwerwaachungsmechanismen op d'Gesellschaft an den eenzelne Mënsch wäerten hunn.

Wéi entwéckelt sech e Mënsch, deen all Dag aacht Stonnen op senger Aarbecht vun enger Kamera iwwerwaacht gëtt, deem seng Tëlefonsgespréicher enregistréiert ginn? Mir wëssen et net. Ech fäerten allerdéngs, dass dee ganze Sécherheetswahn d'Grondlage vun onser Gesellschaft zerstéiert, nämlech d'géigesäitegt Vertrauen.

Mir hunn op jidde Fall eng aner Approche. Jo, mir sinn der Meenung, dass d'Sécherheet e wesentlecht Element vun engem Rechtsstat ass! A jo, de Stat huet d'Aufgab, fir d'intern Sécherheet ze suergen. Awer da sollen déi bestehend Dispositiver emol ugewannt a wann néideg reforméiert ginn.

Wann d'DP an der Vergaangenheet méi Poliziste gefuerdert huet, da war dat net an der Perspektiv vun engem Discours sécuritaire, mä an der Perspektiv, dass de Stat seng grondleeënd Verflichtunge vis-à-vis vum Bierger muss erfëllen. Wa mir op d'Mëssstänn am Prisong opmierksam gemaach hunn a fir e flexibele Strofvollzuch plädéiert hunn, dann ass et der DP dorëm gaangen, déi bestehend Strukture méi effizient ze maachen. Well dat ass och en Aspekt vum Discours sécuritaire: E schwätzt zwar iwwert d'Sécherheet, mä e féiert net zu méi Sécherheet.

Jo, Här President, mir sinn och derfir, dass de Stat ons Gesetzer muss adaptéieren, fir den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit ze bekämpfen, ouni dass awer dofir déi individuell Fräiheete sollen ageschränkt ginn.

Jo, d'Sécuritéit huet en objektiven an e subjektiven Aspekt. Ech wëll an deem Zesummenhang nëmme kuerz drun erënneren, wat de Rapporteur a sengem Rapport festgehalen huet iwwert dat subjektiivt Onsécherheetsgefill ënner onse Matbierger; woubäi een awer reng objektiv muss feststellen, dass hei zu Lëtzebuerg d'Kriminalitéit net zougeholl huet.

Genausou ass et och mam Onsécherheetsgefill par rapport zum Terrorismus. Den Ausmooss vun den terroristeschen Attentater huet zougeholl an d'Natur vun den terroristeschen Attentater huet geännert. Mä ganz objektiv - an d'Zuele beweisen et - ass d'Zuel vun deenen Attentater an deene leschte Joren zréckgaangen. Et muss een dem subjektiven Onsécherheetsgefill vun de Leit Rechnung droen. Et dierf een awer net onnéideg dat Gefill förderen an instrumentaliséieren.

Här President, als DP menge mir, dass an deem Equiliber Fräiheet a Sécherheet déi zwee gläichberechtegt sinn. Am Zweifelsfall si mer der Meenung, dass déi individuell fundamental Rechter - Droits de la défense, Présomption d'innocence, Recht net zu senger eegener Inculpatioun bäizedroen, Recht zum a Schutz vum Privatliewen - solle Virrang hunn. An engem Rechtsstat soll de Bierger kënnen drop zielen, dass seng fundamental Rechter garantéiert sinn.

Wann d'Wourecht soll festgestallt ginn, da muss no de Regele vun enger klorer Prozedur verfuer ginn. An d'Zil vum Opkläre justifizéiert net d'Uwendung vun egal wat fir enge Moyenen.

Iwwregens ass déi laangjäreg Fuerderung vun der DP fir méi Polizei net a Contradictioun mat dësen Aussoen. Mir mengen nämlech, dass et d'Aufgab vum Stat ass, fir ons Grondrechter ze schützen. Eng méi grouss Polizeipresenz ass dofir noutwendeg.

Här President, et stellt een iwwerall fest - net nëmmen zu Lëtzebuerg -, dass d'Regierungen de Kampf géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit gebrauchen, jo mëssbrauchen, fir op aussergewéinlech Prozeduren zréckzegräifen oder Gesetzer ze proposéieren, déi wäit iwwert d'Zil erausschéissen an individuell Fräiheeten a Fro stellen.

Ech wëll an deem Kader kuerz de Jean-Marie Cavada zitéieren, de President vun der Kommissioun am Europaparlament vun de Libertés civiles, de la Justice an den Affaires intérieures, deen an engem Interview zum Thema «Terrorisme: Il faut un équilibre entre la liberté de l'individu et la protection de la société civile» gesot huet - an ech zitéieren -: «L'État ne doit pas tout savoir... Ce n'est pas l'État qui contrôle les citoyens, mais les citoyens qui contrôlent l'État. Il faut éviter de mettre en place un dispositif qui risque de se traduire en un système de contrôle de masse.» Enn vum Zitat.

Mir warne virun engem iwwerdriwwenen a geféierlechen Discours sécuritaire a virun enger Dérive, déi de Justizminister derzou gefouert huet, ëmmer méi wäit gespaanten a repressiv Gesetzer ze proposéieren. Meng eege Parteifrënn hunn et an der leschter Legislaturperiod och net ëmmer fäerdeg bruecht, de Justizminister ze bremsen. Mir hunn dat beim ADN-Gesetz gesinn. Mä d'Sozialiste maachen et elo net besser an der Regierung. Mir hunn dat bei der ursprünglecher Fassung vum Projet de loi bei der Fouille des véhicules gesinn, wéi beim Projet 5588 iwwert d'Observatioun an d'Infiltratioun als besonnesch Méthodes de recherche, déi an de Code de procédure criminelle anzebaue sinn.

Här President, wa mer bei der Fouille des véhicules dem Minister gefollegt hätten, hätt d'Polizei egal wou, egal wann an egal wie kënnen duerchsichen, ouni ausdrécklecht Geriichtsmandat. E Protokoll hätt nëmme brauchen an dräi spezifesche Fäll gefouert ze ginn. Gott sei Dank huet de Statsrot d'Handbrems gezunn, an d'Chamber huet d'Recommandatioune vum Statsrot ugeholl.

Beim Projet 5588 huet de Statsrot och e kriteschen Avis geschriwwen an eng Opposition formelle bei der Infiltration policière ugekënnegt mat der Begrënnung: «...en raison des nombreuses interrogations que soulèvent les dispositions examinées en relation avec le principe de la sécurité juridique, le respect du caractère contradictoire de la procédure pénale et des droits de la défense». Enn vum Zitat. Mir kënnen nëmmen hoffen, dass d'Chamber erëm eng Kéier méi Verstand huet wéi d'Regierung an den Avis vum Statsrot unhëlt.

En anere Projet, bei deem mer wäerte ganz wachsam sinn, ass de 5565, deen de Magistraten an den Officiers de Police judiciaire Accès gëtt zu gewëssen Datebanke vu perséinlechen Donnéeë bei öffentlechen Instanzen. Den Avis vum Statsrot ass nach net do. Mä et soll hei erëm ëm de Kampf géint déi grouss an organiséiert Kriminalitéit goen, mat der Gefor, dass an deem Kontext d'Protektioun vun den individuelle Rechter iwwer Bord geworf gëtt.

Här President, zu Lëtzebuerg di mir ons iwwerhaapt schwéier mam Traitement vu perséinlechen Donnéeën. De 4. Mee 2006 hat ech eng Fro un d'Regierung gestallt iwwert de Mëssbrauch vun der sozialer Sécherheetsnummer duerch verschidden administrativ Instanzen. De Kommunikatiounsminister huet mer geäntwert - an ech zitéieren -: «Des évolutions récentes montrent ... que l'utilisation fréquente du numéro d'identité nationale dans les procédures et usages administratifs vient diluer la ligne de démarcation entre usages licites et non licites dudit numéro telle qu'elle avait été tracée par la loi de 1979.» Enn vum Zitat.

De Minister ass also en aveu an huet gemengt, et misst iwwert de Gebrauch vun deene perséinlechen Donnéeën an iwwert hire Schutz en profondeur nogeduecht ginn. Hien huet ugekënnegt, dass en Aarbechtsgrupp sech géif deene Froen unhuelen, fir d'Gesetzgebung ze revidéieren. Souwäit ech weess, ass bis elo do näischt geschitt.

Beim Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert de spezifesche Schutz vun der Persoun beim Traitement des données à caractère personnel, déi sech op den Handy an op den Internet applizéieren, muss de Provider perséinlech Date vum Expéditeur a vum Destinataire, den Datum an d'Dauer vun der Kommunikatioun während ganzen zwielef Méint halen. Alles dat ënnert dem Virwand vum Kampf géint den Terrorismus an déi grouss Kriminalitéit. De Retraçage vun elektronesche Kommunikatiounen ass applicabel an alle Fäll wou d'Gesetz eng Prisongsstrof vun zwee Joer virgesäit. Dat erënnert wahrscheinlech de Minister Krecké un eng Episod aus sengem parlamentaresche Liewen…

Ech kéint weiderfuere mat der Lëscht vu Gesetzer, déi adoptéiert gi sinn oder déi am Tube sinn ënnert dem Virwand vum Kampf géint den Terrorismus an déi grouss Kriminalitéit. Et muss ee sech froen, ob déi Gesetzer gëeegent sinn, fir Akte vun Terrorismus ze verhënneren, wann ee weess - an dat huet ee besonnesch bei deene leschten Attentater gesinn, souwuel zu New York wéi zu Madrid a wéi zu London -, dass déi oft enger neier spontaner Berufung entsprieche bei Leit, déi soss ni weider opgefall sinn. Meng Fro also: Erreechen déi Gesetzer dat gesatent Zil? Si se effikass?

Déiselwecht Gesetzer schéissen awer oft iwwert d'Zil eraus an erméiglechen zum Beispill den Zougang zu perséinlechen Date vu Leit, déi sech näischt zuscholde komme gelooss hunn. Respektéieren déi Moossnamen de Prinzip vun der Proportionalitéit? Schliesslech, sinn d'Kontrollmechanismen, déi Abusë solle verhënneren, ëmmer en place? Wéi ass et zum Beispill beim ADN-Gesetz? Oder eng aner Fro: Ass d'Commission nationale pour la Protection des données esou équipéiert, dass se amstand ass, hir Missioun ze erfëllen an d'Legalitéit vum Traitement vu perséinlechen Daten ze kontrolléieren?

An anere Wierder, ons schéngt et, dass d'Approche vum Tout sécuritaire vum Justizminister a vun der Regierung déi dräi Kritäre vun Effikassitéit, Proportionalitéit an ugepasste Kontrollen net erfëllt. Mir géifen also der Regierung roden, méi Rücksicht op d'Protektioun vun den individuelle Rechter vun de Bierger ze huelen, manner op den Tout sécuritaire ze setzen a sech déi Mëttelen ze ginn, déi hir erlaben, déi bestehend Législatioun, och déi, déi den Alldag betrëfft, korrekt unzewenden.

Här President, an deem Sënn déposéieren ech eng Motioun, déi de Moment nëmme meng Ënnerschrëft huet. Si ass ganz kuerzgefaasst an huet Elementer, mengen ech, an deenen all Mënsch, all Demokrat hei am Haus sech erëmfanne kann. Wann also aner Kolleegen aus anere Fraktiounen déi Motioun wëlle matdroen, da soen ech hinne schonn am Viraus Merci. Wann dat net sollt de Fall sinn, da si véier Kolleege vu menger Fraktioun bereet, déi Motioun mat ze ënnerschreiwen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- estimant que si la lutte contre toutes les formes de la criminalité organisée est nécessaire pour garantir la sécurité publique, elle ne justifie pas le recours à une législation exclusivement répressive et à des moyens disproportionnés;

- considérant que la modification de notre dispositif législatif ne doit pas aller au-delà des objectifs recherchés et empiéter sur les libertés individuelles;

invite le Gouvernement à

- veiller dans ce contexte au respect des libertés individuelles telles que notamment les droits de la défense, la présomption d'innocence, la propriété privée ou la liberté d'expression tout en s'assurant que les nouvelles méthodes et mesures envisagées peuvent être mises en oeuvre de façon efficace;

- veiller à la proportionnalité des mesures proposées en vérifiant que l'équilibre entre moyens déployés et buts recherchés soit garanti;

- veiller à ce que l'application de ces mesures soit soumise à un usage responsable par le biais d'un contrôle indépendant et impartial approprié.

(s.) Colette Flesch, Félix Braz, Lydie Err, Gast Gibéryen, Patrick Santer.

Här President, ech hat meng Interventioun...

(Interruption)

M. Charles Goerens *(DP).-* Dir däerft se ënnerschreiwen, Här Bodry.

M. le Président.- Här Goerens, Här Bodry, et ass de Moment un der Madame Flesch.

(Hilarité et interruption)

Jo, mä da maacht dat ënner lech aus, ouni d'Madame Flesch ze stéieren.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.-* Oh, Här President, ech hunn nach ganz vill Zäit viru mer an ech si bal um Schluss vu menger Interventioun. Ech hunn also Gedold.

M. le Président.- Ah, dann ass et gutt, Madame Flesch, wann et lech net stéiert, dann...

(Hilarité)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* D'Madame Flesch ass waarm a kal gewinnt.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.-* Sou ass et, an ech hunn et haut erëm erfuer, well meng Interpellatioun ass an eng aner Debatt agepaakt ginn. Et muss een hei waarm a kal gewinnt sinn!

Här President, ech hat meng Interventioun mat der Fro vum noutwendegen Equiliber tëschent Respekt vun individuelle Rechter an interner Sécherheet ugefaangen. Ech wëll mat enger Referenz op deen Equiliber endegen.

Am Juni vum leschte Joer, beim Vote vum ADN-Gesetz, ass eng Motioun an dësem Haus ugeholl ginn, déi d'Madame Doerner déposéiert hat an déi d'Regierung opfuerdert, ech zitéieren „bannen engem Joer de Point ze maachen iwwert déi ADN-Législatioun am pénale Beräich, fir se un déi nei wëssenschaftlech Evolutiounen ze adaptéieren a wouméiglech se mat neie Garantien ze ëmginn, déi dozou féieren, den Equiliber tëschent dem legitimen Zil vun der Sich no der Wourecht an dem Respekt vun de fundamentale Mënscherechter ze verstäerken". Enn vum Zitat vun där Motioun.

Här President, ech si sécher, dass de Justizminister, deen oft de Respekt ënnersträicht, deen hien der Chamber entgéintbréngt, d'Geleeënheet vun der heiteger Sécherheetsdebatt wäert gebrauchen, fir deem Wonsch vun der Chamber nozekommen an ons am Detail iwwert d'Initiative vu sengem Ministère an deem Beräich ze informéieren. Ech soen him am Viraus dofir scho Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Als nächste Riedner ass agedroen den honorabelen Här Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Xavier Bettel *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécherheet ass am Fong d'Absence vu Gefor. An da wär dann normalerweis de Contraire, d'Onsécherheet, e subjektiivt Gefill vun enger Gefor. Dat heescht, wann ee vu Sécherheet a vun Onsécherheet schwätzt, ass et ganz schwéier, eng kloer Definitioun ze hunn, wat een ënner Sécherheet ka verstoen a wat een net ënner Sécherheet ka verstoen, well fir dat woufir eng Persoun sech ka sécher fillen, kann eng aner Persoun sech onsécher fillen, an och de Contraire ass wouer.

Ech wëll hei am Numm vun eiser Fraktioun, Här President, wierklech dem Här Santer Merci soen, well säi Rapport ass am Fong en neutrale Rapport, e fidèlë Rapport zu den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, an en ass och e Mea culpa vun de Majoritéitsparteien, vu senger Partei am Fong, well se schonn de Justizministère jo awer ganz laang huet, vun all deene Punkten, déi misste gemaach ginn.

D'Motioun, déi mer wäerte stëmmen, ass jo awer e ganze Katalog vu Saachen, déi jo sollte verbessert ginn. Här President, wa mer keng Motioun haut misste stëmmen, da wär jo alles super, mä, ech mengen, wa mer eng Motioun vu sechs Säiten hunn, dann ass nach vill ze maachen.

(Interruption)

Jo, mä, Här Santer, den Här Frieden huet scho viru Joren...

À propos, ech mengen, dat wär dann direkt gemaach, ech iwwerreechen lech hei, Här President, fir den Här Frieden 80 Questions parlementaires, déi ech dem Här Frieden gestallt hunn iwwert déi verschidde Sujeten, déi mer haut och diskutéieren, wou der scho vun 2000 dra sinn, wou den Här Frieden da ganz genau ka kucken a sech och ka Froe stellen iwwert déi eng oder aner Saach, iwwert d'Effektiver vun CPen, vun CIen, vu Poursuiten, vu Faillites frauduleuses, wou ech dann och nach wäert drop zréckkommen.

Här President, wann et just méiglech wär, déi dann elo dem Här Frieden ze ginn.

M. le Président.- Ech denken, dass den Här Frieden déi am Ministère huet?!

Une voix.- Et ass e gesammelt Wierk, Här President!

M. Xavier Bettel *(DP).-* Neen, neen, den Här Frieden huet jo och elo d'Police kritt, déi jo virdrun net ënnert seng Kompetenz gefall ass, dat heescht, et ass eng Kollektioun vu menge Best of vu menge Questions parlementaires...

(Hilarité)

...iwwert d'Sécherheet, wou ech lech hei eng Compilatioun gemaach hunn.

Här President, wann een elo iwwert d'Sécherheet schwätzt - den Här Santer huet och säi Rapport a verschidde Punkten agedeelt -, da géif ech fir d'éischt gären iwwert d'Police schwätzen.

Bei der Police grand-ducale - an ech mengen den Här Santer huet et och scho gesot - sinn d'Effektiver e grousse Problem. Wann ee selwer héiert, wéi d'Police bei eis war, dass den CP vun Ëlwen heiansdo zou ass, well se net genuch Personal hunn, fir dee kënnen opzehalen! Wann ee gesäit, dass eng Gemeng wéi Keel op privat Entreprisen zréckgräift, fir kënnen d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren!

Op eng Question parlementaire, déi ech och gestallt hat, mam Här Gibéryen, dee se och gestallt hat, den 11. Abrëll, hate mer nämlech um Kongress vum Syndicat national de la Police grand-ducale matgedeelt kritt, dass d'Zuel vun de Leit, déi an den CPen an an den CIe sinn, vu 693 am Joer 2006 op 684 am Joer 2007 erofgaangen ass. Wann een och kuckt, dass an den „CI Lëtzebuerg" nëmme 16 nei Unitéite komm sinn, da geet dat wierklech net duer, wann ee weess, wat do fir eng Tâche op déi Leit zoukënnt.

Eppes däerf een och net vergiessen an den Dekonten, an dat ass och eppes wat ganz wichteg ass, wou net oft driwwer geschwat gëtt, mä wat och am Rapport steet, dat ass de Problem vun den Détachementer. Well ganz oft ginn dann och Polizisten duebel gezielt. Si ginn eng Kéier do gezielt, wou se kommen, a si ginn eng Kéier do gezielt, wou se affektéiert sinn. An en plus, well se awer net op där Plaz, wou se do détachéiert ginn, affektéiert sinn, kënne se och net do remplacéiert ginn, wou se komm sinn. Dat heescht, et ass zimlech komplizéiert.

Mä da gëtt gesot: Déi Leit aus dem CI-Stad oder CP-Stad hu genuch Leit. Et ass awer falsch, well déi Leit nach do soi-disant affektéiert sinn, mä op engem anere Service détachéiert gi sinn an och net kënnen ersat ginn, well si jo just détachéiert gi sinn a well dat keng definitiv Saach ass. Op jidde Fall ass dat net ganz sain. Da kann een och ëmmer mat den Zuele jongléieren.

Wann ee vun der Police schwätzt, muss een och nach eppes soen zum Suivi vun de Polizisten, den Engagementer vun de Polizisten. Ech mengen, eng ganz Rëtsch vu verschiddenen Deputéierte waren och elo beim Syndicat vun der Force publique, wou gesot ginn ass, dass d'Revalorisatioun vun der Brigadierscarrière misst ënnerstëtzt ginn an dass d'Leit net nëmmen eng 8e, mä eng 9e sollen hunn. Ech hunn déi Fro elo iwwer Question parlementaire gestallt, duerfir brauch ech et hei net och nach eng Kéier ze maachen.

Bei der Police musse se och déi adequat Moyenen hunn. Wann ee kuckt bei der Evasioun vum Nuka Kujtim, Här President, vu Schraasseg, dass do mat der Informatik verschidden CPen oder CIen d'Foto net kritt hate vum Nuka Kujtim! An d'Äntwerte vum Direkter vun der Police a vum Minister Frieden waren: Jo, mä et war e Begrëff ze wëssen, wien den Nuka Kujtim war!

Ech hunn et deemools scho gesot: Wann d'Leit keng Foto hunn, ass et schwéier, een unzehalen. Ech ka mer jo kaum virstellen, dass se, wann iergendzwousch en Auto ugehale gëtt, d'Leit froen: Bass du den Nuka Kujtim?, an hien engem spontan seet: Jo.

(Hilarité)

Oder: Erkennt Der mech net? Oder: Ech sinn deen an deen. Ech mengen, d'Police soll awer wierklech déi Informatikinfrastrukturen hunn, fir awer bei esou Fäll a bei esou geféierleche Leit op d'mannst informéiert ze ginn.

Wann ee vun Infrastrukture schwätzt, da muss een och vun der Gliesener Strooss schwätzen. Ass et normal, dass an der Gliesener Strooss nach ëmmer - wat e Provisorium war - de Siège vum Lima an de ganzen CI vun der Stad baséiert ass?

Ech mengen, d'Rue Glesener huet en plus e Parking, deen heiansdo Froe ka mat sech bréngen, well do kéint eng Persoun mat hirem Auto iwwer eng Locatioun erafueren. Et ass kee Parking, deen zou ass. Dat heescht, et si verschidde Polizisten, déi mech schonn drop opmierksam gemaach hunn, wann een eng Kéier wéilt eis ganz Police hei an der Stad an d'Luucht sprengen, dass een einfach en Auto misst hunn, wou een e géif mat Sprengstoff chargéieren an do erafueren; obwuel et iwwer Abonnementer geet, ech insistéieren. Mä et weess ee jo ni, wat fir een Abonnement ee ka kréien, well et jo net ganz reservéiert ass fir d'Police.

Mä virun allem, et ass elo net ëm de Parking wou et geet. Et sinn d'Infrastrukturen. Et ass jo net normal, dass d'Police déi lescht 20 Joer do an engem Provisorium souz. Et wier Zäit, dass d'Sue géifen deblockéiert ginn, fir dass den CI-Stad och anstänneg Aarbecht kéint maachen.

Wann een dann awer och kuckt wat heiansdo d'Poliziste vun Aarbecht hunn, wou se da Gemengereglementer musse kontrolléieren an esou, well selwer d'Gemeng keng Kompetenzen huet, ass et och wichteg, dass d'Leit, déi haut Agent-municipauxë sinn, gewësse Kompetenze kréien, fir zum Beispill Gemengereglementer kënnen ze kontrolléieren an och ze verbaliséieren. Ech mengen, dat géif der Police ganz vill hëllefen. Et wier och am Sënn vun enger besserer Organisatioun.

Iwwert de Prisong, Här President, do gëtt et och ganz vill ze soen. Ech hunn hei en Artikel fonnt vum 7. Juli 2000. En ass aus dem „Lëtzebuerger Land" vum Marc Gerges. Den Titel ass: «Prison = Dépotoir». An deem Artikel steet: «L',histoire de la prison de Schrassig' se résume ainsi à une accumulation de manquements divers, de mauvaise gestion personnelle, d'absence de volonté politique, de souci sécuritaire, de concepts faisant défaut, de bras de fer ridicules engagés entre les différentes parties.» Etc.

«Que la prison et les problèmes y liés soient à la une de la presse française a servi d'excuse au ministre de la Justice, Luc Frieden, lors de son interpellation au Parlement mardi dernier. Lecteur assidu du ‚Monde', il a constaté que le Luxembourg n'était pas le seul pays à connaître ce genre de problèmes, mieux, il s'est montré soulagé que le Luxembourg ne connaisse pas les problèmes autrement plus graves de la France. Frieden a fait état d'un sacré culot politique en utilisant ce raccourci douteux pour cautionner sa légèreté d'action. La politique pénologique luxembourgeoise connaît un problème structurel qui a pour origine une classe politique, ministre en tête, qui refuse de prendre ses responsabilités en la matière.» Also, den Text ass siwe Joer al, mä ech kéint en haut nach eng Kéier ënnerschreiwen.

Wann een elo déi verschidde Punkte kuckt, wéi et am Prisong ass, zum Beispill - ech huelen et Punkt fir Punkt - iwwert d'Drogen. Bon, d'Kommissioun huet elo net décidéiert, dass mer géifen eng Hondssektioun kréien am Prisong, fir op Drogen ze reagéieren. Ech fannen, et ass traureg, wann ee kuckt wivill jonk Leit an de Prisong kommen an nach keng Droge geholl hunn, an nodeem se e Séjour am Prisong haten, kënne se bal als Toxicomane ofgestempelt ginn.

Ech mengen, et ass scho ganz traureg, wann een awer liest, dass mer Leit hunn, déi un enger Iwwerdosis am Prisong gestuerwe sinn, dass mer Leit hunn, déi an d'Infirmerie bruecht ginn, well se mat Droge justement och eng Iwwerdosis gemaach hunn, awer nach net gestuerwe sinn, mä op jidde Fall an engem schlechten Zoustand sinn. Da kréien ech geäntwert: Et ass eng Fatalitéit. An all Prisong gëtt et Drogen. Déi jonk Leit soen engem awer carrément och am Prisong: Wësst Der, Här Bettel, am Prisong, do fanne mir Drogen, déi mer souguer bal net op der Gare fannen.

Ech fannen dat traureg, dass een d'Schëllere fale léisst, obwuel een awer all Kéiers wou een Drogenhënn agesat huet e positiivt Resultat hat an och Droge fonnt huet. Ech krut d'Äntwert: En Hond reagéiert net op all Drog. En Hond ass midd nodeem e geschafft huet. Ech mengen, mir hu Moyenen, fir Maschinnen ze kafen, fir Drogen ze fannen, wou kee weess wéi se ginn. Déi Maschinn gëtt och am Prisong net oft benotzt.

Déi Suen hätten och kënnen investéiert ginn, fir Hënn ze kréien, déi formèiert gi wären an déi och owes e puer Minutten agesat gi wären. Amplaz d'Päck de ganzen Dag erof an erop ze bréngen, hätt een d'Päck an engem Sall stockéiert, an deem d'Hënn op jidde Fall duerch d'Päck gaange wieren an ee se da bei d'Détenuë bruecht hätt. Dann hätt een op d'mannst dee Problem vun de Paquete mat Drogen évitéiert.

Mä et geet net nëmmen duer ze kucken, dass keng Drogen erakommen. Et soll een, well et eben eng Fatalitéit soi-disant ass, awer kucken de Suivi ze maachen, a virun allem Méiglechkeete gi fir déi, déi Drogen huelen, dass se méi activement e Methadon-Programm kënne suivéieren; an op jidde Fall e bessere Suivi maachen. E bessere Suivi ass ganz, ganz wichteg am Prisong.

Ech stelle mer heiansdo d'Fro, ob de Prisong zu Lëtzebuerg net eng Machine à récidive ass. Dat heescht, wësst Der, et ass e bëssen esou wéi e Fidélitéitsprogramm. Wann een eng Kéier bis dobanne war am Prisong, da sinn d'Chancë ganz grouss, dass een erëmkënnt.

Ech hunn do e flotten Artikel fonnt, wou en Här gesot huet, dass de Problem, dee mer bei der Récidive hunn, deen ass, dass jiddfereen ëmmer a sengem Eck schafft. Dir hutt op där enger Säit den Travailleur social, Dir hutt op där anerer Säit de Psycholog, Dir hutt op där anerer Säit den Éducateur, op där enger Säit de Riichter an op där anerer Säit nach d'Giischtercher. Mä jiddferee schafft parallell.

Et wier vläicht och eng Kéier interessant, fir all déi Leit zesummenzesetzen, fir ze kucken e Suivi vun enger Persoun zesumme kënnen ze analyséieren, an net nëmmen, dass jiddfereen a sengem Eck schafft. Fir mech wier et wichteg, well et gëtt éischtens bei enger Récidive no baussen d'Gefill, dass eise Système judiciaire net fonctionnéiert, a wann en net net fonctionnéiert, en op jidde Fall da schlecht fonctionnéiert.

Et muss een de Leit och am Prisong eng Perspektiv ginn. Dat heescht, dass, wa se erauskommen, se net den Haass vis-à-vis vun all deenen anere Leit hunn oder et hinnen egal ass firwat se do souzen, mä dass se, net eng gewësse Culpabilitéit, mä awer räsonnéieren a wëssen, firwat dass se do souzen, an dass eng Strof net eppes Automatesches ass, mä och soll eppes Pedagogesches sinn.

Ech hu virdru scho geschwat vu Leit, déi am Prisong stierwen. Et ginn d'Iwwerdosen. Et ginn och d'Suiciden am Prisong. Ech mengen, dat beweist och, dass verschidde Leit einfach „no way" gesinn, dass se net wëssen, wat aus hirem Sort gëtt wa se eng Kéier bis erauskommen.

Intern gëtt et och Problemer mat den Infrastrukturen. Ech mengen, den Här Santer huet et scho gesot. Et ass Zäit, dass en neie Prisong kënnt. Et ass net gesond, dass e présumé innocent - et soll een net vergiessen, dass e Prévenu présuméiert innocent ass - an enger Zell sëtzt mat engem, deen Détenu ass. An ech muss insistéieren,

och wa gesot gëtt, et wier keen direkte Kontakt: Ee vun deene schlëmmste Pädophilen, déi mer an eiser Geschicht hunn, deen 20 Joer Prisong kritt huet, ass ënnen an engem Trakt, wou hien d'Kanner da gesäit, déi am Haff spadséieren. Ech fannen dat net gesond. Ech kréie geäntwert: Jo, si hätte kee Contact direct. Mä duerch d'Fënster ass dat awer méiglech. An ech fannen dat op jidde Fall ëmmer dramatesch.

Et si verschidde Léisungen, déi proposéiert ginn, wéi de Bracelet électronique. Mir sinn an enger Testphas, ass gesot ginn. Ech wier frou wann de Minister eis haut kéint soen, wat d'Resultater sinn, wéi oft de Bracelet électronique benotzt ginn ass, wat dobäi erauskomm ass, ob dat elo probant war, bei wivill Leit dat gemaach ginn ass, wat d'Durée ass, wat d'Resultater sinn a wéi et elo weidergeet. Mä ech hoffen, dass den Här Minister da vun iergendengem matgedeelt kritt, dass ech d'Fro gestallt hunn, well hien elo net hei ass.

Iwwert d'Infrastrukture wollt ech och soen, dass et immens wichteg ass, dass déi Mineuren endlech aus deem Prisong verschwannen. Dat ass eppes, dovunner schwätze mer schonn iwwer zéng Joer. Well ech sinn elo aacht Joer hei an där Chamber an ech hu gemierkt, dass mer elo schonn déi lescht aacht Joer driwwer diskutéieren. Et wier Zäit, dass och eppes do géif geschéien an dass elo och endlech e Suivi bei deene jonke Leit kënnt.

D'Madame Jacobs huet mer jo gëschter guer net op meng Fro geäntwert, wéi ech gefrot hunn, wéi et wier mat deene Jonken, déi placéiert gi vun engem Riichter, well se eppes gestiicht hunn, an déi, déi placéiert ginn aus Protection de la jeunesse vis-à-vis vun Elteren, déi eng Gefor sinn, an déi alleguerten am Moment zu Dräibur sinn. Et ass net normal, dass do en Agresseur mat enger Victime zesummen ass. D'Madame Jacobs huet verstan, dass eng Victime Agresseur kéint ginn. Et war d'Fro net doméinst. Wat katastrophal ass, dat ass, dass, well mer och net genuch Plaz hu fir jonk Leit, déi Victimë si vu verschidden Aggressiounen, déi an deeselwechte Foyer placéiert ginn, wéi do, wou och d'Agresseure sinn.

Mir hunn och virdru gesot: D'Gardienen - d'Giischtercher - hunn eng wichteg Roll am Prisong. Wann ee kuckt, wivill der krank sinn, wat de Suivi vu Giischtercher ass, wär et wichteg, déi och méi ze ënnerstëtzen.

A virun allem - mä et muss een awer soen, dass den Här Theis sech grouss Méi gëtt, fir ze kucken, all déi Komponenten, déi et am Prisong gëtt, zesummenzekréien - ass et net ëmmer einfach, mä wichteg, dass de Prisong net nëmme kee Polverfaass ass tëschent Détenuen a Personal, an dat ass jo scho ganz oft d'Situatioun, mä dass et och tëschent dem Personal an der Direktioun kee Gedeessems gëtt.

Här President, à propos Justice sinn och scho ganz vill Saache gesot ginn. Ech mengen, den Här Santer huet vill Punkten ervirgehuewen. Ech si frou, dass Dikrech dra virkomm ass, well ech muss lech elo ganz éierlech soen, mir hunn och als Kommissioun d'Riichteren aus der Stad gehéiert. Mir hunn d'ganz Equipe gehéiert, mä d'Dikrecher Leit hunn heiansdo d'Gefill, dass se an dësem Land esou e bëssen e Stéifkand vun eiser Justiz wieren a se och ganz oft vergiess géife ginn. Ech si frou, wann an deem Text elo Dikrech iwwerall dran zitéiert gëtt.

Ech mengen, wann een en anstännegt Bezierksgeriicht wëllt zu Dikrech hunn, muss een och deene Leit d'Moyenë ginn, fir kënnen ze schaffen, an et soll een dann net nëmme kucken, wéi et an der Stad besser ka ginn, mä och wéi et zu Dikrech soll goen.

Wann een de Problem vun den Délaië kuckt, déi ganz oft zitéiert ginn, dann ass et esou, dass mir oft condamnéiert ginn, well et hei einfach ze laang dauert. Den Här Santer huet de Prinzip vun der Comparution immédiate e bësse kritiséiert, well e gesot huet, dass dat en Abattoir, eng Boucherie e bësse kéint sinn. En huet souguer en eminente Magistrat zitéiert, deen dat gesot huet.

Ech muss lech awer soen, ech war d'lescht Woch um Geriicht Circulatiounsaffäre plädéieren, Affairë vun Excès de vitesse, déi iwwer e Joer al sinn. De Problem ass, eng Justiz muss awer do sinn, fir d'Leit ze sanktionéieren. Wann een ze séier gefuer ass oder de Gurt net un hat an et gëtt een iwwer ee Joer duerno oder - virdrun hat ech esou eng Affär - 19 Méint duerno op d'Geriicht geruff: Wou ass do nach de Rôle pédagogique a psychologique vun enger Peine? Deen ass jo wierklech dann net méi ze verstoen!

An doméinst ass et scho ganz, ganz wichteg, dass d'Affären zimlech séier op d'Geriicht kommen an net esou spéit. Bon, normalerweis sinn et ëmmer dann eelef Méint an 29 Deeg, well bei de Contraventiounen d'Prescriptioun soss kënnt, mä ech fannen, et muss een um Tribunal d'arrondissement oder op jidde Fall beim Tribunal de police méi oft iwwert d'Ordonnance-pénalë fueren, well et bei den Ordonnance-pénalë ganz oft de Fall ass, dass bei engem Fall der gemaach ginn a bei deem anere Fall ginn der net gemaach an heiansdo huet een déiselwecht Situatioun. De Parquet jugéiert ëmmer d'Opportunitéit, fir eng Affär an d'Sitzung ze ruffen, an heiansdo versteet een net, firwat déi eng Affär dann an d'Sitzung geruff gëtt an déi aner net.

Wann een iwwert d'Dossiere schwätzt, muss een och den Accès zum Dossier net vergiessen. Ech mengen, wann Der eng Demande en liberté maacht, fir iergendeen aus dem Prisong ze kréien, oder fir iergendeng Restitutioun vun engem Objet, dann huet keen d'Méiglechkeet, den Dossier kucken ze goen. Weder d'Prévenuen nach eng Partie civile oder iergendeen anere kann den Dossier kucke goen - ausser dem Parquet. Dat heescht, de Parquet kennt ëmmer déi lescht Informatiounen, wann en an d'Chambre du conseil kënnt, an d'Sitzung kënnt, mä den Affekot, dee weess net, wat déi lescht Elementer sinn, déi an engem Dossier derbäikomm sinn.

Ech fannen dat net gerecht, an duerfir misst een och d'Méiglechkeet loossen an Zukunft, fir dass en Affekot oder Justiciabel op jidde Fall kéint en Accès zum Dossier kréien, dee méi grouss ass, wéi dat elo de Fall ass.

Bei der ganzer Justiz dierf een awer och net vergiessen, dass et verschidden Acteuren an der Justiz gëtt. Do ass fir d'éischt emol de Riichter an d'Fro, wéi e Riichter agestallt gëtt.

Ech fannen de System zu Lëtzebuerg net gutt. Zu Lëtzebuerg gëtt gekuckt, wie gutt Punkten huet. Deen, dee gutt Punkten huet um Cours complémentaire an duerno am Avouésexamen, kann da Riichter ginn. Dann ass ee Joer gesot ginn, dass awer nach géif gekuckt ginn, en Test psychologique mat de Leit ze maachen, en Entretien. Dat ass gemaach ginn, an do ware Leit, déi super Punkten haten, déi sinn net geholl ginn, an anerer, déi vill manner gutt Punkten haten, si geholl ginn.

Ech fannen dat net gerecht. Et soll e richtege Concours organiséiert ginn. Et soll eben einfach d'Méiglechkeet bestoen, dass een, dee wëllt Magistrat ginn, eben no sengem Avouésexamen e Concours ka maachen. Oder et gëtt gesot, et muss een eng Moyenne vun esou an esou vill hunn, fir kënne Magistrat ze ginn, an da mécht een e Concours no enger Formatioun oder e Concours d'entrée no sengem Avouésexamen, esou wéi dat a Frankräich ass. Do hu mer d'École Nationale de la Magistrature, déi zu Bordeaux ass. Do mécht een e Concours d'entrée op der ENM an da mécht een eng Formatioun an dann e Concours de sortie.

Et ass net normal, dass hei zu Lëtzebuerg am Fong e puer Leit décidéieren, wie Riichter gëtt, ouni dass do eng gewëssen Transparenz ass, ouni dass ee ganz genau Kritären huet, wou ee ka soen, et ass esou oder esou. Ech fannen dat net gesond fir e Rechtsstat.

À propos Magistratur muss ech och soen, dass d'Propositioun, déi mer hunn iwwert d'Introductioun zu Lëtzebuerg vun engem Conseil supérieur de la justice, ganz wichteg ass.

Ech wëll awer d'Nuancë brëngen tëschent der Motioun an dem Rapport. An dem Rapport vun der Commission juridique steet: «La Commission juridique accueille favorablement l'idée de l'institution d'un Conseil supérieur de la justice.» - an an der Motioun steet: «mener une réflexion approfondie».

Ech hunn de Rapport léiwer, Här President, vun der Commission juridique, well et méi positiv ass op jidde Fall wéi «mener une réflexion approfondie», wat jo dann e bësse méi Waasser an dat Ganzt brëngt.

Une voix.- Ce n'était pas l'intention.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ce n'était pas l'intention, mä da versti mer op jidde Fall, dass d'Intentioun an dee Wee geet, dass eis Commission juridique op jidde Fall méi favorabel ass fir dat eent a fir dat anert.

Wann een dat Ganzt awer kuckt, da soll een awer och iwwert d'Preventioun schwätzen a virun allem och iwwer alternativ Saachen. Wann een an d'Justiz kuckt, da gesitt Der, dass haut en Toxicomane zu Lëtzebuerg ganz oft bestrooft gëtt mat feste Prisongsstrofen.

Ech hunn héieren, an Dänemark hu se eng Alternativ. Een, deen net wëllt fest an de Prisong goe wéinst Toxicomanie, dee kann da méi eng laang Period op e Bauerenhaff schaffe goen, wou en och eng Pai kritt, déi blockéiert gëtt, a wou en dann op jidde Fall d'Méiglechkeet huet, och seng Suen ze halen a Perspektiven huet. Wann en awer positiv getest gëtt, muss e seng ganz Strof duerno awer ofsëtze goen an de Prisong. Ech fannen, dass et en Engagement ass vis-à-vis vun deene Leit, eng Responsabilisatioun vun deene Leit, an dat soll ee probéieren.

Ech fannen et traureg, dass een, deen haut zwou Boulettë Kokain bei sech huet oder Heroin, fir se ze verkafen, fir seng eege Consommatioun ze bezuelen, selwer als Kriminellen do behandelt gëtt an op jidde Fall dann an de Prisong kënnt, a guer net gekuckt gëtt, oder op jidde Fall net genuch gekuckt gëtt, wéi et em duerno geet.

Ech kann lech do zeg Fäll opziele vu jonke Leit, wou een op gutt Lëtzebuergesch géif soen, et ass e Vull fir d'Kaz, well hei zu Lëtzebuerg einfach déi Leit wéi Krimineller behandelt ginn oder egal wéi, op jidde Fall net wéi krank Leit, a mer net déi anstänneg Infrastrukturen hunn.

Last but not least gëtt et an all Prozess och nach eng aner Partei am pénale Prozess, wat eng Victime ass. D'Victimë si frustréiert hei zu Lëtzebuerg. Als Victime gëtt een net informéiert, wéi de Prozess leeft. Elo wëlle mer dat jo ännere mat den Texter, wat och wichteg ass, mä eng Victime hei zu Lëtzebuerg kritt heiansdo da matgedeelt: Hei, deen doten ass fort. Dat war elo de Fall bei enger schlëmmer Affär, wou d'Leit duerch d'Press gewuer gi sinn, dass déi Persoun fort war, dat heescht eraus war aus dem Prisong, dass d'Chambre du conseil se lafe gelooss huet. Ech mengen, dat kann e psychologesche Schock fir déi Leit sinn.

Et wär wichteg, och um Tribunal selwer vläicht Psychologen ze hunn. Mir hunn um Tribunal Leit, déi Riichter sinn. Mir sollen een hunn, dee mat der Press schwätzt. Mä mir hunn awer guer keng Leit, déi sech um Tribunal selwer dorëm këmmeren. Mir hunn de SCAS selbstverständlech, deen do ass, mä wann déi Leit selwer net mam SCAS Kontakt huelen, hu mir um Tribunal guer keng Persoun do. Wann iergendeen eng Kéier do géif Problemer hunn, nervlech Problemer oder op jidde Fall géif zesummebriechen, géif ech et wichteg fannen, dass een och do e Suivi géif maachen, fir d'Leit och ze informéieren, ze suivéieren, a fir dass d'Victimen net d'Gefill hunn, dass et egal ass, wat se am Prozess ze dinn hunn.

D'Victimen hunn heiansdo selwer d'Gefill, dass se als Coupabel mat op der Bänk dosëtzen a guer net gehollef kréien, a wa se dann nach hir Rechter wëllen akloen an en Affekot brauchen, musse se deen och nach bezuelen. Ech mengen, mir hunn do en Text, deen déposéiert ginn ass. Et wär wichteg, dass mer deen als Chamber géife stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo e bëssen den Tour gemaach vun deene verschiddene Punkten, déi fir eis wichteg sinn. Ech wëll wierklech nach eng Kéier réitéréieren - non bis in idem, dat ass jo eng juristesch Maxim - an dem Här Santer hei am Numm vun eiser Fraktioun e ganz grousse Merci soe fir déi vill Aarbecht an dee gudde Rapport, deen en hei ofginn huet.

Mir kënnen dee mat zwou Hänn ënnerschreiwen, mä dat ass eng Saach. Wat méi wichteg ass, ass de Suivi. Mir wäre frou, wann e Suivi kéim. Dir hutt et virdru gesot, et musse Moyenen do sinn. Un eiser Partei wäert et net hänken, fir dass deen nächste Budget vill Moyenë gëtt, fir alles dat duerchzesetzen, mä mir sinn nëmmen zu zéng. Kuckt Är Fraktioun an Är vis-à-vis, da geet et duer.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Elo huet déi honorabel Madame Christine Doerner d'Wuert.

Mme Christine Doerner *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Preparatiounsaarbechten zu dëser Debatt, réckbléckend betruecht, sinn net héich genuch anzeschätzen.

Ënnert dem Virsëtz vum honorabelen Här Patrick Santer hat eis Kommissioun den Optrag, d'Sécherheetssituatioun zu Lëtzebuerg ze iwwerpréiwen. Mir sinn an Etappe virgaangen. Fir d'éischt hu mer bei all deenen, déi sech hei zu Lëtzebuerg mam Strofrecht befaassen, Informatioune gesammelt. No Diskussiounen an der Kommissioun huet eise President sämtlech Analysen an engem remarquabele Rapport zesummegedroen. Zweeërlee huet sech hei erausgeschielt:

Éischtens, d'Veränderunge vun eiser Gesellschaft hunn och Auswierkungen op d'Strofgesetzgebung. Nei Forme vun Delikter sinn opgetaucht, anerer verléieren u Bedeitung, an d'Bestrofen an d'Behandlung vun de Schëllegen erfuerderen nei Weeër ze goen.

Eng allgemeng zweet Observatioun ass: Well et keng Gesellschaft ouni Kriminalitéit gëtt - dat wär eng Illusioun -, kann de Stat sech nëmme froen, awéiwäit a mat welche Mëttele sech d'Kriminalitéit op e Minimum beschränke léisst. Gutt Gesetzer kënne bis zu engem gewëssene Grad kriminalprophylaktesch wierken. Et ass zu engem groussen Deel dem Justizminister säi Verdéngscht, dass d'Delinquenz an deene leschte Joren ëmmer stabel bliwwen ass.

D'Justiz zesumme mat eiser Chamber hunn op dës nei kriminalistesch Situatioune mat zäitgeméisse materiellen a formelle Strofgesetzer reagéiert, entwéckele se permanent a lafend weider, an dat am Kader vun den europäesche Fräiheets- a Gläichheetsrechter. Am konventionelle Strofrecht hu mir Nobesserunge gemaach am Beräich vun der Tentative de vol et de viol.

Mir ginn awer och an dësem Rapport mam komplexen Thema vun der Gewalt konfrontéiert. D'Gewalt dobaussen op der Strooss gëtt oft staark iwwerschätzt, an d'Gewalt doheem an der Famill ënnerschätzt. No enger aler kriminologescher Wäisheet ass et méi wahrscheinlech, an der eegener Famill Affer vun engem Gewaltakt ze ginn, wéi an der ominéiser däischterer Gaass. Dofir ass haut d'Verhältnis vun engem Mann an enger Fra keng Privatsaach méi. Selbstverständlech nëmmen, wann et sech ëm d'Gewalt handelt.

Och d'Ekonomie an d'Finanzen hunn hiert Strofrecht. Et besteet d'Gefor, dass Lëtzebuerg opgrond vun eiser internationaler Finanzplaz mëssbraucht gëtt. Fir dass nei Wirtschaftsdelikten eis gutt Renommee am Ausland net éclabousséieren, hu mir légiféréiert an de Beräicher vun der Bestiechung, dem Insidertrading, der Cyberkriminalitéit an dem Bedruch mat Fälschung a mat Plastiksuen.

Lëtzebuerg huet sech awer och e gudde Ruff am Kampf géint d'Geldwäscherei an d'Terrorfinanzéierung geséchert. D'Blanchimentsgesetz ass niewent dem Finanzsecteur och op de Konschthandel an den Immobiliëmaart erweidert ginn. D'Affekoten, d'Réviseuren an d'Notairë si gehalen, dem Parquet économique Renseignementer iwwert de reelle Bénéficiaire vun enger Transaktioun matzedeelen.

Besonnesch problematesch ass awer d'Erfaassung vun Delikten, déi via juristesche Persounen, dat heescht Gesellschaften erfollegen. Lëtzebuerg kennt nach ëmmer de Prinzip: „societas delinquere non potest". Dat wëllt soen, nëmme physesch Persoune kommen als Täter a Fro. Dofir sollen och elo d'Administrateure vun engem Verwaltungsrot strofrechtlech poursuivéiert kënne ginn.

Wann et ëm organiséiert Verbrieche geet wéi Mënschenhandel, Zwangsprostitutioun, Autoschieber, Erpressung vu Schutzgelder, dann ass den Zeieschutz e wichtegt Thema. D'Erfahrung huet gewisen, dass grad an dësem Beräich d'Täter vill ze oft onbehellegt dovukommen, well et hinne geléngt, potenziell Zeien ze verschoteren. Bréngt de Parquet keng stéchfest Beweiser, mussen dës Verbriecher vum Geriicht fräigesprach ginn. Dofir soll den Zeieschutz, awer och den Afferschutz, an eis Strofprozessuerdnung ageschriwwe ginn.

Et kann een eisem Strofrecht virwerfen, dass sech nëmmen op den Täter zentréiert gëtt an nom Affer gëtt net gekuckt. Dat wëllt soen, hie gëtt sengem Schicksal iwwerlooss. D'Verletzunge vu senger kierperlecher, moralescher a sexueller Integritéit ginn net erfaasst. Souguer d'Medië schenken dem Affer net vill Attentioun. Aus Grënn vu Gerechtegkeet a sozialer Solidaritéit ass de Stat verflicht, sech mat der Situatioun vun den Affer vu Verbriechen ze befaassen.

D'Kriminalitéit huet eng international a mobil Dimensioun kritt. D'Grenze si fir d'Verbriecher en Avantage a plutôt eng Gêne fir d'Polizei an d'Justiz. Dofir ass en Haapthema vun eisem Justizminister Luc Frieden déi europäesch grenziwwerschreidend Kooperatioun mat der Justiz an der Polizei.

Fir de Biergerinnen a Bierger an der EU en héicht Mooss u Sécherheet ze garantéieren,

sinn eng Rei vu wichtegen Instrumenter an deene leschte Jore geschaf ginn.

Mir hunn den europäeschen Haftbefehl, mir hunn d'DNA-Datenbanken, d'Konventioun Europol an Eurojust, de Prümer Vertrag, an och am Beräich vun der internationaler Rechtshëllef si Projeten ënnerwee.

D'Gesetzer sinn awer nëmmen esou gutt wéi si agehale ginn, an hei spillt eis Polizei eng grouss a wichteg Roll. Hir Aarbecht limitéiert sech net op d'Verbriechen ze reagéieren, mä leet ganz vill Gewiicht op d'Preventioun. Haut si bal 10% vun de Poliziste Fraen; vun 1.475 Polizisten hu mer 143 Dammepolizisten. An dës Damme si souwuel a Kommissariaten um Land wéi an de Chefetage present a representéiert.

Frae bréngen eng aner Qualitéit mat, vun där mir all profitéiere kënnen. Si si genausou dichteg a fit wéi eis Männerpolizisten. Si verloosse sech méi op hir Kommunikatiounsfäegkeet wéi op hir kierperlech Kraaft. Si kënnen déi männlech geprägte Polizei e Stéck weiderbréngen. Si reagéieren effizient op Noutriff géint Gewalt am Stot, déi ëmmerhin d'Halschent vun alle Polizeiurgencen an de Gewaltverbriechen ausmaachen.

Niewent de Fraen huet eis Polizei awer och berufflech Quereinsteiger. Dat heescht Ekonomisten, Finanz- a Computerspezialisten. Mir duerfen net vergiessen, dass zum Beispill komplizéiert Fraudes fiscales mat Ramificatiounen am Ausland nëmmen ënner gréisste Schwieregkeeten a prononcéierte Fachkenntnisser kënnen opgedeckt ginn.

Am Ausland huet sech iwwregens erwisen, dass e Polizeicorps, deen net nëmmen op déi klassesch Polizeicarrière setzt - déi selbstverständlech ganz wichteg ass -, mä sech och anere Beruffer opmécht, iwwer eng gutt Betribskultur verfügt. An dat ass net ze ënnerschätzen, well Polizist ass keen einfachen Job.

Polizistinnen a Poliziste si mat haarde Situatioune konfrontéiert, déi oft ganz schnell ënner physeschen a psycheschen Uspannunge gemeeschtert musse ginn. Et geet erëm Rieds vun enger biergernoer Polizeiarbecht, vun engem partnerschaftleche Verhältnis mat de Bierger.

Am Grond handelt et sech hei ëm Polizei, déi am Quartier bekannt ass, déi e gutt Gespür fir d'Uleies vun de Mënschen huet. An alles dat zesumme mat den Agents municipaux, déi sech ëm d'Anhale vun de Gemengereglementer solle bekëmmeren. Dat alles dréit wesentlech zum Sécherheetsgefill vun der Bevölkerung bäi.

Mat der Sécherheet ass nämlech net ze spaassen. D'Attacken zu New York, Madrid, London an och d'Voitures piégées déi lescht Woch an England werfe Froen op. Et sinn net nëmme Froen no den Attentäter an hiren Hannermänner, mä och Froen no der Sécherheet vun eise Stied.

Fir dësen neie Risiken a Phenomeener vun der Kriminalitéit effikass ze begéinen, kann de Stat op speziell Iwwerwaachungsmethoden zréckgräifen. Entscheedend ass hei net ëmmer d'Iwwerwaachung, mä och d'Späicherung an d'Auswäertungsméiglechkeete vun dësen Donnéeën. De Schutz vum eenzelne Bierger muss och hei garantéiert bleiwen. Well d'Problematik ass, dass net nëmmen de Schëllegen, mä och eventuell Drëttpersoune betraff kënne ginn, déi mat den iwwerwaachtene Persounen a Kontakt stoungen.

Bei der Verwendung vun den Informatioune stelle sech dofir d'Froe vum Beweisrecht a vum Dateschutz.

„Wien e gutt Gewëssen huet, brauch d'Videobewaachung net ze fäerten." - Dës landleefeg Meenung geet awer net duer.

D'Politik huet och d'Aufgab, op Minoritéite Rücksicht ze huelen, déi skeptesch op dës nei Iwwerwaachungstechnologië reagéieren a se als Gëft fir hir perséinlech Fräiheet emfannen. D'Fro ass also, wéi wäit d'Polizei an aner strofrechtlech Autoritéiten an der Uwendung vu geheimen Iwwerwaachungsmethode goen duerfen.

Hei si verschidde Kritären ze bëuechten: eng kloer Rechtsgrondlag; e geziilten Asaz op sensibele Plazen; e verstännege Grond; d'Ofweie vun der Sécherheet déi eng Säit an de Schutz vun der Privatsphär déi aner Säit, an dat selbstverständlech no de strengen europäeschen Dateschutzrechter. Da sinn d'Kameraen net den Doud vun der Fräiheet.

An deene meeschten europäesche Länner iwwregens gehéiert haut mëttlerweil d'Videoiwwerwaachung zum Alldag. Wa Lëtzebuerg sech dee Moyen net géif ginn, kéinten hei geféierlech international Lücken entstoen, déi mir haaptsächlech spiere géifen am Kader vun der Schengen-Kooperatioun. De Stat wëllt d'Leit net ausspionéieren, mä appeléiert un d'Eegeverantwortung vu jidder Biergerin a Bierger.

Am Internet gi mir all, emol gewollt, emol ongewollt, ouni Bedenken net nëmmen eis Kreditkaartnummer, mä nach vill aner ganz perséinlech Donnéeën an, och mat esou Date kann ee mat e bësse Gescheck e ganz kloert Bild vun eiser Persoun molen.

Fir eis Geriichter ze entlaaschten, ass 2005 de Plan pluriannuel votéiert ginn, deen d'Effektiver vun de Riichter an de Greffieren eropgesat huet an dee mëttlerweil exekutéiert ass. Am Mäerz 2006 sinn d'Ermëttlungsmoossnamen duerch d'Mini-Instruction manner schwéierfälleg ginn. Bei klengen a klengste Strofdoten huet de Parquet d'Méiglechkeet, eng Affär ze klasséieren. Dësen Opportunitéitsprinzip soll bleiwen, mä no kloren a faire Kritäre geregelt ginn. Fir d'Zil „Die Strafe folgt der Tat auf dem Fuß" net ze verfeelen an de Risiko vun enger Verjährung ze vermeiden, soll de Parquet de Plaignant mat Zäiten informéieren, an dat a räsonnabelen Délaien. Esou kann dës Persoun eng Citation directe um Tribunal maachen.

Mä d'Vereinfachung an d'Accélératioun vun de Prozedure gëllen awer och an éischter Linn fir déi Leit, déi ënnert hirer eegener Strofdot leiden. Et soll een hinnen den Drock vun enger laanger an deierer Prozedur an d'Waarden erspueren.

Haut huet de Riichter ee Katalog vun alternative Moossname wéi d'Médiation pénale. Wann den Täter an de Geschiedegten averstane sinn, da kann de Parquet dëse Fall aussergeriichtlech traitéiere loossen. Wann eng Besserung oder Resozialiséierung ze erwaarden ass, gëtt de Prisong duerch eng Geldstrof ersat oder de Prononcé vum Jugement gëtt ganz einfach suspendéiert. De Riichter huet och d'Méiglechkeet, e Sursis intégral, partiel oder probatoire ze froe respektiv déi Travaux d'intérêt général auszespriechen. Hei kéint een drun denken, nei Méiglechkeeten an Netzwierker ze schafen, fir dës Travaux d'intérêt général an der Praxis gutt ëmzesetzen.

Dëse Rapport huet finalement och den Ustouss ginn, eise Bléck geziilt hannert d'Mauere vun de Prisongen ze riichten. De Winston Churchill hat e Sproch:...

M. Charles Goerens *(DP)*.- Hien hat der vill.

(Hilarité)

Mme Christine Doerner *(CSV)*.- Zu deem Moment war hien nach net Chef d'État.

...„Déi mënschlech Zivilisatioun vun engem Land kann een dorunner erkennen, wéi ee mat senger Kriminalitéit a mat senge Leit an de Prisongen ëmgeet." Dat heescht, d'Prisongsproblematik ass ëmmer an enger Evolutioun.

Hei zu Lëtzebuerg ass de Prisong eng reng staatlech Aufgab. D'Positioun vun de Gefaangene verdéngt eis Opmierksamkeet, well mir wëssen, dass d'Mënscherechter gëllen och hannert de Prisongsmaueren. D'Evaluatiounsindicateure vun engem Prisong sinn: d'Sécherheet vu bannen an no baussen, de Kascht, d'Gesondheetssoinen, d'Fortbildung, d'Fräizäit, d'Kontakter mat der Aussewelt, de Management an d'Disziplin. Trotz der Komplexitéit vun dësem Sujet kënne mir feststellen, dass eis Prisongen den europäesche mënscherechtleche Standarden entspriechen.

Am Interessi vun de Gefaangene sinn ëmmer erëm Verbesserungen ze maachen, an dat haaptsächlech um Plang vun der Réinsertioun an eis Gesellschaft. Mir dierfen hei déi wäertvoll Aarbecht vum SCAS, vum Info Prison an och deenen aneren Organisatiounen net ënnerschätzen. Um Buedem vun der Realitéit musse si dës Resozialiséierungsaarbecht an der Praxis ëmsetzen.

Awer a ville Fäll ass et keng sënnvoll Léisung, e Condamnéierten einfach anzespären. Dofir ginn ëmmer erëm nei Forme vun alternativem Strofvollzuch agefouert. Zum Beispill bei kuerze Prisongsstrofen ass eng Mëschung vu Fräiheet a Gefaangeschaft, dat wëllt soen déi Semi-Liberté, méiglech respektiv d'Suspensioun vun der Exécution de la peine an och elo de Bracelet électronique.

D'Zil ass hei eng besser Resozialiséierung, well d'Réckfallquot gëtt domadder massiv reduzéiert. Déi veruerteelt Persoun kann hir Aarbecht oder hir Ausbildung fortsetzen. En Auslänner, dee bei eis emprisonnéiert ass, kann awer och ënner verschiddene Viraussetzunge froen, seng Fräiheetsstrof a senger Heemecht ofzesëtzen. All dës Mesurë wäerten och ekonomesch e bessert Resultat bréngen.

Fir ofzeschléisse muss ech dem Rapporteur félicitéiere fir säin exceptionell gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, an dat am Intérêt vum Lëtzebuerger Strofrecht. Meng héich Unerkennung geet och un all Autoritéiten, déi mat hire wäertvolle Gedanken an Äusserungen dësem Rapport dat néidegt Gewiicht ginn hunn. Dësen Débat gëtt eis d'Opportunitéit, eis mat der Entwécklung vum Lëtzebuerger Strofrecht ausenanerzesetzen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Doerner. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry!

Duerno kënnt den Här Braz, an dann den Här Gibéryen.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net déi éischte Kéier, dass mir hei an der Chamber iwwer Froe vu Sécherheet diskutéieren. Et ass wouer, dass et schonn op 1986 zréckgeet, dass mer eng Orientéierungsdebatt haten iwwert déi dote Fro, mä an der Tëschenzäit hunn hei eng ganz Rëtsch vun Interpellatioune stattfonnt zu Deelaspekter vun deem doten Thema an hu mir och iwwert de Wee vun Diskussioune ronderëm eenzel Gesetzesprojeten d'Geleeënheet gehat, eng Rei vu prinzipielle Froen zu dësem Thema ze behandelen.

Dës Debatt ass gutt preparéiert ginn an der zoustänneger juristescher Kommissioun a mir hunn, mengen ech, a Form vum Rapport vum Patrick Santer och e ganz flott a komplett Dokument, wat eng gutt Virlag ass fir eis Diskussioun vun haut de Mëtten.

Ech wëll am Numm vu menger Fraktioun e bësse méi Prinzipielles soen, wéi mer als LSAP wëllen u Sécherheetsfroen erugoen, an da méi op d'Froe vun der Polizei a vum Afferschutz agoen. Meng Kolleegen, de Jempi Klein an d'Lydie Err, wäerten duerno aner Aspekter vun der Problematik behandelen.

Mä fir eis Partei ass et kloer, dass d'Recht op Sécherheet e Grondrecht vun all Mënsch ass, an et ass um Stat dofir ze suergen, dass dëst fundamentaalt Recht vum Bierger op Sécherheet vu senger Persoun a Sécherheet vu senge Gidder och garantéiert gëtt.

Am Grondsazprogramm vu menger Partei ass d'Sécherheet zu engem vun de véier Grondwäerter vun der Aktioun vun de Sozialisten erhuewe ginn. Als Sozialiste schwätze mir eis fir eng Sécherheet am breede Sënn aus, dat heescht fir eng Existenzsécherheet aus.

Mir sinn der Meenung, dass grad déi sozial méi Schwaach op eng ambitiéis, eng effizient Sécherheetspolitik ugewise sinn. Déi Leit, déi iwwer e gewëssene Revenu verfügen, kéinte sech à la rigueur hir Sécherheet kafen. Een, deen iwwer net vill Revenu verfügt, kann dat net maachen. Hien ass drop ugewisen, dass de Stat senger Aufgab nokënnt an dofir suergt, dass säi Grondrecht op Sécherheet garantéiert bleift. Sécherheet ass selbstverständlech och eng Viraussetzung fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt am grousse Ganzen.

Ech wëll awer gradsou soen, dass fir eis Fraktioun Sécherheet sech net drop beschränkt, fir méi Polizeipresenz ze froen an ëmmer erëm nei Gesetzer auszeschaffen. Och dat gehéiert dozou, mä dat ass an eisen Aen net onbedéngt dat Wichtegst. Ech mengen, d'Effikassitéit vun dem Asaz fir Sécherheet bedéngt och eng Ausenanersetzung mat de sozialen, de wirtschaftlechen, den institutionellen Ursaache vun der Delinquenz, dem Netrespekt vu Regelen am Zesummeliewen an enger Gesellschaft.

An déi ursprénglech Ursaache vun der Onsécherheet verlaangen deemno Verstäerkung vu politeschen Aktiounen a sämtleche Beräicher, déi mer hei aus Zäitgrënn haut net konnte behandelen, mä déi awer wichteg sinn, wann ee wëllt eng dauerhaft, eng nohalteg Léisung erbäiféieren; Asaz am Beräich vun der Schoul a vun der Ausbildung, am Sozialwiesen, am Urbanismus an an anere Beräicher.

Duerfir setze mer eis fir d'Schafe vun engem grousse Service public vun der Sécherheet an. E Service public, zu deem jiddferee muss Zougang hunn, e Service public, dee capabel ass, dem Striewen no Sécherheet an eiser Gesellschaft ze entspriechen.

Ech wëll drun erënneren, dass ënner direkter sozialistescher Verantwortung an der Regierung eng ganz Rëtsch vun Initiativen an deem Sënn iwwert déi lescht Jorzéngte geholl si ginn. Och un e Robert Krieps wëll ech erënneren, deen oft vill kritiséiert ginn ass fir dat, wat hie gemaach huet, mä deen awer effektiv d'Suerg hat, d'Sécherheet ze garantéieren, an awer gläichzäiteg och d'Suerg hat, Fräiheeten an individuell Rechter net opzeginn. An duerfir mengen ech si seng Initiativen am Beräich Afferschutz, seng Initiativen och am Beräich moderne Strofvollzuch eigentlech net méi ewechzedenken a ginn haut - dat berouegt een - net méi fundamental a Fro gestallt.

Ech wëll och drun erënneren, dass et fäerdeg bruecht ginn ass an der Vergaangenheet, eng komplett Reorganisatioun vun eise Polizeikräften duerchzefëieren; Fusioun vu Gendarmerie a Police verbonne mat enger neier Rekrutéierungsform an enger neier Ausbildung fir déi Polizeiberuffer. Och dat ass eng fundamental Reform gewiescht, déi och haut net méi ewechzedenken ass an déi och kee méi wëllt a Fro stellen a wou ech mat Satisfaktioun wëll feststellen, dass déi Optiounen, déi 1999 am Gesetz festgehale gi sinn, och konsequent duerno an der Praxis an d'Realitéit ëmgesat si ginn.

Haut schaffe mer also hei als Regierungspartei, an eiser Fraktioun, an der Chamber un der Weiderféierung vun deenen dote Reformen. Mir mengen, dass een net ka stoe bleiwen, well munches sech an deem Beräich weiderbeweegt huet an amgaang ass sech ze bewegen, an dass mer awer selbstverständlech weider d'Suerg mussen hunn, dat Gläichgewiicht tëschent Rechter a Fräiheete vum Eenzelnen op där enger Säit an der Noutwendegkeet vun engem sécheren, harmoneschen Zesummeliewen op där anerer Säit ze erreechen.

Mir däerfen op kengem A blann sinn, weder op deem vun der Preventioun nach op deem vun der Repressioun. An ech mengen, dass dee Sproch vum Tony Blair sécherlech och fir eis ka gëllen, wann och munch aneres net onbedéngt eis Zoustëmmung fënnt, dass een haart muss si géint d'Kriminalitéit, mä awer och haart an entschlosse géint d'Ursaache vun der Kriminalitéit muss virgoen.

Mir hunn eis dofir och als Partei ni hiräisse gelooss, fir e parteipolitescht Spill ze maache mat engem relativ breet verbreetent Gefill vun Onsécherheet, wat eenzel Kategorien an der Bevölkerung hunn. Mir hunn ëmmer probéiert eng Versachlechung vun der Debatt an där doter Fro ze erreechen. A mir stoungen oft bal eleng do, wann et dorëms gaangen ass.

Ech weess net, wéi ech déi Positioun vun der Demokratescher Partei kann haut interpretéieren, déi ganz ferm op dem Punkt vun der Verdeedegung vun de Mënscherechter war a gesot huet: Am Zweifelsfall éischter individuell Rechter héichzehalen, wéi d'öffentlech Sécherheet héichzehalen.

Wann een awer kuckt, wat d'Positioune vun dërselwechter Demokratescher Partei iwwert déi lescht Jore waren - an ech hat jo awer de Privileg vu Jore fir eng Zäit hei derbäi ze sinn, och als Minister vun der Force publique, an hunn nach a gudder Erënnerung wat sengerzäit vum mandatéierte Spriecher vun der Demokratescher Partei hei am Parlament zu Sécherheetsfroe gesot ginn ass. Do ass wéineg Rieds gaang vun der Noutwendegkeet fir déi individuell Rechter bäizebehalen, mä et ass virun allem e ganz düstert, schwaarzt Bild gemoolt gi vun der Sécherheetssituatioun hei zu Lëtzebuerg. Et hat ee praktesch Angscht fir nach op d'Strooss ze goen.

An ech erënnere mech hei u grouss Riede vum Här Grethen zu där doter Fro, deen hei praktesch alles schlechtgeriet huet wat gemaach ginn ass a gesot huet, dass eng onerträglech Situatioun hei zu Lëtzebuerg war/wier. Ech ka mech un Aussoe vum Här Rippinger zu dërselwechter Fro erënneren. Dat war eng ganz aner Tonalitéit wéi déi, déi ech haut bis elo an der Debatt hei vu Vertrieder vun der Demokratescher Partei héieren hunn.

Ech erënnere mech nach un déi grouss Ausenanersetzung, déi ech all Joer mat der Madame Polver hat, wann ech als Minister d'Statistike vun der Polizei virgestallt hunn. Da war eng Géigepressekonferenz vun der Madame Polver, déi do gesot huet: Ma neen, sou gutt wéi de Minister et duerstellt ass et net, et ass alles vill méi schlecht a puncto Sécherheet hei zu Lëtzebuerg!

Dobäi gesäit een, wann een haut d'Zuele kuckt, dass se an deene Jore praktesch déiselwecht wéi haut waren. Ech wëll hoffen, dass dat Bild, wat d'Demokratesch Partei

haut an dëser Debatt vu sech ginn huet, der Wierklechkeet entsprécht an dass dat effektiv dann e Broch duerstellt mat där méi populistescher Positioun, déi déi Fraktioun ganz oft a Sécherheetsdebatten hei an der Chamber virbruecht huet, besonnesch natierlech wa se an der Oppositioun war; wat se jo och elo ass.

(Interruption)

Och aner Leit sinn net ëmmer gefeit géint, géif ech soen, e bëssen Ausrutscher an deem dote Beräich. Dat gëllt och fir de Justizminister, deen och an der Vergaangenheet emol Aussoe gemaach huet, déi an eisen Aen e bëssen iwwert d'Zil erausgaange sinn, ze vill ausschliesslech d'Gewiicht op de Sécuritéitsaspekt geluecht hunn an net genuch gläichzäiteg och betount hunn, dass och aner Aspekter berücksichtegt musse ginn, dass praktesch eng Wäerterofweiung muss permanent vu Fall zu Fall an där heiter Matière geschéien. Mir mengen, dat soll net elo d'Haaptsuerg vun dëser Debatt sinn.

Mir wäerte weider weider matschaffen, wann et hei drëm geet, objektiv, friddlech wann et muss sinn, eenzel Initiative vun der Regierungssäit ze kucken. Dat hu mer an der Vergaangenheet gemaach. Ech erënneren un déi Diskussioun, déi mer ronderëm déi sougenannten «Lex Greenpeace» hei an dësem Parlament an der leschter Legislaturperiod haten, wou ech och den Androck hat, dass d'Demokratesch Partei déi an hirer Zäit awer mat am Regierungsrot guttgeheescht hat a wou schlussendlech awer no enger flotter Diskussioun, déi mer hei an der Chamber haten, gemeinsam décidéiert ginn ass, och vun der Regierung, fir net méi ze insistéieren op deem dote Projet an dee Projet dann och zréckzezéien.

Sou soll et och an all deenen anere Froe goen, wou mer keng virgefaasste Meenung hunn, wou mer bereet sinn, de Pro an de Kontra unzehéieren an ofzeweien, wann et drëm geet, iwwert den Témoignage anonyme ze diskutéieren, wann et drëm geet, iwwert d'Froe vun der Kameraiwwerwaachung ze diskutéieren oder nei Observatiounstechniken, déi solle legaliséiert ginn.

Do soll ee vu Fall zu Fall kucken, an ech mengen, dass do ëmmer manner de Prinzip selwer a Fro gestallt ass vun deene Moossnamen, déi proposéiert ginn, mä éischter d'Modalitéiten ënnert deenen déi Moossnamen do sollen oflafen. An ech mengen, dass mer bis elo och do besonnesch an der juristescher Kommissioun ëmmer, souguer iwwer all Parteigrenzen eraus, konnten eng flott, sachlech Diskussioun zu deenen Theme féieren. Mir wënschen eis als LSAP-Fraktioun, dass dat och an Zukunft wäert kënnen esou bleiwen.

Ech wëll awer och hei richteg verstane ginn an et muss een och eng aner Wourecht hei soen. Wann ee seet, Sécherheet ass e politescht Zil, wat mer hunn, da muss een och bereet sinn, sech d'Mëttelen ze ginn, fir déi Ziler do ze erreechen a legal a materiell Viraussetzunge schafen, dass déi Ziler och kënnen erreecht ginn.

Wann ee gemeinsam feststellt, dass d'Kriminalitéit och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi komplex gëtt, dass d'Kriminalitéit eigentlech och ëmmer méi gewaltbereet gëtt, dass och d'Delinquenten ëmmer méi op modernst technesch Mëttelen zréckgräifen, da muss et selbstverständlech sinn, dass Polizei- a Justizorganer mat deeneselwechte Mëttele kënnen äntwerten op déi nei Erausfuerderungen, déi kommen.

Mir musse also dofir suergen, dass se souwuel am preventive Beräich wéi och am repressive Beräich kënnen op déi nei Erausfuerderungen, déi nei Forme vu Kriminalitéit reagéieren. Selbstverständlech am Respekt vum Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet vun de Mëttelen am Kader vun enger Definitioun vun engem prezise legale Kader mat den appropriéierte Kontrollmechanismen. Dat ass dat, wéi mir eis dat virstellen. An ech kann eigentlech net erkennen, dass mer bis elo aus deem Kader an iergendenger Form erausgetratt wären.

Wann een e bësse méi genau op déi lescht Zuele kuckt, dann entdeckt een op där enger Säit, dass mer feststelle kënnen, dass mer eng relativ positiv Entwécklung hunn. Am Beräich vun den enregistréierte Strofdote stellt een op eng mëttelfristeg Period praktesch eng Stagnatioun fest. Et gëtt Variatioune vu Joer zu Joer, déi awer eigentlech weisen, wann ee se iwwer fënnef, sechs Joer kuckt, dass eigentlech d'Gesamtzuel vun de Strofdoten, déi hei gemooss ginn zu Lëtzebuerg, déi enregistréiert gi vun eisen offiziellen Organer, praktesch stationär bleift.

Ech stellen och fest, dass mer eng Opklärungsquot hunn, déi liicht Tendenz huet no uewen ze goen, déi natierlech an eenzelnen Delikter relativ niddreg bleift, wat net zefridde stellend ass. Mä och do denke mer eis jo, dass e méi staarke Réckgréff op d'Police scientifique an op aner Methoden et wäert iwwer laang Zäit erméiglechen, fir och do nach besser Resultater kënnen opzeweisen - wou och natierlech d'Kollaboratioun mat de Polizeiorganer ronderëm Lëtzebuerg och e ganz wichtege Punkt ass, an do ass jo an deene leschte Jore ganz konsequent en Opbau gemaach ginn, an dat fonctionnéiert och eigentlech ëmmer besser.

Ech stellen och fest, dass d'Zuel vun den Uerteeler op de Strofgeriichter amgaang ass eropzegoen, dass de Stock vun den Affären eigentlech och esou ass, dass et misst méiglech sinn, mëttelfristeg och do eng Verbesserung vun der Situatioun nach ze kréien. - Alles dat sinn eigentlech éischter méi positiv Indicer, déi ee feststellt.

Op där anerer Säit muss ech awer och hei nach op eng Zuel agoen, déi ech eigentlech hu missen zesummendroen, well se aus den offizielle Rapporten net esou ervirgaangen ass. Dat ass d'Zuel vun de klasséierten Affären. D'Zuel vun de klasséierten Affären hei zu Lëtzebuerg ass nach wie vor relativ héich. Déi läit fir d'Joer 2005-2006, wann ech elo déi Zuel vum Parquet Lëtzebuerg an déi vum Parquet Dikrech zesummerechnen, bei 6.430 Dossieren, déi an engem Joer hei zu Lëtzebuerg klasséiert gi sinn.

Ech géif soen, dass et do sécherlech an iwwer 90% vun de Fäll gutt Ursaache gëtt, fir dat doten ze maachen. Ech mengen, et sollt een och dee Prinzip vum Klassement net a Fro stellen, mä nach musse mer eis natierlech Regele ginn, Kritäre ginn, no deenen esou Affäre klasséiert ginn, fir dass do Transparenz an dee Klassementsmechanismus erakënnt.

Dat ass, mengen ech, eng legitim Ufuerderung, déi e Justiciabel och kann un eise Justizsystem stellen. Virun allem soll een awer och an Zukunft Aussoe vermeiden an déi Richtung, fir ze soen, et wéilt een, dass an Zukunft all Delikter net méi dierfte klasséiert ginn, dass also all Affär sollt verfollegt ginn. Esou eng Ausso ass vum Justizminister nach an der viregter Mandatsperiod gemaach ginn. Déi ass net ze halen, esou eng Ausso. An déi gëtt herno dann och, mengen ech, kee gutt Bild, wann een dat da mat den tatsächlechen Zuele vergläicht. Och do soll ee realistesch sinn, mä et soll ee probéieren, déi Klassementsprozedur a méi e kloer definéierte legale Kader ze setzen.

Mir wëssen och, dass mer opgrond vun internationale Verträg jo och gehale sinn, dass all déi Prozeduren an engem räsonnabelen Délai ofgeschloss ginn. Duerfir ass et och wichteg, dass een also mat Zäit d'Klassement vun engem Dossier matdeelt, well soss kënnt een an aner Diskussiounen eran, wat de Fonctionnement vun der Justiz an d'Rechter vun deem eenzelne Bierger ugeet.

E puer Wuert zur Polizei. Mir hate scho virun e puer Joer hei eng Kéier eng éischt Bilanzdiskussioun ronderëm d'Reorganisatioun vu Police a Gendarmerie. Dee Bilan war grosso modo positiv, an un deem Bild - mengen ech - huet sech och näischt geännert, wann een déi Diskussioune kuckt, déi mer an der zoustänneger Chamberskommissioun mat deenen eenzelnen Acteuren an deem dote Beräich haten.

Et gëtt Diskussiounen doriwwer, ob déi Servicer, déi als éischt elo opgebaut ginn, déi richteg waren. Doriwwer huet vläicht d'Hierarchie vun der Police eng aner Meenung wéi d'Gewerkschaften, mä dat soll net elo eis Haaptsuerg an dëser Diskussioun haut sinn.

Wichteg ass awer, an dat ass ee Mérite vun der viregter Regierung an och vun dëser Regierung, dass konsequent d'Effektiver opgebaut si ginn, dass konsequent rekrutéiert ginn ass. Duerch de Changement an eisem Rekrutéierungsmodus hu mer et och fäerdeg bruecht, genuch Kandidaten ze kréien, fir déi Posten ze besetzen. Sou dass mer also elo an der Situatioun sinn, dass mer wahrscheinlech an de Joren 2009, 2010 spéitstens um Effectif légal ukomm sinn, wéi et am Gesetz vun 1999 virgesinn ass. Dat war eigentlech och déi Zilsetzung, déi mer sengerzäit haten, fir ze soen, an zéng Joer sollt ee kucken op deem Effektiv ze sinn, deen d'Gesetz och autoriséiert.

Wichteg ass et, dass een och an Zukunft ëmmer erëm Suerg huet, dass déi Effektiver vun der Police sech parallell entwéckelen zu der Bevölkerungszuel a parallell entwéckelen zu de Missiounen, déi d'Police kritt. An och wann nei Missioune bäikommen, muss selbstverständlech och gekuckt ginn, dass dat Personal do ass an déi materiell Viraussetzung do ass, dass och déi nei Missioune vun der Polizei kënnen ënner uerdentleche Bedingunge gemaach ginn. Do kënnt jo elo déi nei Aérogare, déi opgeet - och do gëtt zousätzlecht Personal gebraucht. Deem muss een also och Rechnung droen.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Et muss een also och an deenen zwou Filièren, der polizeilecher Filière an der ziviler Filière, an Zukunft weider rekrutéieren, do wou et néideg ass.

Besonneschen Akzent muss och geluecht ginn op d'Formatioun; op d'Formatioun, déi geschitt an der Polizeischoul - do sinn eigentlech och ganz gutt Resultater erreecht ginn -, awer och virun allem op d'Formation continue an op d'Spezialisatioun, déi wichteg ass, fir gewësse Missioune kënnen ze erfëllen.

Eng Suggestioun, déi ee vläicht kënnt iwwerhuelen, dat ass déi, dass ee bei der Carrière vum Brigadier géif d'Formation de base, déi ee verlaangt, liicht eropsetzen. Dat ass sécherlech néideg, fir do och déi Leit ze kréien, déi een op där doter Plaz brauch.

D'Fro vun der Cité policière ass gestallt, selbstverständlech. Mir wësse jo, firwat dass d'Regierung dee Projet zréckgestallt huet. Ech huelen un, dass, wéi aner Projeten och, déi zréckgestallt gi sinn, dat nach eng Kéier frësch gekuckt gëtt, fir dann eventuell och dann op d'Schinne gesat ze ginn.

E Problem, dee sécherlech nach bleift, dat ass e Problem, dee sech situéiert an der Police judiciaire, déi staark ausgebaut ginn ass iwwert déi lescht Joren. Mä wann een do awer erëm de Rapport d'acitivité och vum Procureur hei an der Stad liest, gesäit een, dass nach e Problem besteet an der Dauer vun notamment der Behandlung vun den Dossieren am Beräich vun der Wirtschafts- an der Finanzkriminalitéit, wou et also och wichteg ass, dass och op deem doten Niveau an der Polizei wéi um Geriicht déi Leit mat den néidege Spezialisatiounen en nombre suffisant do sinn, fir an uerdentlechen Délaien och déi dote komplex Dossiere kënnen ze bewältegen.

Zum Schluss nach e Plädoyer fir ee Polizeicorps hei zu Lëtzebuerg. Mir haten der zwee. Mir hunn een doraus gemaach. Et geet net, dass mer op Ëmweeër erëm géifen nei Polizeicorpsë schafen, sief dat eng nei kommunal Police oder sief dat eng Douane, déi och géif eng Aart Police erëm ginn. Dat - menge mir als LSAP-Fraktioun - wär net de richtege Wee. Do soll ee sech selwer konsequent bleiwen.

Et soll een do also punktuell sécherlech eng Rei vu Reformen duerchzéien. Bei den Agents municipaux kënnte mer eis virstellen, dass esou Agents municipaux kënnen als Zousaz zu der Police fonctionnéieren, mä ouni Waffen, ouni d'Qualitéit vum Officier de police judiciaire oder vum Agent de police judiciaire ze hunn, mat kloer begrenzte Kompetenzen, wat d'Iwwerwaachung haaptsächlech vu Polizeireglementer an der Gemeng géif ugoen.

Ech mengen, do ware mer eis an der Kommissioun och grosso modo eens, dass dat dote kënnt eng Fro sinn, wou mer vläicht endlech da géifen en Duerchbroch erzilen, no laangen, laangen Diskussiounen zënter den 90er Joren.

Allerlescht Wuert zum Afferschutz, dat läit mer um Häerz. Ech hunn am Joer 2001 eng Proposition de loi hei erabruecht am Numm vu menger Fraktioun. Do läit och e Gesetzesprojet vun der Regierung vir.

Fir mech wär et wichteg, dass mer do eis Aarbechte géifen ufänken. Wann den Avis vum Statsrot net kënnt, mengen ech awer, dass dat doten esou e wichtege Punkt wär, dass mer deen an der zoustänneger Parlamentskommissioun scho kënnten diskutéieren, well et eng Fro ass, déi sécherlech fir vill Diskussiounen am Detail wäert suergen, mä awer eng kruzial Fro ass fir eist Verständnis vum Fonctionnement vun der Strofjustiz, wou mer musse vun engem System, wou bis elo ëmmer de Prévenu eigentlech am Zentrum vun de ganze Regele stoung, eriwwergoen an e System, wou d'Affer vun der Strofdot géif an den Zentrum vun der Strofprozessuerdnung réckelen, mat all deene Rechter, déi dat och bedeit, mat all deem Statut, deen en Affer muss kréien an engem moderne Strofsystem. Dat ass dee Wonsch, dee mer hätten a mir wëlle weider doru schaffen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

Mme la Présidente.- Merci, Här Bodry. Bleift Der nach eng Minutt hei, fir eng Fro vum Här Bettel ze beäntwerten?

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech hu just, well de President vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei sech jo vill Froe stellt iwwert d'Demokratesch Partei, mer selwer just d'Fro gestallt, wat hien dann als President vun där Décisioun hält vu Keel. Hien huet elo guer net geschwat iwwert d'privat Firmaen. Ass hien als President vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei dofir, d'Sécherheet ze privatiséieren, oder wat deelt hie vun der Meenung vu Keel?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech mengen net. Ech mengen, dass déi Keeler Initiativ falsch verstane ginn ass an dass zu Keel net vill aneschters gemaach gëtt, wéi dat, wat hei vun engem DP-CSV-Schäfferot an der Stad Lëtzebuerg gemaach ginn ass, wat d'Parken ugeet.

Ech mengen, Dir hutt la mémoire très, très courte, Här Bettel. Dir kënnt elo esou weisen...

(Interruption)

Ech mengen och, dass déi Gemengenaarbechter net kënnen eis Polizei ersetzen, ganz éierlech, an ech mengen also, dass do näischt aneschters gemaach gëtt, wéi dat, wat souguer dëst héicht Haus mécht - eis Chamber -, wou ech Leit gesi vu private Sécherheetsfirmen hei fir d'Sécherheet vun de Membere vun der Chamber suergen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption)

Mme la Présidente.- Deen nächste Riedner ass den Här Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Madame Presidentin. Et ass e bësse schwéier, haut de Mëtteg zu dësem Thema hei ze schwätzen, ënner anerem, well scho villes gesot ginn ass, mä och well esou e Rapport, dee mir als gréng Fraktioun fir e ganz gudde Rapport halen an en extrem komplette Rapport - net nëmmen an der Mass vun de Problemer, déi ee mam Fanger weist, mä och an der Mass vun de Virschléi, déi e mécht, fir aus de Problemer erauszekommen -, an enger Debatt nëmme ganz schwéier kann ëmgesat ginn.

Et misst een eigentlech e puer Deeg doriwwer schwätzen, wann een alles wëllt soen - wat natierlech kee Sënn mécht. Esou eng Debatt mécht net vill Sënn, esou dass hei haut de Mëtteg jiddferee sech kann déi puer Punkten eraussichen, déi him besonnesch wichteg sinn, an dat sinn da bei deene meeschten deelweis déiselwecht, deelweis anerer, mä et bleift, dass et eng fragmentaire Debatt ass par rapport zum Rapport.

Duerfir kann ech nëmmen am Numm vun der grénger Fraktioun jiddferengem recommandéieren - net nëmmen heibannen, mä och deene Leit, déi d'Geleeënheet hunn, sech e vläicht um Site vun der Chamber erofzelueden -, einfach de Rapport ze liesen. Deen ass wierklech da méi derwäert, dass ee sech mat em ofgëtt, dass een e liest.

Ob d'Debatt selwer iwwert dee seriöe Rapport schrecklech vill bäidréit, dat woen ech einfach ze bezweifelen, an ech bannen och do d'Interventioun vun där grénger Fraktioun mat an: Och déi wäert par rapport zum Rapport nëmme fragmentaire bleiwen.

Mir hunn eis an der Kommissioun wierklech vill Méi gemaach. Et sinn eng ronn 20 Entrevuë gewiescht. Et si Visiten derbäi gewiescht. Et ass wierklech probéiert ginn, e ganz komplett Bild ze zeechnen.

E spezielle Merci geet un eise President, den Här Santer, deen och als Rapporteur an als Auteur vum Rapport sech wierklech ganz vill Méi ginn huet, fir e Rapport ze maachen, dee wéi gesot net nëmme komplett, mä och am Toun eiser Meenung no dee richtegen ass.

Firwat soe mer, dass deen Toun dee richtegen ass? Dat ass, well de Rapport eigentlech en anere Rapport ginn ass wéi dat, wat d'Demokratesch Partei gefrot hat. D'Demokratesch Partei - ech muss mech do de Remarquë vum Här Bodry uschléissen - hat eigentlech eng aner Initiativ geholl deemools wéi dat, wat d'Kommissioun elo doraus gemaach huet.

D'Demokratesch Partei hat um Héichpunkt vun enger öffentlecher Polemik, wa meng

Erënnerunge gutt sinn, ronderëm dee mat Handyë versichten Ausbroch aus Schraasseg déi heiten Diskussioun ugereegt.

Do war et eng gewësse Polemik ginn, well mat Handyë probéiert gi war, eng Evasioun ze organiséieren, déi vun der Police konnt verhënnert ginn, wou awer d'Personal vum Prisong net agebonne gi war, aus deels verständlechen, deels manner verständleche Grënn, an an deem Kontext ass eng Diskussioun lancéiert ginn.

Wuel huet sech d'Demande net eleng op deen dote Fait bezunn,…

(Interruption)

…mä et war an deem Kontext, wou d'DP sech ganz staark bemierkbar gemaach hat, wou se uschléissend déi heiten Initiativ geholl huet, an et war eigentlech eng Initiativ, déi sech mat de méi sécuritairen Aspekter wollt beschäftegen. Duerfir heescht och déi Demande net zoufälleg «Débat sur la sécurité intérieure».

Wat d'Kommissioun allerdéngs doraus gemaach huet, ass, sech och domadder ze beschäftegen, well et ass e richtegt Uleies. Ech wëll net soen, dass dat keng wichteg Fro ass. D'Fro ass, wéi eng Äntwerten dass een op déi Froen do gett. Mä d'Kommissioun huet sech awer och doriwwer eraus méi generell mat der Thematik beschäftegt, net nëmmen aus engem sécuritairen Aspekt eraus, mä d'Kommissioun huet eigentlech probéiert, e Rapport ze maachen iwwert d'Situation pénale au Luxembourg an all de Voletë vun der Situation pénale au Luxembourg. Dat hale mer och fir dee richtege Wee.

Déi Initiativen, déi d'DP an der Lescht hält, déi fir eis positiv sinn, sinn drop ausgeriicht, fir sech méi mat de Froe vun de Biergerrechter ze beschäftegen. Duerfir wäerte mer se net kritiséieren. Mir wëlle just drop hiweisen, éierlecherweis, dass et awer e Revirement ass an der Positioun, déi d'DP an de leschte Jore geholl huet, wou se effektiv méi wéi eng Kéier op Sécherheetsproblemer higewisen huet, ob dat d'Brouilleuren am Prisong waren, d'Drogen am Prisong oder d'Evasiounen an anerer nach.

Ech kann lech och e Beispill ginn. D'Madame Flesch huet dat virdrun och an hirer Ried erwähnt, allerdéngs huet si vergiess ze erwähnen, wat d'DP als Positioun bei deem Vote hei an der Chamber hat. An dat war net ënnert der CSV-Fuchtel gewiescht, dat war schonn an der Oppositiounsfräiheet vun der DP, wou mer iwwert den «Paquet télécom» an der Chamber geschwat hunn. Deemools hat déi gréng Fraktioun drop higewisen, dass déi Vorratsdatenspäicherung zum Beispill an der Téléphonie mobile eiser Meenung no très largement exzessiv wier an a Contradictioun mam Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun.

Do huet awer d'DP sech deene Kritiken net ugeschloss. Dat war wierklech en Agréff eiser Meenung no an d'Fräiheet vun de Bierger, deen eiser Meenung no wierklech ze wäit geet, well en disproportionéiert war. Deemools huet d'DP sech nach net gewiert. Mir sinn awer frou doriwwer, dass mer elo…

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ass dat de Sujet oder net?

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ma, ech si ganz beim Sujet! Ech si ganz beim Sujet, Här Bettel,…

(Interruptions)

…mä ech weess, dass Dir vläicht net gären dorun erënnert gitt.

(Interruptions)

Mä et ass awer och ze einfach. Et ass awer och ze einfach. Neen.

Mme la Présidente.- Den Här Braz huet d'Wuert!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Madame Presidentin, ech muss awer dem Här Bettel, deen awer den Initiator heivunner war, kënne rappeléieren, dass déi Motivatiounen an d'Grënn, déi ugefouert gi sinn, wéi déi Debatt gefrot gi war, anerer ware wéi dat, wat haut gesot gett.

A mir si frou doriwwer! Mir maachen der DP dorauser kee Virworf. Mir si frou, dass mer elo zu méi sinn, déi probéieren, sech mat deenen doten Theme wierklech méi kritesch ausenanerzesetzen, well mir och d'Gefill hunn, dass an de leschte Joren ënnert dem Androck vun enger Rei Evénementer, notamment d'Attentater vum 11. September an déi vu Madrid, ganz villes an der Lutte géint d'organiséiert Kriminalitéit gemaach ginn ass.

A mir wëllen och net soen, dass dat net muss eescht geholl ginn. Bien au contraire! Selbstverständlech muss dat eescht geholl ginn. Mä heiansdo hu mer d'Gefill, dass een déi aner Säit vun där doter Medail iwwersinn huet oder aus den Ae verluer huet mat Momenter. A mir si frou, wa mer elo zu méi sinn, déi wëllen drop hiweisen, dass vläicht och erëm eng Kéier den Zäitpunkt komm wier, fir sech kritesch domat ausenanerzesetzen an ze kucken: Wou leie mer richteg; wou louche mer richteg; wou musse mer den Tir net rectifiéieren a wou musse mer eis awer erëm vläicht eng Kéier méi beschäftege mat den Aspekter vun de Grondrechter vun de Mënschen?

An duerfir si mer an deem dote Sënn frou, dass d'Kommissioun wéi gesot net en Débat nëmme gemaach huet iwwert d'Sécurité intérieure, mä wierklech eng Debatt gemaach huet iwwert d'Situation pénale mat all deem, wat domadder zesummenhänkt.

De Rapport ass a senger Presentatioun duerch den Här Santer opgebaut ginn doduerch, dass e sech fir d'éischt mat der Police beschäftegt, da mat der Justiz an da mat der Exécution des peines, a bannent deenen dräi Kapitele mécht en engersäits en Deel Repressioun an e mécht och anersäits en Deel Preventioun.

Perséinlech hätte mir léiwer gehat, mir hätten de Rapport e bëssen anescht opgebaut, mä vu dass mir en net hu misse schreiwen, wëlle mer elo och fairerweis net deem, dee sech d'Méi gemaach huet en ze schreiwen, schoulmeeschterhaft soen, wéi et besser hätt kënne sinn.

Mä eigentlech vun eiser Grondphilosophie eraus hätte mer gesot, mir hätten eis mat der Fro vun der Situation pénale du Luxembourg gäre beschäftegt mat engem Rapport, deen éischter opgebaut gi wär op Preventioun an da Repressioun, an dann do ënnendrënner déi dräi Voleten deklinéiert hätt, well mer nach ëmmer mengen, dass d'Preventioun ëmmer déi éischt Stuf ass vun der Sécuritéit an dat, wat muss virgeschalt ginn. Mä dat ass vläicht nëmmen eng Fro vu Presentatioun, an et wier och vläicht méi schwéier gewiescht, de Rapport esou ze maachen. Mä op jidde Fall wollte mer déi Remarque awer och gemaach hunn.

Och déi gréng Fraktioun ass der Meenung, dass d'Sécherheet e Grondrecht ass. Selbstverständlech ass dat e Recht, ouni dat et keng oder nëmme schwéier aner Rechter gett. De Gewaltverzicht an der Gesellschaft ass en Deel vum Contrat social, de Gewaltmonopol vum Stat ass am Prinzip en Idealzoustand an enger friddlecher Gesellschaft, an där wierklech sämtlech Rechter kéinte fräi exerzéiert ginn, sämtlech Biergerrechter kéinte fräi exerzéiert ginn.

Mir wëssen allerdéngs och, dass dat Theorie ass an dass mer um Wee dohinner eis och musse mat deenen Aspekter vun der Repressioun beschäftegen an och ofginn.

D'Fro, déi een awer kéint stellen a misst probéieren ze beäntwerten - haut - wär fir ze soen, majo mir hunn elo e Rapport gemaach, et ass net deen éischten, et gouf och an der Vergaangenheet schonn an der Chamber esou Analysen, dat wär dann d'Fro: Ass Lëtzebuerg dann elo méi sécher ginn oder manner sécher ginn an de leschte Joren? An op wéi engem Wee befanne mer eis?

Wann een d'Kriminalitéit an d'Sécherheet reduzéiert op Statistike vu Faitë respektiv vun Taux d'élucidation, da muss een eigentlech soen, dass d'Situatioun zu Lëtzebuerg méi oder wéineger stabel ass. Et gett eenzel Aspekter, wou d'Zuele réckleefeg sinn; et gett aner Aspekter, wou d'Zuelen e bësse geklomme sinn. Si sinn och e bësse réckleefeg insgesamt par rapport zu engem Taux, deen awer relativ héich war, deen e puer Joer virdrun a kuerzer Zäit relativ staark geklomme war, esou dass ee ka soen, ënnert dem Strëch, wann dat de Gradmiesser ass, dass d'Situatioun zu Lëtzebuerg plus ou moins stabel ass.

An et misst een eigentlech kritesch hannendrunhänken, dass déi Fusioun vu Police a Gendarmerie an d'Augmentatioun vun den Effektiver vun den Agente eigentlech net proportional bäigedroen huet zu enger Baisse vun de Faiten oder enger Hausse vun der Opklärung vu Faiten. Sou dass een awer och eng Kéier muss bei der Police analyséieren, dass also do déi méi grouss Zuel vun Agenten net onbedéngt am selwechte Mooss och Resultater huet bei der Aarbecht vun der Police. Dat just als Remarque. Mä vun där Remarque ofgesinn, ass eigentlech d'Situatioun zu Lëtzebuerg eng relativ stabel bliwwen.

Och no dëser Aarbecht, déi mer gemaach hunn an der Kommissioun fir ze analyséieren, mat wéi enge Pisten een d'Situation pénale zu Lëtzebuerg ka verbesseren, muss ee soen, dass een eigentlech och duerno nach ëmmer muss drop insistéieren, dass d'Haaptwierder, ëm déi et geet, nach ëmmer déi sollte sinn, dass et eppes gett wéi Droit à la vie privée, dass et eppes gett wéi Respekt vu Mënscherechter, dass et eppes gett wéi Présomption d'innocence.

Och Debatten iwwer Sécuritéit sollen net dovunner oflenken, dass dat doten unantastbar Prinzipië sinn an dass d'Mesuren, déi an déi dote Richtung ginn, fir mat de Policeinstrumenter fir méi Sécherheet ze suergen, hir Limitë mussen do hunn, wou déi dote Grondrechter ufänken. An dat soll och de Message vläicht sinn, dee mer probéieren haut als Parlament eriwwerzebréngen, dass och an enger Debatt iwwert d'Sécuritéit déi dote Wierder hir voll Plaz mussen hunn, och am Discours, dee mir hei féieren. Dat si keng Selbstverständlechkeeten.

Tentativen, fir un deene knabberen ze goen, gett et regelméisseg, net nëmmen zu Lëtzebuerg, och am Ausland. Och wann dat meeschtens a klengem Mooss ass, muss een awer oppassen, wat een do mécht, an et muss een ëmmer nees rappeléieren, dass ee sech soll esou wäit wéi et nëmme geet ewechhale vun deenen doten Tentativen, well déi ënnert dem Strëch - an dat seet och d'Motioun vum Här Santer an hirem éischten Tiret schonn aus, déi zu Recht drop hiweist, dass et keng Grondrechter gett ouni Sécuritéit, mä si seet och „et vice-versa" -, dass et eigentlech ouni Respekt vu Grondrechter ënnert dem Strëch keng wierklech Sécuritéit an enger Gesellschaft gett. An dofir fanne mer den éischten Tiret vun där Motioun och eigentlech een, dee vun der Grondphilosophie hier weist, wat am Recht vun der Motioun gemengt ass an a wéi enger Grondiwwerleeung dass déi Virschléi do formuléiert ginn.

An och no där Analys stellt ee fest, dass d'Haaptproblemer, déi mer an de leschte Joren diskutéiert hunn, tatsächlech nach ëmmer déi sinn, déi wesentlech sinn. Et dréit ganz villes ronderëm eise Prisong vu Schraasseg. Dat ass iergendwou awer nach ëmmer d'Kärstéck vun eise Problemer, an zwar well mer eis eiser Meenung no nach ëmmer net richteg a gutt genuch domadder beschäftegen. An zwar wëlle mer dat un engem Beispill festmaachen, wou eiser Meenung no wierklech den Haaptdefizit läit.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng Situatioun, dass mer mat Condamnatiounen d'Leit an de Prisong bréngen an déi Leit iergendwann eng Kéier nom Oflaf vun hirer Peine och nees de Prisong verloossen. Mir hunn dat an engem anere Mooss och am Beräich vun de Mannerjährege mat Dräibur. Mä Fakt ass awer, dass mer eis iwwerhaapt net mat der Fro beschäftegen, wou déi Leit hierkommen, wat d'Ursaachefuerschung ass bei deene Crimen an Delikten, déi do geschitt sinn, an och wat herno aus deene Leit gett.

Fir eis ass d'Privation des libertés am Kader vum Prisong e Passage, dee mer da géréieren ënnert dem Motto: „Kommt, mir probéieren ouni Ausbréch an ouni gréisser Schwieregkeeten déi Leit fir déi Zäit heibannen ze halen, wou se mussen heibanne bleiwen."

Wat duerno mat hinne geschitt, wat virdrun eventuell war, dat interesséiert eis ganz wéineg. A mir sinn och vun de Moyenen hier, déi mer bereet sinn als Stat dofir opzebréngen, fir dat besser an de Gréff ze kréien, relativ knéckeg.

Beispill: Eng ganz wesentlech Roll spillt an där do Debatt de SCAS. Mir wëssen, dass de SCAS vu senger Personalstruktur hier ongeféier een Drëttel nëmme vun deem Personal huet, wat en eigentlech misst hunn, wa mer d'Zuel vun Inhaftéierte kucken. Et weess een, et kann ee Sozialaarbechter +/- 25 Dossiere seriö verschaffen. Mir leien an der Moyenne awer bei ronn 70 Inhaftéierte fir ee Mataarbechter vum SCAS. Dat kann net funktionéieren!

Mir wëllen et och eigentlech guer net richteg wëssen, soss hätte mer zu Lëtzebuerg seriö Analysen a Statistiken iwwert d'Récidive. Déi hu mer awer net. Mir wëllen zu Lëtzebuerg net wëssen, wéi vill Leit, déi am Prisong waren, duerno erëm réckfälleg gi wieren. Well da misst ee sech vläicht mat där Fro beschäftegen, wéi gutt eise Prisong seng zweet Missioun erfëllt. Déi éischt, déi vum Ewechspären, déi funktionéiert jo.

Déi zweet Missioun, iwwert dem Ewechspäre mat de Leit esou ze schaffen, dass se hir Chancë kënnen däitlech verbesseren, net erëm eng Kéier an déi Situatioun ze geroden, déi se schonn eng éischte Kéier an de Prisong bruecht huet, mat där beschäftege mer eis net genuch. A mir wëllen et och eigentlech net gesinn, well mer doriwwer keng Statistike féieren. Mir stellen eis d'Fro net am Detail, wat mat deene Leit duerno geschitt.

Mir waren als Familljekommissioun virun enger Zäitchen zu Dräibur. An do, muss ech soen, huet eppes mech relativ staark erschüttert. Wou mer an der Diskussioun ware mat de Leit vum Centre Dräibur, hu mer als gréng Fraktioun zwou Froe gestallt. Eigentlech eng Fro mat zwee Versanten. An d'Äntwert, déi mer op déi Fro kritt hunn, war fir eis relativ erschütternd.

D'Fro war ganz einfach déi hei: Déi Jugendlech, déi Dir hei hutt, hutt Dir schonn eng Kéier analyséiert wou déi hierkommen? Wat sinn hir Hannergrënn? Wat ass hir Situatioun, firwat se hei gelant sinn? An zweetens - an dat ass geneesou wichteg -: Hutt Der e Suivi vun deene Leit gemaach, wa se bis hei eraus waren? Wéi eng Kanner, déi Dir hei hat, sinn herno ouni Problemer op e riichte Wee komm? Wéi eng Kanner hu Problemer kritt? Wat ass an der Zwëschenzäit geschitt, dass se Problemer kritt hunn? - Fir awer wierklech ze probéieren Ursaachefuerschung ze bedreiwen an och ze probéiere mat adäquate Programmer dofir ze suergen, dass et kann herno besser funktionéieren.

Zu eisem groussen Erstaune war d'Äntwert op déi duebel Fro déi, dass et dat zu Dräibur net gett. Dass et munches do gett, dass eng Rei Saache sech och verbessert hunn, och bei den Infrastrukturen, mä dass déi doten eigentlech evident a fundamental Analys net gemaach gett; a si gett gradsou wéineg zu Dräibur gemaach wéi se zu Schraasseg gemaach gett.

Net well mir dru gleewen, dass een einfach mat engem bestëmmtene Programm esou an der Logik vum „Behaviourismus" just op ee Knäppche misst drécken, fir garantéiert dann dat Resultat ze kréien. Mä well een awer weess, dass een ouni déi doten Erkenntnisser keng seriö Aarbecht ka maachen an dass een d'Chancen einfach verspillt fir eng ganz Rei Saachen ze évitéieren, och Strofdoten ze évitéieren, an domadder Affer ze évitéieren.

Une voix.- Très bien!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass net nëmmen am Intérêt vun deene Leit, déi déi Strofdote kéinten eventuell beginn. Et ass wéinstens geneesou vill am Intérêt vun deenen, déi dann net Affer gi vun enger Strofdot, well een doduerch, dass een do sech ganz staark drop konzentréiert huet, konnt verschidde Saache verbesseren.

Zu där do Diskussioun gehéiert natierlech och déi, a mir wëllen déi haut awer dann nach eng Kéier e bësse méi grouss erausbrénge wéi vläicht bei den Interventioune vun de Virriedner, dass och alles dat doten nëmme ka klappen, wa mer och bei den Infrastrukturen endlech op engem vernünftegen Niveau wären. Dat ass déi Diskussioun vun der Maison d'arrêt, wou mer endlech d'Infrastrukture musse schafen, ouni déi eng vernünfteg Aarbecht net méiglech ass.

An engem iwwerfëllte Prisong wéi en zu Schraasseg ass, ass ee permanent an der Urgence, permanent an der Brandbekämpfung, am eigentlechen an och am iwwerdroene Sënn vum Wuert. Et ass ee permanent amgaangen den Evénementer hannendrun ze lafen an et kann een eigentlech näischt méi steieren an näischt méi op eng bestëmmte Pist wëlle bréngen.

Dofir insistéiere mir als gréng Fraktioun nach eng Kéier - dat gett an der Motioun jo och gesot -, dass mer eis alleguerten dofir ausschwätzen, dass déi Maison d'arrêt gebaut gett. Mir rappeléieren nach eng Kéier als gréng Fraktioun eise Virschlag, dass mer hei an der Chamber eng detailléiert Motioun zum Vote bréngen, déi kloermécht mat wéi enge Kritären d'Regierung soll iwwert d'Land nom adäquate Site sichen. Dass mer e politesche Konsens op deene Kritären erreechen an dass mer also domadder d'Chancë steigeren, fir an der Prozedur herno kënnen op eng vernünfteg Aart a Weis virunzekommen. Well wat mer déi Infrastruktur éischter hunn, wat et éischter am Intérêt vun der Sécuritéit vun all de Leit hei zu Lëtzebuerg ass. Dass mer mat deene Strukturen och kënne schaffen an domadder am Sënn vun der Récidive a vun enger preventiver Politik kënne seriö schaffen.

Geneesou wichteg ass et, an dat wëlle mer och haut als ee vun den Haaptproblemer ënnersträichen, dass de Suivi social däitlech muss verbessert ginn. Net nëmmen d'Aart a Weis, wéi am Prisong mat de Leit geschafft gett, mä och wa se bis de Prisong verlooss hunn.

D'Réinsertion professionnelle, an domadder d'Réinsertion sociale, ass de Schlëssel vun allem. Et geet net duer, d'Leit just während

engem, oder zwee oder dräi Méint kënnen ze suivéieren. Dat ass eng Fro vun den Effektiver, och beim SCAS: Wann do net massiv opgestockt gëtt a konsequent opgestockt gëtt bei deem Suivi social a bei der Réinsertion professionnelle, da weess een, dass een d'Chancen zur Halschent minimum verspillt huet, déi een hätt, fir och do erëm eng Kéier eng ganz Rei Saache kënnen an enger preventiver Logik ze évitéieren.

Mir brauchen och eng Méiglechkeet fir déi Leit, dass se kënne wunnen, wa se bis de Prisong komplett verlooss hunn, och aus Dräibur eraus sinn. Dass se also eng Wunneng kréien, fir an enger éischter Phas sech kënnen erëm ze etabléieren. Ganz oft hunn déi Leit, déi de Prisong verloossen, keng Bindunge méi, weder zu Famill nach zu Kolleegen, an dat ass „Alarmstufe Rot". Déi Leit, déi an där Situatioun sech erëmfanne bei der Sortie vum Prisong, sinn déi, déi déi meescht Gefor matmaachen, fir an enger relativ kuerzer Zäit sech erëm net méi anescht wëssen ze hëllefe wéi doduerch, dass se iwwer Strofdote probéieren hir Situatioun ze verbesseren.

Dofir ass et nach ëmmer, wann een iwwer Situation pénale an iwwer Sécuritéit schwätzt, eng absolut Prioritéit, déi doten Aspekter an der Gestioun vum Prisong héichzehalen.

Wichteg ass et natierlech och - dat wëlle mer als Gréng och nach eng Kéier rappeléieren -, dass mer eis endlech d'Moyenë gi fir e Régime semi-ouvert bei de Fraen ze maachen. Mir fannen et en dauerhafte Skandal, dass et dat net gëtt, och wann et wéineg Leit natierlech sinn. Mä et bleift einfach e Fait, dee mer missten esou séier wéi méiglech aus der Welt schafen, dass et fir Männer e Régime semi-ouvert gëtt a fir Fraen net. Dat ass einfach eppes, wat schwéier akzeptabel ass.

Wichteg fanne mir et och an därselwechter Logik vun enger besserer Gestioun vum Prisong, wat de Médiateur an der Lescht gemaach huet, dass hie seng Aarbechten an Aktivitéiten an de Prisong vu Schraasseg era verluecht huet. Mir sinn och der Meenung, dass et wichteg ass, dass hie wierklech d'Recht kritt, Visiten do ze maachen, och wann hien net ugemellt wier. Dat hale mer fir eng Pist, déi prometteuse ass. Do soll ee sech net dergéint versteiwen. Dat ass eng Mesure géint déi kee Vernünftege kann eppes hunn. Dofir ënnerstëtze mer och gären déi dote Mesure.

Dann nach e puer aner Stéchwierder, déi awer méi kuerz.

Och d'Stéchwuert Vidéosurveillance, wou et effektiv an der Vergaangenheet lautstaark Appeler gouf, besonnesch wa Wahle méi no koumen, fir ganz vill Kamerae kënnen opzeriichten, och wann dat haut e bëssen an de Vergiess geroden ass. Och mir sinn der Meenung, dass op där doter Fro, och an där Gesetzgebung, déi mer amgaang sinn ze maachen, ee soll probéieren déi Prinzipien, déi ee wëllt verdeedegen, weiderhin héichzehalen. Et ass allerdéngs och do eng Fro vu Moyenen, vu Personal, notamment bei der Commission nationale de la Protection des données.

Déi Logik, déi mer am Moment amgaange sinn ze vertrieden an deem Projet de loi, déi op enger ganzer Rei vu Punkte fir eis kee Problem duerstellt, ass awer am Beräich vun der Installatioun vu Kamerae problematesch. Dat wäerte mer och dee Moment hei am Detail erklären, wou mer dee Projet diskutéieren. Et gesäit jo esou aus, wéi wann dat nach géif virum Summer kommen.

Mä et soll ee weiderhin derbäibleiwen, dass am Prinzip Kameraen nëmmen da solle kënnen opgeriicht ginn, wa se e prezisen a bestëmmten Zweck verfollegen, dee ganz prezis libelléiert muss sinn, an da muss een och préiwen, ob deen Zweck domadder konnt erfëllt ginn, a wann net, dann hunn déi Kameraen hir Daseinsberechtegung nees verluer.

Et ass kee Selbstzweck. Et ass näischt, wat ee soll maachen, well et eventuell e bësse kéint hëllefen. Entweder et huet een eng ganz prezis Ursaach, an déi kann ee prezis benennen, an da respektéiert een d'Prozedur, an dann huet dat och säi Sënn. An et muss ee kënne préiwen, ob deen Zweck och domadder erfëllt gëtt. Wann net, dann ass se disproportionéiert, mä et soll ni eng Solution de facilité sinn.

Wann dat weiderhin d'Regel bleift, dann ass dat eng Mesure, déi hire Sënn mécht. Mä mir hunn awer d'Gefill, dass et och aus Manktum u Capacitéit fir d'Realitéit am Grëff ze behale riskéiert zu enger Inflexioun an de juristesche Prinzipien ze kommen, déi d'Dier e bësse méi wäit opstéisst, well mir kapituléiere virun der Realitéit, dass mer et net fäerdeg bréngen, mat deene puer Leit, déi mer dofir hunn, tatsächlech déi Kontrolle vun den installéierte Kameraen och seriö ze maachen.

En aneren Defizit - do maachen ech gär eng kleng Dier op par rapport zu der Police -, nach ëmmer e ganz wichtege Problem - och am Rapport vun der Kommissioun gëtt dat erwähnt -, dat ass, dass d'Kriminalitéit net nëmme méi komplex ginn ass d'une façon générale, mä dass mer eis am Spezielle bei der Criminalité économique a financière nach ëmmer enger Partie Reprochë mussen aussetzen, well mer do enorm Retarden hunn, och wann do an der Lescht probéiert ginn ass, eng Partie Saachen ze verbesseren, och wann der natierlech deelweis ënnerginn ënnert den Demandes d'entrée judiciaire.

Mä et ass einfach um Niveau vun de Faillites frauduleuses eng onhaltbar Situatioun, wou mer wëssen, dass déi Sektioun vun der Police judiciaire einfach Problemer huet. Déi Leit maachen hiert Bescht, mä si hunn einfach Problemer fir och nëmmen halbwegs Schratt ze hale mat där meeschter krimineller Energie, déi ganz genau d'Faillë vum System an och d'Faillë vun der Repressioun kennt an zu hirem Intérêt op eng relativ konsequent Aart a Weis ausnotzt.

Zweet Remarque, vläicht um aneren Enn vun der Skala, beim Niveau vun den Incivilitéiten, vun de Klengegkeeten, déi bei de Leit awer dat Onsécherheetsgefill oft ervirruffen, dat dann herno de Ruff no méi Sécuritéit an och méi strenger a méi haarder Hand eréischt encouragéiert.

Dat sinn déi kleng Incivilitéiten, déi et an den Dierfer an an de Gemenge gëtt, am Beräich vum falsche Stationéieren, vun der Hygiène - déi doten Zort eben. Dofir ass och am Rapport zu Recht eng Ausféierung gemaach ginn iwwert d'Kompetenze vun den Agents municipaux, iwwert déi ee muss frësch diskutéieren, well mer jo awer alleguerte wëssen, dass d'Police an där dote Matière wuel skeptesch ass - d'Police ass ganz skeptesch, den Agents municipaux hir Kompetenzen ze erweideren -, si awer gläichzäiteg zumindest genausou onpresent um Terrain ass, fir déi dote Saachen och ze ahnden, well se natierlech an der Hierarchie vun de Valeure vun der Polizeiaarbecht anere Vergehen éischter nogeet an hir Aarbechtscapacitéit éischter verwennt op méi schlëmm Saachen, wéi dass se sech géif mat Knätschen, déi op den Trottoir gehäit ginn, oder mat Zigarettestëmp oder anere Saache wëllt ofginn, oder mat Autoen, déi falsch geparkt sinn oder déi um Trottoir stinn.

Mä dat ass awer bei de Leit eppes, wat net nëmmen extrem iergerlech ass, mä einfach och esou e Grondgefill vun Onrespekt vun de Regele vun der Gesellschaft mat sech eropbréngt, wat iergendwou déi éischt Couche ass fir den Terrain ze preparéieren, déi et herno anere Leit méi liicht mécht, no der haarder Hand ze ruffen a mat simple Léisungen op vill méi komplex Sachverhalter wëllen ze äntwerten.

Dofir ënnerstëtze mir och, dass et bei den Agents municipaux weider Kompetenze solle ginn, allerdéngs net am Beräich vun der Sécuritéit, mä effektiv am Beräich vun de Policereglementer oder och nach am Beräich vum rullende Verkéier a Fussgängerzonen oder bei ähnlech connexen Aspekter, wou mer der Meenung sinn, dass, wann d'Police et net mécht - an dat ass de Fall -, da muss et méiglech sinn, dass een aneren dat mécht, soss sinn all déi Reglementer Lettre morte an dat kann net sinn. Dat ass keng glécklech Situatioun.

Lescht Wuert zu der Motioun. D'Motioun ass fir de Bericht ganz grouss a ganz komplett. Bon, elo si Saachen dran, déi engem besser gefalen, wéi anerer. Dat ass esou wann ee probéiert e grousse Bericht an eng komplett Motioun ze maachen an et probéiert een e Konsens ze fannen, da si Saachen dran, mat deenen ee komplett d'accord ass, anerer, wou ee Retizenzen huet.

Mir bleiwe bei eiser Meenung, wat de Brouilleur betrëfft zu Schraasseg, dass do den Opwand, dee bedriwwe gëtt, a kengem Verhältnis steet zum Resultat. Och wann dat an der Motioun steet, ech soen dat einfach mëndlech. Dat ännert näischt drun, dass mer bereet sinn, déi Motioun am Konsens ze droen, well se wierklech insgesamt eng exzellent Motioun ass. Mä mir maachen déi Reserv awer do nach eng Kéier, fir dat nach eng Kéier kloerzemaachen, dass mer mat deem Passus vun der Motioun net esou d'accord sinn, well mer mengen, dass dat net dat bréngt.

Fir de Rescht géife mir eigentlech als gréng Fraktioun och soen, dass d'Leit sech vläicht éischter sollen op de Rapport konzentréieren, wéi op d'Debatt vun haut, dass mer och no deem Konsens, dee mer dann haut erreecht hunn iwwert d'Situation pénale, déi sech dann an där Motioun an an deem Rapport erëmspigelt, vu muer un och nees d'Regierung wäerten un de Faitë moossen. Net dorunner, dass mer et haut konnte fäerdeg bréngen, eng méi oder wéineger onpolemesch Diskussioun ze féieren an eis ze eenegen op ganz ville Pisten, op ganz ville Problemer, mä vu muer un ass d'Realitéit nees un, vu muer u gëtt erëm am Alldag Politik gemaach, net an de Rapporten an an de grousse Prinzipien. An do si mer net iwwerzeegt, dass dëse Rapport op verschiddene Punkten eng Inflexioun wäert mat sech bréngen, mä on verra!

Ech soen Iech Merci.

Mme la Présidente.- Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Madame Presidentin. Mäi Parteikolleeg Jacques-Yves Henckes sollt am Fong haut de Mëtten zu dësem Thema hei schwätzen. Well hie vun eiser Partei aus awer am Ausland ass, huet hie mech da gebieden, seng Interventioun hei virzedroen.

Den Här Henckes wëllt ufanks dem Président-rapporteur, dem Här Patrick Santer, Merci soen an him félicitéiere fir säi Bericht, wou hie sech vill Méi gemaach huet, fir e Konsens tëschent alle Parteien ze erreechen. Dat ass him och gelongen, mä et muss een awer och soen, datt e puer Meenungen, déi am Rapport festgehale goufen, mat enger Stëmm Majoritéit oder mat klenge Majoritéiten zréckbehale goufen. Des Weideren, souguer wann d'ADR mam Rapport als solchen insgesamt zefridden ass, gëtt et awer e puer Punkten, wou d'ADR léiwer méi kloer Aussoen a Fuerderungen un d'Adress vun der Regierung gemaach hätt, seet den Här Henckes.

(Hilarité et interruption)

Duerfir wëll ech kuerz déi Punkten ufféieren, op deene mir ganz d'accord sinn, an duerno op déi Froen agoen, wou mir net mat onser Meenung duerchkomm si respektiv déi net am Rapport berücksichtegt gi sinn.

Wat d'Statistiken ugeet, esou si mer d'accord fir ze soen, datt d'Statistiken iwwert d'Opklärungsquote falsch sinn, well zënter 2004 e Fall als opgekläert gëllt, wann eng Persoun als Kriminellen identifizéiert gouf, ouni datt se veruerteelt gouf. Duerfir ass d'Opklärungsquot vun 43,2% sécher ze héich, an egal wéi, bei Delikter géint Gidder läit d'Opklärungsquot bei 17,1%.

Mir begréissen, datt eng Iddi, déi mir schonn zënter Jore fuerderen, zréckbehale gouf, an zwar d'Schafe vun engem Institut médico-légal mat engem Departement iwwert d'Police scientifique. Dëst misst desto méi liicht sinn, well mer am Service vum Stat eng Persoun hunn, déi als international héich qualifizéierten Expert ugesi gëtt a Coursen op verschiddenen Universitéiten an Amerika zu dësem Thema gëtt. Hei heescht et endlech Neel mat Käpp maachen.

Ee Sujet, dee vill diskutéiert gouf, war d'Fro, ob een den Agents municipaux sollt weider Kompetenzen iwwerdroen an hinne sollt erlaben, fir d'Infraktioune géint d'Gemengepolizeireglementer festzestellen. D'ADR seet prinzipiell jo dozou, well et keng aner Alternativ am Ablack gëtt. Am Ablack muss ee ganz kloer feststellen, datt d'Police mat Recht seet, si hätt keng Zäit fir sech ëm Problemer vun Hondskacken op den Trottoiren, vu Froe vu Kaméidi an esou weider, déi a Gemengepolicereglementer festgeluecht sinn, ze këmmeren.

D'Bierger hirersäits soe mat Recht: Wat nëtzt e Polizeireglement wat e Gemengerot unhëlt fir d'Zesummeliewen tëschent de Bierger ze erméiglechen a fir déi ze sanktionéieren, déi sech net un elementar Rechter halen, wa jiddferee maache ka wat e wëllt, wëssend, datt en net bestrooft gëtt, wann e géint e Polizeireglement verstéisst? Dofir si mer mat de Virschléi, déi am Rapport festgehale goufen, ganz averstanen.

D'Kameraiwwerwaachung ass ouni Zweifel en Thema, wou et am däitlechste gëtt, wéi schwéier et heiansdo ka sinn, fir de richtege Wee ze fannen. Et geet duer, datt zu Lëtzebuerg en Attentat geschitt oder datt d'Kriminalitéit géint d'Leit zouhëlt, fir datt d'Bierger d'Noutwendegkeet vun der CCTV, dat heescht fir eng total Kameraiwwerwaachung nom englesche Muster, agesinn a froen. Mir si glécklecherweis net an där Noutwendegkeet.

Fir d'ADR sollen d'Kameraiwwerwaachungen nëmmen do realiséiert ginn, wou et heescht Sécherheetszonen ze schafen. Et ass kloer, datt punktuell Kameraiwwerwaachungen dozou féieren, datt d'Kriminalitéit sech verlagert, mä wéinstens bréngen se et fäerdeg, datt zum Beispill op Kannerspillplazen, wéi et de Fall an der Stad ass, keng Droge méi gehandelt ginn. Léisungen, déi am Rapport virgeschloe ginn, fannen eis Zoustëmmung, well mir mussen deen Equiliber fannen tëschent Sécherheet an individueller Fräiheet.

Mir sinn och der Meenung - a mir hunn dëst schonn e puermol zum Ausdrock bruecht -, datt d'Schafe vun engem Conseil supérieur de la Justice dozou dénge soll, dem Bierger d'Garantie ze ginn, datt d'Justiz och kann zur Rechenschaft gezu ginn, wann et aus iergendengem Grond emol kéint zu engem Patzer kommen.

Et ass och offensichtlech, datt den Zeieschutz muss gesetzlech organiséiert ginn. Mä mir wäerten op kee Fall mat anonymen Zeien d'accord sinn, well do all Abus virprogramméiert ass. Mä et muss séchergestallt ginn, datt den Zeien, souguer wann e geschützt gëtt, awer an öffentlecher Sëtzung seng Ausso muss widderhuelen an datt den Ugekloten dësem Zeie muss kënne Froe stellen.

An dem Kapitel iwwert den Zeieschutz gëtt och d'Problematik vum «plaider coupable» abordéiert, esou wéi et a Frankräich an an Italien gëllt. Dës Mesure gouf an der Kommissioun diskutéiert an et koum eng kleng Majoritéit géint dës Iddi eraus. Betraff sinn Infractiounen, déi manner wéi fënnef Joer Prisong no sech zéien a wou de Schëllegen, wann en direkt seng Dot zougëtt, ka vun enger reduzéierter Strof bénéficiéieren.

Dës Prozedur huet als Avantage, datt speziell bei Delikter, wou d'Instruktioun vill Zäit an Usproch hëlt, vill Zäit gespuert gëtt an d'Geriichter sech op déi wichteg Saache konzentréiere kënnen. Mir schéngt et, datt bei der wirtschaftlecher Kriminalitéit, bei enger «banqueroute frauduleuse», dëst kéint nëtzlech sinn, well soss oft keng Condamnatioun erfollegt, well de Parquet économique an d'Police judiciaire ze vill Zäit mat esou Enquêtë verléieren.

Wichteg schéngt eis eng Reform, en Iwwerdenke vun eisem Code pénal, mat dem Zil, d'Effikassitéit vun der Repressioun ze renforcéieren.

De Prinzip soll sinn, datt et eng Basis gëtt mat Circonstances aggravantes, mat erschwéierenden Ëmstänn, an datt d'Hierarchie vun de Strofen iwwerduecht gëtt. Zum Beispill, virun enger gewësser Zäit ass eng Fra an éischter Instanz wéinst Mord un hirem Kand zu siwe Joer Prisong veruerteelt ginn, well d'Riichter déi Fra, vu d'Ëmstänn, mat enger héijer Prisongsstrof wollte bestrofen. Si hat hiert Kand iertümlech verletzt a stierwe gelooss. Am Appel hunn d'Riichter gesot, et wär en «homicide involontaire», woufir d'Fra zwee Joer Prisong krut, de Maximum, deen duerch d'Gesetz virgesinn ass, a si gouf zu weidere fënnef Joer veruerteelt wéinst non-assistance à personne en danger, am Total siwe Joer, wéi am éischten Uerteel.

Um Beispill «homicide involontaire» gesäit een am beschten, wat sech muss änneren, notamment bei déidlechen Autosaccidenter. Et ass eng Differenz ze maachen tëschent dem Automobilist, dee während dem Fueren eng Dommheet mécht, wéi u sengem Autoradio kniwwelen, an en déidlecht Accident provozéiert, an dem Automobilist, deen duerch eng rout Luucht fiert, e Kand, wat op dem Zebrasträifen iwwert d'Strooss geet, doutfiert an da Fahrerflucht begeet, well e voll ass, mat 80 duerch eng Uertschaft, ouni Führerschäin an ouni Assurance fiert. A Frankräich zum Beispill ass d'Héchststrof an deene Fäll net zwee, mä zeng Joer, well sech eng etlech Circonstances aggravantes additionnéiert hunn.

Weider misst de Widderhuelungstäter méi streng bestrooft ginn. En Iwwerschaffe vun eisem Code pénal an deem Sënn drängt sech op, mä ech mengen et ass net un der Chamber fir dës Aarbecht unzegoen, mä un enger Commission d'édites législatives, déi d'Regierung asetzt a wou erfuere Pénaliste missten dra siégéieren.

Meng Fro un d'Regierung: Schéngt Iech esou eng Reform noutwendeg, an ass d'Regierung gewëllt, dës Problematik unzegoen an de Code pénal eiser Zäit unzepassen?

Den zweete wichtege Punkt an dëser Debatt betrëfft d'Exekutioun vun der Strof an domat speziell d'Problematik ëm de Prisong.

D'Commission juridique ralliéiert sech enger Fuerderung, déi d'ADR schonns widderhuelt bei ähnlechen Debatte gefuerdert hat: d'Schafe vun engem Tribunal de l'application des peines. Et ass effektiv schwéier fir de Bierger ze verstoen, datt de Parquet dofir verantwortlech ass, fir engersäits d'Täter an de Prisong ze bréngen, an anerersäits, wa se bis emol condamnéiert sinn, sech êm hire Strofvollzuch an eventuell ëm eng fréizäiteg Entloossung ze këmmeren.

D'Schafe vun engem Tribunal de l'application des peines erlaabt kontradiktoresch Debatten. Eis schéngt awer de franséische System «juge de l'application des peines», dee fir déi kleng Décisiounen am Strofvollzuch zoustänneg ass an engem Tribunal, deen nëmme fir déi geféierlech Täter mat Condamnatiounen iwwer zéng Joer zoustänneg ass, technesch an organisatoresch méi richteg ze sinn; mä dat ass nëmmen een Detail.

D'ADR ass kloer fir d'Schafe vun engem Quartier de Haute Sécurité a mir hunn dofir begréisst, datt bei enger viregter Debatt hei an der Chamber den Här Justizminister sech och dofir ausgeschwat huet. E Quartier de Haute Sécurité muss nëmmen e puer Zelle begräifen, fir déi Täter do ënnerzebréngen, déi fir sech selwer oder fir hir Prisongskolleege respektiv fir d'Allgemengheet speziell geféierlech sinn. Am Ausland hunn esou Quartiere positiv Resultater bruecht, an dofir fuerdere mir, datt d'Regierung esou e Quartier, dee scho viru Joren am Prisong bestanen huet, nees restauréiert, dëst natierlech ausserhalb vun dem Quartier disciplinaire.

Den Drogeproblem am Prisong ass bekannt. E gëtt ëmmer méi schlëmm an et gëtt näischt dergéint ënnerholl. Béis Zonge behaapten, dëst wier de Fall, well Prisonnéier, déi Droge consommëieren, sech roueg verhalen, an déi, déi keng Drogen huelen, aggressiv wieren.

Nëmmen ee klenge Prozentsaz vu Prisonnéier sinn drogéiert, wa se an de Prisong kommen. Wa se erauskommen, läit de Prozentsaz vill méi héich. D'Zuel vun de Sprëtzen, déi am Prisong verdeelt ginn, klëmmt permanent a schwätzt hei eng kloer Sprooch.

Een, deen als Drogéierten aus dem Prisong entlooss gëtt, deem seng éischt Démarche ass et fir Suen ze kréien, fir seng Droge kënnen ze bezuelen.

Wien den Drogentrafic am Prisong toleréiert an net konsequent bekämpft, fördert domadder automatesch déi generell Kriminalitéit.

An der Entrée vum Prisong si Kontrolle praktesch inexistent, well d'Personal, wat dës Kontrollen duerchféiere soll, guer keng Formatioun kritt huet, wéi ee Kontrollen duerchféiere misst, fir den Import vun Drogen an de Prisong ze verhënneren. D'Beamte ginn net kontrolléiert an d'Drogenhënn gi sonndes net agesat, obwuel et just déi Deeg néideg wär, wou de Besuch kënnt.

Erstaunlech ass an deem Zesummenhang, datt dann, wann ee klengen Drogentrafikant erwëscht gëtt, et ëmmer ass nodeem e seng Drogen ofgeliwwert huet an ni virdrun. Erstaunlech ass och, datt wéi ech e puer Nimm genannt hu vu Prisonnéier, déi am Drogentrafic am Prisong dra sinn, dës Prisonnéier kuerz drop expulséiert gi sinn. E puer Deeg drop ware se ersat, den Trafic geet monter virun.

Wann ee wëllt den Drogentrafic am Prisong seriö bekämpfen, dann ass dat nëmme méiglech iwwert de Wee vun der Agenteninfiltratioun.

Ech wollt och froen: Wou ginn déi Drogen hin, déi am Prisong, ech widderhuelen am Prisong, beschlagnahmt ginn?

Bedauerlech ass, datt den Atelier fir Elektresch- an den Atelier fir Schräineraarbechten am Prisong zou ass, well déi Responsabel onerwaart a Pensioun gaange sinn. Déi zwee Leit hunn awer, nodeem se de Statsdéngscht verlooss hunn, am Privatsecteur eng nei Aarbechtsplaz ugeholl respektiv en neien Elektrikerbetrib opgemaach.

Meng Fro un d'Regierung: Sinn dës Leit fréizäiteg an d'Pensioun gaangen, a wa jo, woufir?

Sous réserve vun e puer méi kritesche Bemierkungen an e puer spezifesche Fuerderunge vun der ADR, si mer awer mat dem Rapport a mat der virleiender Motioun averstanen a mir wäerten där och zoustëmmen. Ech soen lech am Numm vum Här Henckes Merci fir Är Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien.

Mme la Présidente.- Merci, Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling. Dir hutt siwe Minutten, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Herrlech!

Här President, et ass ze begréissen, dass d'Thema Sécherheet grad elo zu dësem Moment ugeschwat gëtt an dass mer elo versichen eng Rei Sécherheetsproblemer gemeinsam unzegoen, fir dass et net en Thema bei de Wahle gëtt, wat de rietsen Eck kann zu sengen Zwecker notzen. Duerfir ass souwuel d'Interpellatrice ze félicitéiere wéi och de Rapporteur vum Rapport iwwert d'Sécherheetsiwwerleeungen an d'Virschléi, déi ech alleguer kann akzeptéieren.

D'Diskussioun haut soll dozou bäidroen, dem Bierger d'Thema Sécherheet méi objektiv duerzestellen, wa méiglech ouni ze polemiséieren. Mä wéi kann een d'Sécherheet definéieren oder, besser gesot, d'Onsécherheetsgefill vun de Bierger, aus deem eraus eng Rei Fuerderungen no méi Sécherheet entsprangen?

Wann een den offizielle Chiffere ka gleewen, da géif d'Kriminalitéit, déi grouss Kriminalitéit hei am Land erofgoen. Mä et ass awer net déi grouss Kriminalitéit, déi d'Haaptursaach vun der Onsécherheet vun eise Bierger ass. Et sinn éischter méi Problemer am Alldag, wéi d'Posche klauen, ugerempelt ginn a verbal aggresséiert ginn, déi d'Leit veronsécheren a wou se sech och ganz oft dowéinst net méi op d'Strooss trauen.

Wéi kann een d'Sécherheet dann elo beschtméiglech garantéieren, ouni dass awer déi perséinlech Fräiheete vum Mënsch ze vill ageschränkt ginn? Dat soll am Fong d'Diskussioun hei sinn.

D'Sécherheetsfro stellt sech op jidde Fall an alle Momenter am Liewensoflaf. Onsécher kann ee sech op senger Aarbecht fillen, am Verkéier mam Auto, nach méi mam Moto an och nach méi mam Vëlo, awer och zu Fouss. D'Gefill vun Onsécherheet kann een awer och verspieren, wann ee sech net méi a sengem normalen Ëmfeld ongestéiert ka bewegen, esou wéi mer dat bis elo laang gewinnt waren. Onsécherheet kann och opkomme bei Zréckhalung respektiv souguer Angscht virun allem Friemen, well ee sech net d'Méi genuch gëtt fir op déi Leit zouzegoen an ze versiche se ze verstoen an hinnen ze hëllefe sech ze integréieren oder hinnen eis Liewensweis ze erklären.

Onsécherheet entsteet och ganz oft duerch d'Meenung, d'Police wier ni do wann ee se brauch. Meeschtens ass et awer doduerch, well der vill ewechkucke wann eppes geschitt an net de Courage hu fir sech ze manifestéieren, wann eppes geschitt, an och anzegräifen oder et ze mellen.

Wéi awer kann een déi verschidden Aarte vun Onsécherheetsgefiller ofschwäche respektiv aus der Welt schafen? Wéi kann ee seng Kanner virum Drogeproblem schützen? Wéi kann ee seng Kanner virum Konsum vu Gewalt- an Destruktiounsvideoe schützen, déi ëmmer méi iwwerhand kréien? Wéi kënne mer d'Reese mam öffentlechen Transport méi sécher maachen? Et gëtt keng Patentléisung. Et gëtt just Virschléi an Initiativen, déi ze ënnerstëtze sinn.

Här President, kréie mer eng Rei Problemer besser geléist, wa mer méi Polizeieffektiver kréien? Déi wuel noutwendeg sinn, an dat gëtt och vu kengem contestéiert. Ausser vun deenen, déi absolut méi perséinlech Fräiheet verlaangen an an deem Kontext virun engem Polizeistat warnen. Wichteg wier op jidde Fall méi Polizeipresenz duerch d'Aféiere vu méi Proximitéitskommissariaten an den Uertschaften. Och déi sektoriell Organisatioun vun de regionalen an nationalen Asazpunkte vun der Police misst esou definéiert ginn, dass ee wierklech nach vu Proximitéit ka schwätzen.

Déi lokal Sécherheetspläng, wéi se zum Beispill zu Esch oder am Süde vum Land bestinn, kënnen och ganz vill zur Verbesserung vun der Sécherheet bäidroen, well an esou gutt strukturéierte Pläng all Sécherheetsstrukture mat abegraff sinn an déi Hand an Hand zesummeschaffen.

Kréie mer eng Rei Sécherheetsproblemer duerch méi Asetze vu private Sécherheetsdéngschter, déi deier kaschten, geléist? Sécherheetsdéngschter, déi nëmmen déi sech leeschte kënnen, déi den néidege Fric derfir hunn.

Wéisou ass esou e groussen Opstand gewiescht, wéi d'Gemeng Keel privat Sécherheetsdéngschter gelount huet fir d'Eegentum vun der Gemeng, also d'Eegentum vun de Bierger iwwerwaachen ze loossen a fir d'Eegentum vun de Bierger viru permanentem Vandalismus ze schützen? Beschäftege mer net och - wéi den Här Bodry et hei scho gesot huet - hei an der Chamber privat Sécherheetsleit? Firwat maache mer dat dann, wa mer enger Gemeng dat net wëllen zougestoen, wat mer hei selwer maachen?

Och wann een net vun enger paralleller Police ka begeeschtert sinn, esou muss awer zougelooss ginn, dass d'Allgemenggutt kann op aner Weeër geschützt ginn. An dass elo Eenzelner vun deene private Sécherheetsbeamte sech als Sheriff opféieren an hir Kompetenzen iwwerschreiden, dat kënnt vir. Mä gëtt et där net och bei aneren, déi eng Uniform unhunn, déi hir Kompetenzen iwwerschreiden? Duerfir soll een dat net generaliséieren, mä méi individuell kucken.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Kéint d'Verflichte vu private Sécherheetsdéngschter fir d'Allgemenggutt ze iwwerwaachen, wann dat kloer reglementéiert ass, net awer eng Entlaaschtung vun der Police bedeiten? Deemno vu menger Säit aus Jo zu méi Polizeieffektiver am Proximitéitsgeescht, awer och Jo zu private Sécherheetsdéngschter, wann déi zoustänneg Gemengeréit dëst per Reglement kloer definéieren.

Dann awer eng Fuerderung vu menger Säit, déi ech scho méi wéi eemol gestallt hunn. Dat si staatlech Bäihëllefe bei der Uschafung vu Sécherheetsinstrumenter, besonnesch fir déi eeler Leit, fir dass jiddferee sech säi Recht op Sécherheet ka leeschten an net nëmmen déi sech kënne Sécherheet leeschten, déi Fric hunn.

Mir hunn also déi öffentlech Polizei a mir hunn och privat Sécherheetsdéngschter. Mir hunn do derniewent awer och nach a verschiddene Gemengen Agents municipaux - Pecherten, wéi mer se am Volleksmond nennen -, a scho säit längerem doktere mer un enger neier Gesetzgebung erëm, fir deene Beamten hir Attributiounen emol kloer ze definéieren. Deene Beamte sollen anscheinend an Zukunft nach zousätzlech Aufgaben zougestallt ginn, déi och iergendwéi an de Polizeiberäich solle falen.

Wann awer also elo sollen deene Beamten no enger neier Gesetzgebung zousätzlech Attributiounen zougestane ginn, riskéiere mer dann net, grad do eng parallell Polizei ze schafen? Géife mer da just dat maachen, wat mer mat der Fusioun vu Police a Gendarmerie wollte vermeiden?

Trotzdeem sinn déi Beamten do, besonnesch wat d'Verkéiersuerdnung ubelaangt - ech mengen, Sécherheet ass jo och mat Uerdnung verbonnen -, awer wichteg. Duerfir wär et och net schlecht wann een haut kéint vun der Regierung gewuer ginn, wéiwäit dass mer si mat deem Gesetz iwwert d'Attributioune vun den Agents municipaux an a wat fir eng Richtung dass dat geet. Well och déi Leit missten e Recht hunn endlech gewuer ze ginn, wat an Zukunft op se zoukënnt.

Et ass hei, Här President - ech muss ëmmer kucken, net dass ech mech iren - ganz vill geschwat ginn iwwert d'Situatioun am Prisong. Et schéngt sech also ganz vill Suerge gemaach ze ginn iwwert déi Leit, déi am Prisong sëtzen. Bon, ech hu mer méi Suerge gemaach iwwert déi Leit, déi dobausse sinn. Et ass sech och Suerge gemaach ginn hei iwwert déi…

M. le Président.- Här Jaerling, ech muss mer Suerge maachen ëm Är Riedezäit!

(Hilarité)

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Also, Här President, wéi ech elo grad op d'Auer gekuckt hunn, war et véier Minutten, an elo sinn et der siwen. Do ass eppes faul.

Just nach eng lescht Fro, déi ech mer stellen: Wa sech esou vill Suerge gemaach gi wéi d'Drogen an de Prisong kommen, da muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wien huet da wierklech onkontrolléierten, fräien Zougang an de Prisong?

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Mir hunn elo nach dräi ageschriwwe Riedner. Den honorabelen Här Klein huet als éischten d'Wuert. Duerno kënnt den Här Santer an duerno d'Madame Err.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécherheetsgefill ass ganz wichteg fir de Bierger, egal wou e sech befënnt oder beweegt. Sécherheet ass keen Zoustand, mä ee Gefill an domat subjektiv.

De Stat ass gehalen, dem Bierger dat Gefill ze vermëttelen. Allerdéngs gëtt et och bei der Sécherheet keng „allround"-Léisung. Dat heescht, wat op enger Plaz oder bei engem Problem gräift an hëlleft, huet net onbedéngt bei engem anere Problem deeselwechten Effet.

De Victor Hugo seet a sengem Roman „Les misérables": «C'est une chose étrange à quel point la sécurité de la conscience donne la sécurité du reste.»

An deem Sënn mussen d'Regierung an och d'Chamber sech froen: Maache mir genuch? Hu mer e fräit Gewësse vis-à-vis vun eise Bierger a puncto Sécherheet?

D'Sécherheetsmoossname musse kompatibel si mat dem legitime Fräiheetsbestriewe vun de Leit. Et läit deemno un eis fir ëmmer de richtegen Equiliber zwëschent Sécuritéit a Fräiheet ze fannen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech menge mir sinn eis eens, datt am Stroosseverkéier déi repressiv Aktiounen eleng net duerginn. E Genre vu Campagnen, wéi zum Beispill d'Chauffeuren ze incitéieren, hir Luuchten am Dag unzemaachen, oder se drun ze erënneren, datt se d'Ceinture sollen undinn, musse weidergefouert an ausgebaut ginn.

Wat ganz wichteg ass um Plang vun der Sécherheet am Stroosseverkéier, ass déi regelméisseg Presenz vun der Polizei, am Sënn vun der Preventioun. Déi Situatioun huet sech zanter der Fusioun vu Polizei a Gendarmerie 1999 wesentlech geännert a verbessert, ass awer nach ëmmer net optimal.

Nach méi Presenz bedeit nach méi Sécherheet, besonnesch fir och deene méi klenge Stroosseverkéiersdelikter an den Dierfer virzebeugen an och fir de Vandalismus, deen d'Gemenge ganz vill Geld kascht, ze verhënneren.

Et gëtt och ëmmer erëm kritiséiert, souguer vun de Polizeiorganer selwer, datt se ze vill administrativ Aarbechten ze erleedegen hätten. Deem muss virun allem opgehollef ginn, andeem méi Zivilpersonal agestallt gëtt, an domat kann de Polizist oder d'Polizistin senger oder hirer eigentlecher Missioun nogoen.

An deem Zesummenhang ass et och noutwendeg, dass d'Commissariats de proximité, déi nach net en place sinn, esou séier wéi méiglech mussen opgebaut ginn. Ech denken do ganz besonnesch un de Commissariat de proximité vu Luerenzweiler.

Iwwert de Verkéier eraus musse mer eis Gedanke maachen iwwert déi privat Sécherheet an iwwer eis Sécherheet an eise Stied an Dierfer.

Ech liese mat Satisfaktioun am Rapport 2006 vun der Police, datt d'Infractioune par rapport zu 2005 liicht erofgaange sinn. Wann een d'Statistiken iwwert déi lescht zéng Joer kuckt, da gesäit een, datt d'Kriminalitéit an eisem Land zimlech konstant ass, an net, wéi d'Leit dacks mengen, staark an d'Luucht gaange wier.

Et muss een duerfir eng kloer Differenz maachen tëschent der objektiver Sécherheet, dat heescht, wat d'Zuele weisen, an der subjektiver Onsécherheet, dat heescht, wéi de Bierger se fillt. Et gëtt also keng Ursaach, fir eng repressiv Politik tous azimuts ze bedreiwen.

Dat wëllt awer net soen, datt een d'Hänn soll an de Schouss leeën. Mir sollen alles maachen, fir d'Zuel vun den Delikter erofzedrécken. Vun de Matbierger aus menger Gemeng héieren ech, datt d'Abréch an d'Haiser an d'Violence géint Persounen eng Haaptpréoccupatioun sinn.

Wann een doheem agebrach kritt, ass dat a sech eng schlëmm Saach. Mä wann dat mat enger Aggressioun verbonnen ass, dann huet dat als Konsequenz, datt mir Leit hunn, déi ënner physeschen a psychesche Séquellë leiden. Datselwecht gëllt fir déi Iwwerfäll op Persounen am Fräien, och am hellen Dag.

No engem Abroch ass et eng ganz schlëmm Saach, wann den Hausbesëtzer seng Wunneng oder en Deel vu senger Wunneng an engem Duerjerneen, an engem Chaos erëmfënnt. Hien ass schockéiert, découragéiert, depriméiert, hie leit ënner engem psychesche Schock a fillt sech eleng gelooss. Fir e Polizist oder eng Polizistin ass en Abroch vläicht eng Banalitéit. Fir de Bewunner ass et awer eng Calamitéit.

D'Polizei, déi do virstelleg gëtt, ass sécherlech net speziell formëiert genuch, fir der Victime iwwert hire Schreck, deen déif sëtzt, ewechzehëllefen. Leit, déi et néideg hunn, mussen Hëllef a Bäistand geleescht kréien.

Fir d'Drogepreventioun a géint d'Délinquance juvénile ass scho vill ënnerholl ginn.

Obscho mer dës Phenomeener wuel ni lassgi wäerten, duerfe mer awer net resignéieren, a besonnesch an de Schoule muss iwwert déi Phenomeener virbeugend geschwat a gehandelt ginn.

Fir deene Phenomeener, déi ech elo opgezielt hunn, preventiv entgéintzewierken, hunn d'Gemengen eng ganz Partie Méiglechkeeten, déi juristescher a politescher Natur sinn. D'Gemenge kënnen am Kader vun hire Kompetenze Reglementer erloossen, déi net nëmme bestëmmte Contraventioune sanktionéieren, mä déi och preventiv Effeten hunn. Si sinn och déi, déi am nooste beim Bierger sinn, fir hir Kloen an Erwaardungen entgéintzehuelen. Rural Dekreter, d'Gemengegesetz, de Code d'instruction criminelle erlaben et de Gemengenautoritéiten, fir ze agéieren.

D'Gemenge sinn déi Éischt, déi d'Evolutioun an der Gesellschaft ze spiere kréien duerch de Chômage an d'Exclusion sociale, duerch dee bestännegen Drock vun eiser Konsumgesellschaft, duerch d'Zouhuele vun der Immigratioun mat als Corollaire dem Problem vun der Integratioun.

Um Plang vun all deene Phenomeener kënnen d'Gemenge villes maachen an hunn och schonn do villes gemaach. Um Niveau vun der Jugend, fir d'Délinquance vun der Jugend anzedämmen, stellen d'Gemengen deene Jonken e Jugendhaus zur Verfügung, wou se sech begéinen, wou se vu socioéducativem Personal encadréiert ginn, seem seng Missioun et ass, fir mat hinnen ze dialogéieren, fir se ze orientéieren a se domat vu verschiddene Fléauen ewechzehalen, andeem hinnen och déi néideg Distraktioun gebuede gëtt.

An de Schoulen ass et och scho wichteg, fir Projeten ze entwéckelen an ëmzesetzen, déi als Zil hunn, iwwert de Wee vun der Mediatioun besonnesch dem Sträit virzebeugen an e gegebenenfalls ze schlichten, wat eng positiv Wierkung huet op d'Behuele vun deene Jonken an hirem spéidere Liewen.

Allgemeng ass et un de Gemengen, fir de Partenariat an den Dialog ze förderen zwëschent hinne selwer, der Populatioun an der Polizei am Sënn vun der genereller Preventioun vun der Délinquance.

Mir hu mat der Fusioun vu Police a Gendarmerie eist Land elo esou ofgedeckt, datt am Prinzip d'Sécherheet vun eise Bierger iwwerall gläichermoossen assuréiert ass. Wéi mer 1999 d'Polizeigesetz gestëmmt hunn, ass gesot ginn, datt d'Commissariats de proximité elo besser Zäit hätten, fir sech ëm d'Polizeireglementer vun de Gemengen ze këmmeren. Ech muss soen, datt dëst a ville Gemenge satisfaisant ass.

Ech weess awer och, datt et Buergermeeschtere gëtt, déi sech beschwéieren, datt et Retizenze bei der Police gëtt, fir ze intervenéieren, wann de Buergermeeschter si op eppes lassschéckt. Bei der Police feelt et ganz bestëmmt net um gudde Wëllen. Fir mech ass et e Manque d'information, deen dohier kënnt, datt, nodeem d'Buergermeeschteren net méi Officiers de la police judiciaire sinn, e Flou entstanen ass, deen d'Polizei onsécher gemaach huet.

Et wier elo un der Zäit, fir kloerzestellen, wéi, wou a wéini d'Police um Niveau vun dem Buergermeeschter senger Requête intervenéiere soll.

Am Syvicol ass en neit Instrument gegrënnt ginn ënnert dem Numm «Forum luxembourgeois pour la prévention et la sécurité urbaine». Et wier gutt, wann de Ministère de la Justice an d'Police sech mat dësem Organ géifen zesummesetzen, fir Kloerheet an deem Domän ze schafen. Et wär deemno gutt, wann den Här Minister eng Initiativ an deem Sënn géif huelen, fir der Police hir Missioun vis-à-vis vun de Gemenge méi genee ze definéieren.

An deem Zesummenhang e puer Reflexiounen iwwert den Agent municipal. Et geet net dorëm, fir eng nei parallell Polizei ze schafen, andeem datt een där Fonctioun Agents municipaux e Pouvoir de police zousätzlech gëtt. Mir hu jo duerfir 1999 fusionéiert, an et kann net sinn, erëm eng nei Polizei anzeféieren. Et geet dorëm, datt muss fäerdeg bruecht ginn, datt d'Buergermeeschteren, d'Agents municipaux an d'Polizei Hand an Hand schaffen an datt esou d'Polizei an d'Lag gesat gëtt, mat den Agents municipaux dofir ze suergen, datt d'Polizeireglementer observéiert ginn.

Mat dem neie Gesetz iwwert d'Fusioun hu mer och aner nei Instrumenter geschaf, wéi zum Beispill de Comité de prévention local et intercommunal an de Comité de concertation régional. Mir gesinn, datt op ville Plazen am Land do gutt Aarbecht geleescht gëtt. Als Beispill kann een de Plan régional de sécurité vum Kanton Capellen nennen, dee sech op d'Abréch focaliséiert hat a wou d'Zuel vun den Abréch an engem Joer ëm 15% zréckgaangen ass. Als absolut positiv muss een déi Plans locaux de sécurité nennen, haaptsächlech am Süde vun eisem Land.

Et muss een awer och leider feststellen, datt déi lokal a regional Comitéen net iwwerall am Land effikass sinn. Mir sinn eis eens, datt d'Problematik vun der Sécherheet net iwwerall d'selwecht ass. Dat hänkt dovun of, ob een an enger grousser Agglomeratioun ass oder um Land. Ëlwen a Stengefort sinn net Diddeleng an net Péiteng. Et huet een d'Impressioun, datt verschidde Comitéen op dem Gebitt vun der Preventioun besser schaffe kéinte wa se wéissten, wat fir eng Moyenen et gëtt a wat fir eng Piste se kéinten exploréieren, fir eng gutt Preventiounspolitik ze maachen.

Ech sinn iwwerzeegt, datt et net um gudde Wëlle vun de Comitéë feelt, mä esou wéi et elo fonctionnéiert, kacht all Comité seng eegen Zopp. Wier et net besser, wa mer en Instrument hätten, wou all déi néideg Informatiounen an Aktioune vun de Comitéen zentraliséiert wieren, fir dorop en Échange d'expérience opzebauen?

Esou en Instrument kënnt zum Beispill e Conseil supérieur de la sécurité sinn, deen natierlech nach aner Missioune kréie kann, speziell fir de Justizminister ze beroden an alle Sécherheetsfroen, och deene vun der Sécherheet an eise Stied an an eise Gemengen.

Mat esou enger Initiativ géife mer eng Lacune schléissen, déi haut tëschent Gemeng a Stat a puncto Sécherheet besteet, well d'Sécherheet däerf net eleng dem Stat reservéiert bleiwen.

Ech hunn ufanks gesot, datt d'Sichen no Sécherheet net op d'Käschte vun eisen individuelle Fräiheeten däerf goen. Déi perséinlech Fräiheet däerf nëmmen esou wäit goen, wéi se dem Bierger net schuet. Mir brauchen awer net just eng repressiv Législatioun, mä éischter eng Preventiounspolitik, där hir Facettë mer nach laang net all erfaasst hunn. Dat gëllt zum Beispill fir d'Schoul, fir d'Justiz, fir d'Gesondheet an och d'Famill an den Environnement. An dësem Domän maache mer ni genuch a mer däerfen duerfir net zécken, eis Moyenen ze ginn, fir esou eng effizient Politik duerchzezéien.

Wat de Prisong an d'Exekutioun vun de Strofen ubelaangt: Déi meescht vun eis si jo haut op dem Standpunkt, datt d'Strof net méi sollt d'Revanche vun der Gesellschaft par rapport zum Délinquant sinn, net méi d'Sühne, wéi dat fréier ugesi ginn ass. Mir sinn net méi an der Philosophie Auge um Auge, Zahn um Zahn, mä an enger Zäit, wou d'Strof, déi am Prisong ofgesiess gëtt, sollt genotzt ginn, fir den Détenu erëm prett ze maachen, fir an der Gesellschaft en normaalt anstännegt Liewen ze féieren, en humane Strofvollzuch, d'Réinsertioun an d'Gesellschaft, d'Resozialiséierung - dee System, dee vum fréiere liberale Justizminister Eugène Schaus ageleet ginn ass a vu sengem Nofolger Robert Krieps resolut weidergefouert gouf.

Ech ka mech nach gutt erënneren, wéi opgrond vum Robert Krieps senger humaner Strofvollzuchspolitik 1977 hei an der Chamber géint d'Regierung interpelléiert ginn ass. Ech souz deemools douewen op der Tribün an hunn héieren, wéi seng Politik schaarf kritiséiert ginn ass vun der deemoleger Oppositioun. A mir hunn nach een Zäitzeien heibannen, deen eenzegen Zäitzeien heibannen, mengen ech, dat ass d'Madame Flesch, wann ech mech net iren. Si war deemools Fraktiounschef vun der DP a ka sech nach ganz sécher un déi Debatt do erënneren.

(Interruption)

Trotzdeem huet dem Robert Krieps seng Politik sech duerchgesat an ass haut vun deenen Allermeeschten unerkannt. Den Délinquant - mir ginn dovunner aus, datt en enges gudden Daags erëm fräigelooss gëtt an datt e wa méiglech net méi an d'Récidive fält an datt e keen Onsécherheetsfaktor méi fir d'Gesellschaft duerstellt. D'Resozialisatioun heescht, de Réckfallrisiko reduzéieren a wa méiglech ausschléissen. Fir dat duerchzezéien, brauche mer am Prisong oder an eise Prisonge gutt an effizient funktionéierend Strukturen, an deenen d'Acteure gutt zesummen Hand an Hand musse schaffen.

Dat war an der Vergaangenheet net ëmmer de Fall. Oft hu Reiwereie bestanen tëschent deene verschiddenen Acteure wéi Direktioun, Gardienen, an dat huet sech och dacks negativ op d'Educatioun vun den Détenuen ausgewierkt. Bedingt war dat oft an den 90er Joren duerch dee bestännege Wiessel un der Spëtzt vun der Direktioun.

Haut ass eng gutt Zesummenaarbecht am Prisong zu Schraasseg. Et besteet e bestännegen Dialog tëschent Direktioun a Personalvertriedung, wat sech konstruktiv auswierkt. Op deem Niveau gëtt geschwat iwwert d'Organisatioun vum Déngscht, d'Santé op der Aarbecht, d'Formation continue an iwwer allgemeng Sécherheetsfroen, an dat ass ganz wichteg.

De Moment sinn 253 Gardiene bei 600 bis 700 Détenuen am Prisong, bei am Ganzen 334 Unitéite Personal. 1997 waren et der 135 bei 360 bis 400 Détenuen. Dat ass eng gewalteg Verbesserung bannent zéng Joer, obschonn datt de Justizminister nach kéint en Hoff maachen, well de Spezialisten no feelen nach ongeféier 30 Gardienen. Dat kascht sécherlech, mä d'Sécherheet muss ee sech eppes kaschte loossen. Domat kéint den Déngscht nach besser organiséiert ginn.

Et besteet och nach ëmmer e Verbesserungsbedarf bei der Formatioun vun de Gardienen a ganz besonnesch bei der Formation continue. D'Gardiene misste laut dem Grondsaz „a lifelong learning" all Joer e puer Deeg fräigestallt gi fir hir Ausbildung ze aktualiséieren an ze adaptéieren.

Iwwer e Rekrutement wär sech och d'Fro ze stellen, ob et net wichteg wär se zum Beispill um Aarbechtsmaart ze rekrutéieren, wa se Erfahrung aus dem Privatsecteur géife matbréngen. Si misste sech dann enger Reconversioun stellen. Si wieren och e Stéck méi al a bräichten net 30 bis 40 Joer laang ëmmer erëm déiselwecht Aarbecht am Prisong ze verriichten. Och déi jénger missten no 25 bis 30 Joer d'Méiglechkeet kréie fir méi einfach d'Fonctioun ze wiesselen. Dat géif zu manner Demotivatioun féieren. Dofir misst hir Mobilitéit an en anere Statsdéngscht méi einfach gemaach ginn.

Fir d'Direktioun stelle sech déiselwecht Problemer. Fréier hat den Direkter keen Adjoint. Wann e fortgaangen ass, war d'Kontinuitéit net méi garantéiert. Säit 1998 huet den Direkter zwee Adjointen. Et ass elo méiglech, datt een d'Relève hëlt, an dat séchert d'Pérennitéit of.

Menger Meenung no missten zousätzlech Universitairen eran, zum Beispill am Prisong fir de Jurist a virun allem e Spezialist, en Ingénieur, deen d'Koordinatioun vun der Technik op deem gewaltege Site géif maachen.

En général, wat de Fonctionnement am Prisong ubelaangt, kéint een awer soen, datt d'Direktioun alles am Grëff huet an d'Moyenë kritt huet fir d'Sécherheet, d'Safety bannent de Maueren ze schafen, wat vu grousser Wichtegkeet ass an och no bausse berouegt.

Wat den Traitement peinologique ubelaangt, wat de Service psycho-social an de Service socio-éducatif ugeet: Et geet net duer mam Personal wat de Moment zur Verfügung steet. Ëmmerhin ass just dat Personal elo beim Détenu, fir en op säi spéidert Liewen heibausse virzebereeden an him Betreiung ze ginn. Sechs Éducateurs gradués, een Assistant social an dräi Psychologen, am Ganzen zéng Agenten, dat geet net duer fir 700 Leit ze betreien. Do feele Fachkreesser no ongeféier 20 Leit.

Dat si Leit déi hëllefen dem Détenu de Wee an d'Fräiheet méi einfach ze maachen, besonnesch och fir hinne fir spéider eng Aarbecht ze sichen oder ze hëllefen hinnen eng Wunneng ze verschafen. Et ass nämlech net esou einfach dat ze fannen, wa keen hinnen zur Säit steet.

Och dësen Déngschter missten d'Gardienen aktiv zur Säit stoen. D'Gardienen däerfen net nëmmen als Haaptmissioun hu fir d'Diere vun den Zellen op- an zouzespären. Och si mussen un der Resozialisatioun bedeelegt sinn. Si si geléiert gi fir de Comportement vun deem eenzelnen Détenu ze suivéieren. Si wären an der Lag, wa se dat gefrot géife ginn, fir de Services sociaux Donnéeën iwwert d'Détenuen ze liwweren, déi noutwendeg wäre fir hiren Traitement.

Bei der Resozialisatioun vum Délinquant spillt de SCAS (Service Central d'Assistance Sociale) eng maassgeblech Roll. Dee Service intervenéiert ganz speziell wann den Délinquant an der Probatioun ass, awer och scho während der Détentioun am Prisong.

Déi sozial Servicer vum Prisong, Service socio-éducatif a socio-psychologique, musse mam SCAS zesummeschaffen a komplementar sinn. Et freet ee sech, ob et net besser wär am Sënn vun der Resozialisatioun, datt dës zwee Servicer zesummegeluecht géife ginn, fir en double emploi ze verhënneren an net e Chaos ze schafen. Well et jo sécher net einfach ass fir all Service säi Kompetenzberäich ze délimitéieren, wat sécherlech net am Intérêt vun der Réinsertioun vum Délinquant an d'Gesellschaft wär

De SCAS, fir senger Missioun voll a ganz gerecht ze ginn, misst nach um Plang vum Personal opgestockt ginn, besonnesch wann ee gesäit wat fir Beräicher en ofzedecken huet: d'Protektioun vun Détenuen, Afferhëllef, Jugendschutz, Geriichtsbäihëllef, Tutellen, Travaux d'intérêt général, Surveillance électronique. De SCAS misst och no der definitiver Entloossung vum Détenu him eng duerchgehend Begleedung kënnen offréieren.

Wat d'Infrastrukturen ubelaangt, do si mer eis bewosst, datt mer en drëtte Prisong, dat heescht eng Maison d'arrêt brauchen. Dat ass scho laang am Gespréich an et gëtt Zäit, datt eppes ënnerholl gëtt. 670 bis 700 Leit, dobäi 80 Nationalitéiten, ass net tragbar bei enger Capacitéit vu 590 Leit fir déi d'Schraasseger Anstalt geplangt war.

Och Jugendlech gehéieren net op Schraasseg. Si sollten op Dräibur kommen, wat ze vergréisseren ass. Et schéngt eng Eenegung tëschent dem Familljeministère an der Gemeng Wuermeldeng zustane komm ze sinn, esou datt et eminent ass, datt d'Vergréisserungsaarbechten uginn. Domadder kann och dann den Transfert vun de Jugendlechen op Dräibur stattfannen.

Zum jëtzege Schraasseger Prisong: E mëttlere Sécherheetsprisong no bannen, dat ass dat wat noutwendeg ass, mat engem gudde Perimeterschutz. Et gëtt nach dran investéiert fir e méi zolidd ze clôturéieren, mat méi engem performante Kamerasystem. Dat vermëttelt no baussen héich Sécherheet a méi Sécherheetsgefill. Dozou stinn d'Kreditter zur Verfügung. Souwäit wéi ech weess huet, fir dem aktuelle Prisong méi Sécherheet ze verschafen, d'Direktioun ëmmer Kontakt mat der Risk Management AG vun Zürich fir sech beroden ze loossen.

Den drëtte Prisong, wouhinner e kënnt, dat si mer nach ëmmer net gewuer ginn. Vläicht seet den Här Minister eis dat haut. Kënnt en op en Terrain, deen dem Stat scho gehéiert?

Gutt wär et, wann dat eng Maison d'arrêt géif gi mat héijer Sécherheet, wou och eng Sektioun fir ganz Geféierlecher virgesi géif ginn, an eng Klinik, wou och déi Geféierlech drakéimen an a Verwahrung geholl ginn, déi vum Expert psychiatrique als solch erkannt ginn a bei deenen, wéinst hirem psychiatreschen Zoustand, keng Chance fir d'Resozialisatioun besteet an déi bestänneg eng Gefor fir d'Aussewelt duerstellen a wou d'Récidive op der Hand läit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren e puer Reflexiounen, déi ech zum Strofvollzuch wollt maachen, an ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Klein. Da komme mer zum nächste Riedner. Dat ass den honorabelen Här Santer, deen nach eng Kéier d'Wuert freet.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Sujet vun der Interpellatioun, déi d'Madame Flesch agereecht huet, ass de Respekt vum Gläichgewiicht tëschent der Sécurité publique, also der Kriminalitéitsbekämpfung, an de Grondfräiheete vun alle Bierger. Ier ech op dëse wichtegen, mä net neie Sujet wäert agoen, wéilt ech eng Remarque maachen, déi mer agefall ass, wéi ech der Madame Flesch hir Demande d'interpellation gelies hunn.

Ech weess, datt d'Madame Flesch d'Subtilitéiten an d'Feinheete vun der franséischer Sprooch all kennt, an dofir war ech iwwerrascht iwwert de Wortlaut vun der Demande vum 6. Mäerz 2007. Do steet, ech zitéieren: «De nombreuses lois en matière de sécurité publique récemment votées ou en procédure risquent d'empiéter dangereusement sur les libertés individuelles.»

Do wieren also eng ganz Rei vu Gesetzer gestëmmt oder an der Prozedur, déi kéinten d'Grondfräiheeten a Gefor bréngen. Do wiere mer also schonn an engem Polizei- an Iwwerwaachungsstat, wou d'Mënscherechter agëenkt wieren.

Ech hu mer emol d'Gesetzer an d'Projet-deloien, déi säit 2005 - ech hunn den Term „récemment" ganz breet ausgeluecht - gestëmmt respektiv agereecht goufen, ugekuckt an et ass mer net opgefall, datt do eng Unzuel vu Gesetzer oder Projeten a Fro géife kommen.

An dëser Zäitspan, säit 2005, hu mer néng Gesetzer am Strofrecht gestëmmt an um Dag vun haut sinn nach siwe Projet-de-loien unhängeg, woubäi der véier d'nächst Woch an de Plenum kommen, an déi sinn och haut an der Kommissioun de Moien unanime ugeholl ginn, no enger laanger an ausféierlecher Diskussioun.

Et sinn dat d'Gesetzer iwwer Eurojust, d'Bestiechung, d'Instruction simplifiée, d'DNA-Prouwen, d'Geldfälschung, d'Diskriminatioun, de Vertrag vu Prüm, d'Fouilles de véhicules an d'Disparition de personnes.

Sief nach derbäi bemierkt, datt vun deenen néng Projeten, also néng Gesetzer elo, der aacht mat Unanimitéit gestëmmt goufen. D'Gesetz iwwert d'DNA-Prouwe gouf mat grousser Unanimitéit gestëmmt, mat 50 Jo-Stëmmen, bei zéng Abstentiounen.

Derbäi kommen nach e puer Projeten: d'Konfiskatioun, d'Saisie immobilière, zwou UNO-Konventiounen an de Projet iwwert d'Méthodes particulières d'investigation vun der Police an, dee leschten, den Zougréff vun Donnéeën duerch d'Justizautoritéiten. Nëmmen dës zwee lescht Projete sinn nach net an der Commission juridique diskutéiert ginn.

Wann een also d'Situatioun betruecht, och mat engem kritesche Bléck, sou komme menges Eruechtens nëmmen dräi oder véier Texter a Betruecht. D'Gesetz iwwert d'DNA-Prouwen, ouni Géigestëmm gestëmmt 2006; d'Gesetz iwwert d'Fouilles de véhicules, unanime; de Projet de loi iwwert d'Méthodes particulières d'investigation ass aviséiert gi vum Statsrot a kënnt an der Rentrée an d'Kommissioun; an de Projet de loi iwwert den Zougréff vun Donnéeën duerch d'Justizautoritéiten ass nach net aviséiert gi vum Statsrot.

Dat sinn der net grad vill, déi kéinten a Fro kommen. Dofir wonnert et mech, datt hei „nombreuses lois"...

M. Charles Goerens *(DP)*.- Souguer eng ass ze vill!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Et kéint ee schreiwen, certaines lois, mä net nombreuses lois ou projets de loi. Eng Gefährdung vun de Grondrechter steet also net virun der Dier, eng Dérive sécuritaire besteet net.

Wat wëllt d'Regierung géint déi Aschränkunge vun de Grondfräiheeten ënnerhuelen a wéi soll d'Chamber do besser associéiert ginn, wat d'Kontroll vum Respekt vun deem Equiliber ugeet?, freet d'Madame Flesch.

Wat déi éischt Fro ugeet, do gëtt der Regierung ënnerstallt, déi wier um Wee fir op eng disproportionéiert Aart a Weis d'Grondfräiheeten anzeschränken. Dat ass falsch! D'Infraktioun souwéi d'Natur an d'Héicht vun der Strof, déi an engem Strofgesetz zréckbehale ginn, déngen dozou fir eng Atteinte à l'ordre public ze bestrofen oder/an ofzeschrecken. Dobäi widderhuelen ech dat, wat ech am Débat d'orientation virun e puer Minutten, also bal zwou Stonne gesot hunn: Et muss een d'Inflatioun vu strofrechtleche Moossnamen a ville Gesetzer a Fro stellen, well se dëser Zilsetzung net gerecht gëtt.

D'strofrechtlech Prozedur soll esou ausgeluecht ginn, datt d'Effikassitéit net eleng privilegéiert gëtt op d'Käschte vun de Grondrechter. Sou ass zum Beispill déi sougenannte Comparution immédiate, wéi se a Frankräich besteet, kee Virbild - an ech widderhuele mech an ech wäert mech an deenen nächste Joren nach weider widderhuelen - fir de Respekt vun de Grondrechter vun engem Beschëllegte bei engem strofrechtleche Prozess, obwuel dat gesot ginn ass, net heibannen, mä op Pressekonferenzen, vu Säite vun der Oppositioun. An dat war net vu Säite vun de grénge Kolleegen oder vun der ADR.

(Interruptions diverses)

Da gitt emol eng Kéier op Metz kucke wéi dat ass. Do komme Leit um zéng Auer owes nach un d'Rei, well do a 24 Stonnen d'Uerteel muss getraff ginn. Do gëtt d'Uerteel an der Sessioun geholl, d'Riichtere ginn eraus, komme fënnef Minutten drop erëm zréck, an déi Leit, well dat a Frankräich nach besteet, Arrestation à l'audience, ginn direkt an de Prisong gestach. Esou fonctionnéiert dat. Dat heescht, Dir klaut een Auto um eelef Auer, um 23 Auer sidd Dir am Prisong fir Joren.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Besser wéi zwee Joer duerno!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Da probéiert emol eng Kéier. Do kennen d'Affekoten emol den Numm vun hire Clienten net. Déi soen einfach l'inculpé. Da musst Der eng Kéier do e Reportage kucken, Här Bettel, iwwert de System wéi e fonctionnéiert zu Paräis, dat heescht „Paris, onzième chambre criminelle", et dauert nëmmen eng Stonn, an da gesitt Der wéi dat fonctionnéiert.

E Projet elo, dee mat Strofrecht oder mat der Prozedur vun de Strofgeriichter ze dinn huet, muss a priori zwee kontradiktoresch Prinzipien oder Ziler verfollegen. Et muss een e Mechanismus opstellen, deen eng effikass Kriminalitéitsbekämpfung erméiglecht, sief dat um Fong oder um Niveau vun der Prozedur. Mä op där anerer Säit mussen d'Grondrechter an d'Fräiheete vun alle Bierger net méi genéidegt ginn, wéi dat absolut noutwendeg ass, fir dat Zil ze erreechen.

Mir si mat der Zilsetzung, mengen ech, alleguerten d'accord. Et muss een deen Equiliber hierstellen. Exklusiv déi eng oder déi aner Prémisse vun dësem Equiliber opzebauen an déi aner ze vernoléissegen, féiert zu näischt. Mä dësen Equiliber hierzestellen ass keng einfach Saach; net nëmmen ass den Equiliber prekär, en ass och subjektiv an an der Zäit variabel.

D'Madame Flesch huet dem Här Justizminister virgeworf, hien hätt bei e puer Texter ze wäit geschoss an hie wier am Fong geholl eng Gefor fir d'Grondrechter, an dat bei véier Texter, obwuel mer 21 Texter an dëser Sessioun an der Commission juridique diskutéiert hunn. A wann den Här Frieden näischt ënnerholl hätt, da wier him dat virgeworf ginn, a wann hien eppes ënnerhëlt, da gëtt him dat och virgeworf.

Wat de Statsrot ugeet, d'Madame Flesch huet den Avis vum Statsrot zitéiert bei de Méthodes particulières d'investigation, deen elo virun zwou Wochen erauskomm ass. Beim DNA-Gesetz hat de Statsrot keng fundamental Problemer vun dërselwechter Natur; d'Madame Flesch hat awer Problemer.

(Interruption)

Hat do de Statsrot Onrecht a bei dësem Projet hat e Recht? Oder ass den Equiliber, esou wéi ech et denken, subjektiv ze bemierken? An der Kommissioun hu mer eis bis dato, an ech gesinn net wierklech a firwat dat sech soll änneren, am Detail mat dëser Fro beschäftegt, besonnesch wann et Avisë gouf, net nëmme vum Statsrot, déi drop higewisen hunn, datt e Projet de loi ze vill zu enger oder heiansdo souguer ze vill zur anerer Säit géif tangéieren. Et gëtt wierklech keng Ursaach, firwat datt mer eis Aarbechten anescht sollen organiséieren.

Elo sinn ech scho bei der zweeter Fro: Wéi soll een d'Chamber besser un d'Kontroll vum Respekt vun de Grondfräiheeten associéieren? Dat maache mer jo schonns, andeems mer de Projet detailléiert nokucken, obwuel mer de Projet amendéieren. An den Här Justizminister a seng Mataarbechter, déi un der Kommissiounssëtzung deelhuelen, ginn och wäertvoll praktesch Informatiounen, well eis Amendementer musse jo och an der Praxis hir Friichten droen.

Ech mengen, datt et besser wéi bis elo an der Commission juridique net goe kann, och wa mer eis op verschidde Punkten net eens sinn. Mä d'Aart a Weis wéi mer eis Aarbechten organiséieren an duerchféiere souwéi d'Kooperatioun vum Justizminister a senge Leit kënnen net besser sinn.

Ech hunn awer hei net richteg op déi zweet Fro geäntwert. Déi eigentlech Kontroll vum Respekt vun de Grondrechter a Fräiheete gëtt am Fong vun de Geriichter gemaach. Dës Äntwert ergëtt sech duerch d'Séparation des pouvoirs. D'Geriichter hunn net nëmmen d'Strofrechter unzewenden, mä si dinn och d'Grondfräiheete respektéieren, déi an eiser Verfassung, an der Europäescher Mënscherechtskonventioun oder an aneren internationale Konventioune wéi d'Kannerrechtskonventioun verankert sinn.

An do kommen ech bei den drëtte Punkt vun der Motioun, déi ech ënnerschriwwen hunn, zur Motioun vun der Madame Flesch, «veiller à ce que l'application de ces mesures soit soumise à un usage responsable par le biais d'un contrôle indépendant et impartial approprié». Dee Contrôle indépendant et impartial hu mer, dat sinn d'Geriichter. Mir sollten also an der Kommissioun esou weiderfueren.

An dat sinn och déi zwee aner Punkten, déi zwee aner Tirete vun där Motioun: «veiller dans ce contexte au respect des libertés individuelles (...)»; «veiller à la proportionnalité des mesures (...)». Dat mécht den Här Justizminister andeems hien e Projet de loi abréngt. Dat maache mir an der Kommissioun andeems mer dëse Projet de loi an den Detail mam Här Justizminister nokucken an analyséieren. An et gëtt - dat muss ech awer och betounen - ganz seele Fäll, wou den Här Justizminister net mat eisen Amendementer averstanen ass. Dat muss een awer och hei betounen. Dofir hunn ech déi Motioun ënnerschriwwen, well se am Fong geholl, géif eise President soen, superfétatoire ass, mä ça vaut mieux en le disant, ça vaut mieux en le signant.

(Interruption)

Nach zwee Punkten. D'Madame Flesch huet iwwert den Dateschutz geschwat. Transferte vun Donnéeën ass eppes Normales, dat kann een net anengen. Ech wëll dorobber hiweisen, datt déi europäesch Dateschutzdirektiv 95/46, mengen ech, war et, intituléiert ass „Sur la libre circulation des données à caractère particulier et la protection des personnes" an esou weider, woubäi ee muss nach eng Kéier betounen, datt den Term „Dateschutz" dee falschen Term ass. Et geet hei net dorëm, Daten ze schützen, mä Leit ze schützen, deenen hir Daten traitéiert ginn. Mä bref, et ass méi kuerz, méi bündeg.

Do wëll ech awer op eng Saach hiweisen. Mir hunn zu Lëtzebuerg, mir hunn an der Europäescher Unioun Bestëmmungen iwwert den Dateschutz. Dat gëtt et awer net an all Land esou. Ech erënneren lech un d'Affär Swift, eng belsch Firma, déi ënner belschem Gesetz regéiert gëtt, mä: Wou sinn d'Serveuren? D'Serveure sinn an Amerika. Do kënnen dann ënnert de Patriot Acts d'Polizisten oder d'Justizautoritéiten au sens large du terme drop zréckgräifen.

En anert Beispill, Blackberry. D'Serveure sinn zu London an an Amerika. An dofir huet de franséische Geheimdéngscht en Avis négatif ginn, datt d'franséisch Regierungsbeamten, op d'mannst déi héijer Beamten an d'Ministeren, vun hirem Blackberry Gebrauch maachen, well se do Donnéeë géifen dann an Amerika transferéieren ouni ze wëssen...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Meng Donnéeë kann den amerikanesche Geheimdéngscht roueg kréien.

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Ech mengen, meng och. Da si mer schonn zu zwee.

(Interruptions)

Mä ech wëll den amerikaneschen Autoritéiten awer dowéinst kee Blankoscheck ginn, andeems ech dat soen.

Do muss een awer oppassen. D'Donnéeë ginn an Europa geregelt. D'Donnéeën transferéieren awer esou séier an an esou grousse Quantitéiten, datt een do mat Gesetzer eis zu Lëtzebuerg an an Europa net ëmmer kann hëllefen.

Doriwwer eraus - leschte Punkt - kann een awer och d'Fuerderungen…

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Gira!

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- ...un d'Police- an d'Justizautoritéite vu parteipolitescher Säit ni genuch uprangeren. 200 méi Polizisten an enger Stad oder an enger Gemeng, Kameraen hei, Kameraen do, nom Motto «Les promesses n'engagent que ceux qui y croient», dat soll een och uprangeren, wann een iwwert d'Gläichgewichtung vun deenen zwee grousse Fundamenter Kriminalitéitsbekämpfung a Mënscherechter schwätzt.

Et kann een dann net am Wahlkampf soen: Dir kritt alles, wann Der wëllt. Dir kritt elo e Polizist just virun Ärer Strooss, dee kontrolléiert. An duerno seet een: Et sinn ze vill Polizisten do. Et muss een och am Wahlkampf, wann ee mat de Leit schwätzt, en Equiliber halen an d'Leit och drop sensibiliséieren, datt et Grondrechter gëtt, déi net ëmmer, solle mer soen, eng Verhënnerung vun der Kriminalitéitsbekämpfung duerstellen.

An et soll een emol wäit ewech vun deem Prinzip goen, deen den Edgar Faure ëmmer gesot huet: «Ce n'est pas la girouette qui tourne, c'est le vent.» Et kann een net op där enger Säit dat eent soen an op där anerer Säit dat anert. Dofir wäert ech d'Motioun stëmmen, obwuel ech...

(Interruptions diverses)

Genau, hutt Der och héieren, wéi dat esou funktionéiert bei anere Kolleegen?

(Hilarité)

Dofir wäert ech déi Motioun stëmmen, obwuel dat wierklech meng Attitüd, an ech mengen och dem Här Justizminister seng Attitüd, net wäert änneren. Well meng ass et - an ech wëll net am Numm vum Här Justizminister schwätzen, dat wäert en dann duerno kënne maachen -, meng Attitüd…

(Interruption)

Här Bettel, do ass de Risiko ganz kleng.

(Interruptions)

Et soll een ni ni soen, mä de Risiko ass gradsou grouss, datt ech eng olympesch Medail gewannen.

(Hilarité)

Une voix.- A wéi enger Discipline?

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur*.- Laquelle vous voudrez.

An dofir wäert ech déi Motioun stëmmen, well déi nach ëmmer menger Attitüd géif gerecht ginn an et ass wéi wann ech se geschriwwen hätt. Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Lydie Err.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Här President, Här Minister, ech wollt ganz kuerz an dëser Debatt intervenéieren, andeems ech ufänke mat deem, wat de Félix Braz hei gesot huet, dass e gudde Rapport wéi deen, deen eis virläit, eigentlech grouss Diskussiounen iwwert de Rapport iwwerflësseg mécht. Wat ee misst maachen, ass kontrolléieren, ob dee gudde Rapport an déi komplett Motioun, déi sécherlech hei gestëmmt gëtt, an der Praxis ëmgesat ginn.

Et ass villes ze soen an ervirzesträichen, notamment de Conseil supérieur vun der Magistratur an den Tribunal d'application des peines. Dat eleng sinn zwee Programmpunkten, déi dat an zwou Reien zesummefaassen, déi sécherlech seriö Aarbecht während laange Méint, wann net Jore viraussetzen, och dann, wann ee sech iwwert de Prinzip vun deenen Institutiounen eens mécht.

Och aner Saache wéi d'Maison-d'arrêten, wou d'Prévenuen indépendant wären, keng Mineure méi am Prisong, d'Formatioun vun de Gardienen, d'Domiciliatioun vun de Prisonnéier, fir hir sozial Rechter ze sauvegardéieren an Ähnleches, a last but not least den Opferschutz sinn alles Punkten, déi ernimmt gi sinn a wou mer dann elo musse kucken, wou mer hannen erauskommen, wou mer am Fong an der Praxis kënnen eppes änneren, well bei den Iddien ass heibannen e ganz grousse Konsens festzestellen.

Ech wollt iwwer zwou Saachen eng Remarque maachen. Éischtens iwwer eppes, wat mäi Kolleeg, den Alex Bodry, schonn ugeschwat huet, an zwar d'Zuel vun den Affären, déi am Pénal klasséiert ginn. Dat sinn der anscheinend 6.530, an dat géif eng Augmentatioun duerstellen an Zäit vu fënnef Joer vun 20%.

Meng Meenung ass - an ech denken, dass ech domadder net eleng stinn -, dass ganz oft déi klasséiert Affären, wou keng Motivatioun, keng Informatioun vun de Leit passéiert, dozou bäidroen, dass d'Leit e Gefill kréien, um Niveau vun de Geriichtsbarkeete géif net alles traitéiert ginn, wéi et dat géif méritéieren. Zu Recht oder zu Onrecht, sief dohigestallt, mä dat ass sécherlech kee gutt Gefill, wann een eng Plainte gemaach huet, déi am Fong e Fait pénal duerstellt, wou eng Enquête gemaach gëtt a wou dann herno finalement näischt derbäi erauskënnt. Dat mécht engersäits d'Leit onzefridden, dat mécht sécherlech och d'Enquêteuren net glécklech, déi sech soen, dass si ganz vill Aarbecht maachen, bei där awer heiansdo an der Praxis net ganz vill erauskënnt.

Ech denken, dass et u sech bedauerlech ass, well och kleng Incivilitéiten an Infractiounen, wou net onbedéngt en enormen Trouble à l'ordre public ass, droe bäi zum Sécherheetsgefill wat d'Leit kënnen hunn. An ech bedaueren an deemselwechten Zesummenhang, dass am Fong trotz där Motioun, wou drasteet, dass mer Peinealternativen hunn, déi net genuch agesat ginn. Ech schwätzen notamment vun der Médiation pénale. A wann een déi Zuele vun den Affären, déi an d'Médiation pénale geschéckt ginn, vergläicht mat der Augmentatioun vun den Affären, déi klasséiert ginn, da versteet een a sech net, firwat en Instrument, wat existéiert, net gebraucht gëtt.

D'Zuele vun de Klassementer ginn an d'Luucht an d'Zuele vun den Affären, déi iwwert d'Médiatioun traitéiert ginn, ginn erof. Dat ass eigentlech eng Onlogik, an ech géif et begréissen net nëmmen, wann dat Ge-

setz vun 1999 iwwert d'Médiation pénale, wat an der Praxis wéineg Uwendung fënnt, géif kënnen ëmgeännert ginn, fir et besser unzepassen, mä virun allem och, wann an deenen Affären, wou e Klassement kënnt, wéinstens een Akt, eng Réponse vum Parquet géif kommen.

Dat kënnt e Bréif sinn, wou d'Leit drop higewise ginn, dass se eppes gemaach hunn, wat contraire zum Gesetz ass a wat net an der Rei ass, dass et ubruecht wär, dass du moins eng Entschëllegung géif stattfannen, oder e Rappel à l'ordre, oder, oder. Mä ech fannen, dass et eigentlech ongesond ass, dass et an eisem Rechtssystem méiglech ass, dass déi dote Saachen, dass e ganze Koup Affären - 6.500 d'Joer - eigentlech ouni Suite quelconque bleiwen, ouni dass d'Leit doriwwer informéiert ginn.

An deemselwechten Zesummenhang ass am Rapport och gesot ginn, dass de Parquet oder de Parquet général - dat weess ech elo net méi - recommandéiert huet, d'Médiation pénale en matière de violence domestique anzeféieren.

De Rapporteur huet dat net a senger Motioun iwwerholl. Ech mengen, dass dat ze begréissen ass, well zu Lëtzebuerg d'Médiation pénale nëmmen an enger Procédure préliminaire an nëmmen a Fäll de moindre importance, haaptsächlech mat Mineuren, ugewannt gëtt.

An engem Moment wou d'Violence domestique massiv zu Lëtzebuerg an d'Luucht geet, wou d'Gesetz iwwert d'Violence domestique ufänkt seng Suiten ze weisen, mengen ech, wär et wierklech net ubruecht, duerch d'Aféierung vun der Médiation pénale an dëser Matière ze demonstréieren, dass et sech géif ëm eng Infraction mineure handelen.

Zur Violence domestique awer, Här Minister, am Fong eng Fro, an domadder wär ech dann och scho bal um Enn vun deenen zwou Iddien, déi ech hei wollt soen. Ech stelle fest mat den Zifferen, déi gëschter an der Commission de l'égalité ausgedeelt gi sinn, dass d'Zuel vun den Interventiounen en matière de violence domestique an d'Luucht geet, dass 35 Expulsiounen am Mount gesprach ginn, dat heescht, eppes méi wéi eng d'Woch. Mä wat mech erstaunt, ass de Prozentsaz tëschent den Interventiounen engersäits an den Expulsiounen anerersäits.

Bei 409 Interventiounen ass d'Zuel vun den Expulsiounen, déi grosso modo an déi 50% war an deenen éischte Joren, erofgaangen op 44%. Ech hu scho gelunge fonnt, dass an deene 50% vun de Fäll, wou eng Interventiounstattfënnt - an ech weess et, well Leit mech perséinlech drop ugeschwat hunn -, dass do net wann d'Demande ass, och ouni dass se formell a Form vun enger Plainte formuléiert gëtt, eng Expulsioun fir d'Sécherheet vun den Opfer, provisoresch jiddefalls, virgeholl gëtt, sou dass d'Leit dann trotz dem spezielle Gesetz, dat mer hunn, wéinst enger Appréciatioun vun den Agenten op der Plaz obligéiert sinn, déi klassesch Prozeduren anzeschloen. Ech denken, dass dat net den Zweck war vum Gesetz iwwert d'Violence domestique.

Ech sinn iwwregens net eleng am Fall. Ech hu mat Kolleege geschwat, déi och an deem Domän do schaffen. Et ass relativ kloer, dass d'Agenten op der Plaz eng Appréciatioun maachen an d'Victimen nach froen: Mengt Dir da wierklech elo, dass mer sollen den Auteur vun de Violencen hei erausloossen? Da kënnt Der lech jo virstellen, dass dat eng ganz delikat Affär ass.

Et ass iwwregens eng vun den Ursaachen, firwat mer dat Gesetz gemaach hunn: fir eben net de Victimen och nach d'Charge ze loossen, fir selwer eng Décisioun ze huelen, an enger schwiereger Familljesituatioun am Fong nach e Schwieregkeetsgrad derbäizesetzen. Ech wier frou, wann dat dote kéint analyséiert ginn a gekuckt gëtt, ob dat Gesetz do esou applizéiert gëtt, wéi et gemengt ginn ass, fir dass et säin Zweck net verfeelt, dat heescht, dass mer déiselwecht Faiten an aneren Affaire-pénalen erëmfannen an domadder eis Geriichter wierklech onnéideg iwwerlaaschten.

M. le Président.- Merci, Madame Err. Als leschte Riedner ass nach den honorabelen Här Mehlen ageschriwwen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här President...

(Interruption)

M. le Président.- Sou! Loosse mer den Här Mehlen elo seng Ausféierunge maachen. Ganz kuerz, Här Mehlen, well Dir hutt net vill Zäit.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Jo, d'Auer leeft schonn déi ganzen Zäit, wou hei geschwat gëtt.

Här President, ganz kuerz. Ech wollt vun deene knapps zwou Minutten, déi mer hunn, profitéieren, fir een Aspekt ze beliichten, dee mir perséinlech ganz um Häerz läit. Mir wëssen, datt d'Drogekriminalitéit hei am Land e groussen Deel vun den Delikter duerstellt an och zur Onsécherheet hei am Land bäidréit. Dat ass engersäits sécher den Drogenhandel, mä mir wëssen op där anerer Säit, datt d'Beschafungskriminalitéit e grousse Volet vun deem ganze Problem do duerstellt. Mir wëssen, datt ganz vill Drogekranker, déi och nach fir sech vläicht net géife kriminell ginn, zu Kriminelle ginn, well se keen anere Moyen gesinn, fir hire Konsum ze finanzéieren an doduerch stroffälleg ginn, datt se Leit iwwerfalen, datt se abriechen an ech weess net wat nach alles veranstalten.

Mir wëssen aus Erfahrung, datt bis elo d'Repressioun eleng - a bis elo hu mer nach net vill weider gemaach - net zum Erfolleg féiert. D'Preventioun an deem Secteur misst dohinner féieren, datt mer déi Leit géifen en charge huelen, datt mer hinne géifen op eng adequat an intelligent Aart a Weis hëllefen, souguer wa mer hinnen hire Konsum op eng propper Aart a Weis géifen zur Verfügung stellen, bis datt mer se vläicht eng Kéier erauskréien.

An der Schwäiz sinn do a Modellversucher ënner Observatioun vun enger Universitéit exzellent Resultater erreecht ginn. Ënner anerem ass d'Beschafungskriminalitéit praktesch op null erofgaangen. Et wär absolut noutwendeg, datt mer dee Volet do op déi Manéier géifen upaken.

Ech a meng Fraktioun kënnen nëmme bedaueren, datt d'Chamber scho viru Joren hei an engem Débat d'orientation recommandéiert huet, datt ee soll an déi Richtung goen, an datt bis elo ëmmer nach nëmmen driwwer geschwat gëtt an näischt geschitt.

Här Minister, do hätt Der mat Ärem Kolleeg vun der Gesondheet zesumme wierklech e Feld, wat ee kéint beakeren, wou mer ganz sécher en Deel vun der Kriminalitéit ouni Weideres ewechkriten. Ënnert dem Stréch rechent et sech. Déi Etüd huet erginn, datt et méi bëlleg gëtt fir de Stat, wann een an déi Richtung geet, wéi wann een nëmme mat Repressioun schafft an domat dem Drogenhandel seng Geschäftsgrondlag entzitt. Dann hätt d'Police och e bësse méi Zäit, fir sech vläicht op aner Felder ze konzentréieren, well hei geet jo awer enorm vill Zäit drop. A mir hunn e Surpeuplement vum Prisong, dee guer net misst sinn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Sou. Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Generaldiskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung, den zoustännege Minister, den Här Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, d'Fräiheet, d'Sécherheet an de Rechtsstat stäerken, dat waren am Fong ëmmer déi dräi Haaptobjektiver, déi ech mer a menger politescher Aktioun als Justizminister gesat hunn an déi ech och konsequent an deene Joren ëmgesat hunn; ech géif souguer bal soen, wann ech dee leschte Volet derbäihuelen, och virdru schonn an der Period, wou ech an der Commission juridique an an der Commission des Institutions vun der Chamber war.

Déi Ziler hunn also net geännert. An ech hunn et och ëmmer eng besonnesch Erausfuerderung fonnt, grad an dëser Funktioun an der Regierung kënnen déi dräi Voleten do - Grondrechter, Sécherheet a Rechtsstat - virunzebréngen. Well si sinn am Fong d'Fundament vum Zesummeliewe vun de Mënschen an eiser Demokratie.

Dat ass net ëmmer eng einfach Aufgab. Dat ass eng Aufgab, wou ee weess, datt ee kritiséiert gëtt, mä et ass, fannen ech, eng schéin Aufgab, well et ouni si net méiglech ass, an der Gesellschaft d'Zesummeliewen ze assuréieren. Well d'Zesummeliewe fonctionnéiert, no menger Opfaassung, nëmmen dann, wann och d'Mënschen, déi an där Gesellschaft liewen, sech u Regelen halen. Do wou déi Regelen net respektéiert ginn, muss de Stat mat senger Autoritéit agräifen, fir déi Regelen erëm hierzestellen.

Ech hätt gär, datt d'Fräiheet vun deenen éierleche Leit am Kader vun deene Regele ka respektéiert ginn. Déi Fräiheet kann nëmmen ausgeübt ginn, wa Sécherheet besteet. An do huet de Stat mat der Hëllef vu sengen Organer, wéi Polizei, wéi Geriichter, wéi och zum Deel aneren, eng Grondaufgab. Et ass fir déi, wou mir astinn. Et ass fir déi, wou mir eis asetzen. Et gëtt keng absolut Fräiheet. Et gëtt och keng absolut Sécherheet. Et ass ëmmer an deem Kader, wou ee muss op déi eenzel Voleten agoen.

Ech sinn dankbar fir deen Débat d'orientation, deen de Mëtten hei stattfonnt huet. Dräi an eng hallef Stonn, déi am Fong déi Politik op deene ganz groussen Zich confirméiert hunn, déi ech zënter Joren dierf an der Regierung heifir maachen. 86 Säiten, an deenen ech wéineg fonnt hunn, wat anescht ausgesäit wéi dat, wat och meng Zilsetzung ass. Duerfir wëll ech der juristescher Kommissioun, a virun allem hirem President a Rapporteur Patrick Santer, Merci soe fir eng komplett, sachlech, kompetent Ausenanersetzung mat engem komplexen Thema, wou een erëm eng Kéier gesäit, datt d'Sécherheetspolitik e Ganzt ass.

D'Tatsaach, datt an deem Bericht d'Strofjustiz, d'Police an de Prisong gemeinsam behandelt ginn, ass richteg. Et ass awer och déi nämlecht Philosophie, déi de Statsminister bei der Regierungsbildung dozou geleet huet, fir och déi dräi Kompetenzen an eng Hand ze ginn, well si hänke ganz enk mateneen zesummen.

Ech hunn de Mëtten intensiv nogelauschtert. An ech mengen, villes vun deem, wat hei gesot ginn ass, ass hëllefräich. Ech hunn, muss ech soen, mat Erstaunen d'Haltung vun der Spriecherin vun der Demokratescher Partei hei héieren. Ech hunn d'DP net erëmerkannt an deem, wat d'Madame Flesch gesot huet, well et net konform ass mat deem, wat ech mat de Kolleegen aus der DP an där viregter Regierung grad an dësem Beräich, wou se mech ëmmer ganz staark ënnerstëtzt hunn, gespuert hunn.

(Interruption)

D'Madame Flesch huet gesot: Dem Justizminister Frieden seng Prioritéit ass d'Sécherheet. Jo, dat ass richteg. Dat ass meng Prioritéit. An ech wäert déi soulaang maachen, wéi d'Lëtzebuerger an de Statsminister mer déi Aufgab weider uvertrauen. Well et ass eng wesentlech Viraussetzung, fir datt mer kënnen a Fräiheet friddlech a mat Liewensqualitéit an dësem Land zesummeliewen.

An ëmmer erëm, wann ech a menger anerer Qualitéit als Trésorsminister duerch d'Welt reesen a mat Investisseure schwätzen, gradesou wéi iwwregens de Wirtschaftsminister, da gëtt ganz oft gesot, wann et ëm d'Lokalisatioun vu Betriber geet, datt ee vun de Facteuren, firwat se och zu Lëtzebuerg hir Betriber usiedelen, dee vun der Sécherheet ass. Well Lëtzebuerg ass e séchert Land an internationalen an och am europäesche Verglach. D'Stad Lëtzebuerg, an där ganz vill Betriber sinn, ass no internationale Studien, déi gemaach gi sinn, eng vun de séchersten Haaptstied an Europa. Dat ass e komparativen Avantage, och an der Wirtschaftspolitik. Duerfir muss ee sech asetzen. Duerfir muss ee mat deenen Instrumenter schaffen, déi een huet.

Elo ass et richteg, datt an engem klenge Raum d'Thema vun der Onsécherheet méi séier och duerch kleng Phenomeener geschafe gëtt; och duerch d'Mediatiséierung, déi zu Lëtzebuerg grad bei klengen Delikter a klenge kriminellen Dote vill méi grouss ass wéi am Ausland. An eisem Land kommen an nationalen Zeitungen a Radioe Faitë vir, déi am Ausland guer keng Opmierksamkeet fannen, oder héchstens an enger regionaler Press. Doduerch gëtt dat vill méi oft en Thema, mä wann een objektiv matenee vergläicht, dann ass eist Land wäitaus méi sécher, an dat ass d'Resultat vun enger konsequenter Politik.

Och d'Kriminalitéit, wann een d'Statistike kuckt - Statistik ass net alles, mä et ass ëmmerhin ee Facteur, dee wesentlech ass -, da gesäit een, datt d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore stabel war, en fait réckleefeg, well déi Stabilitéit an de Chifferen, déi muss een zesumme gesi mat enger zolitter Augmentatioun vun der Zuel vun de Leit a vun de Betriber am Land während där gläicher Zäit. An trotz Augmentatioun vun der Zuel vun de Leit, déi hei am Land wunnen a schaffen, ass d'Kriminalitéit net eropgaangen.

Trotzdeem muss een ëmmer um Ball bleiwen, well een ëmmer erëm nei Phenomeener entdeckt. D'Kriminalitéit ännert sech, d'Kriminalitéit développéiert sech, an duerfir muss een och permanent d'Instrumenter upassen, déi een huet.

Duerfir géif ech just gäre kuerz zu deenen dräi Voleten nëmmen e puer Remarquë maachen, wëssend, datt et onméiglech ass, an dëser Debatt op all déi Voleten anzegoen, déi méritoirement am Rapport vun der Commission juridique vum Deputéierte Patrick Santer erausgestrach gi sinn.

Ech géif fir d'éischt wëllen e Wuert soen zur Polizei. D'Realisatiounen, déi d'Police am Beräich vun der Sécherheet an deene leschte Jore gemaach huet, si wesentlech. Ech géif hei och wëllen, well dat de Mëtteg am Fong wéineg gemaach ginn ass, deem grousse Corps vun der Police Merci soe fir dat, wat si am Déngscht vun de Lëtzebuerger an deenen anere Leit, déi hei am Land liewen a schaffen, Dag an, Dag aus maachen.

Dat ass net ëmmer eng einfach Aarbecht. Dat ass besonnesch eng schwiereg Aarbecht an der Nuecht, moies fréi, wa se net ëmmer mat agréabelen an oppen Äerm empfaange gi vun deenen, deene se mussen erklären, datt d'Gesetzer net respektéiert ginn.

Ech mengen, mir kënne stolz op si sinn, a si kënne stolz sinn op hir Aarbecht, déi se am Déngscht vum Land maachen. Mir kennen d'Schwieregkeeten, déi se hunn, a mir spieren déi Schwieregkeeten, déi se hunn, och mat. Si wëssen awer och, datt se an deene leschte Joren eng zolidd Ënnerstëtzung vun der Regierung kritt hunn.

Ech wëll drun erënneren, datt an där Zäit 2000 bis 2007 d'Police netto 286 Leit bäikritt huet. Wann ech netto soen, heescht dat, Astellunge waren et der ronn 500 minus Départen a Pensiounen, da kënnt een also op bal 300 Leit, déi d'Police bäikritt huet an deene Joren. Dat war wesentlech fir eng ganz Rei Aufgaben ze maachen. Déi Aufgabe sinn net alleguerten, wéi dat heiansdo ugefouert gëtt, just uewen un der Spëtzt gemaach ginn, mä et gëtt ganz vill regional Servicer, et gëtt ganz vill national Servicer vun der Police, déi wesentlech sinn, fir datt mer an der Sécherheet weiderkommen.

Ech denken u Servicer vun der Police wéi d'Stroossepolice, d'Verkéierspolizei also, oder d'Flughafepolizei, déi mer och an deenen nächste Joren nach wesentlech mussen ausbauen, fir datt eise Flughafen internationale Sécherheetsstandarden och weiderhi wäert entspriechen. Ech denken un d'Kriminalpolizei, déi an der schwéierer Kriminalitéit muss täteg sinn a wou mer vill Rekrutementer gemaach hunn. Déi gesäit een net op der Strooss, mä wa mer déi net gehat hätten, da wär d'Police net esou effikass gewiescht, wéi dat bis elo de Fall war.

Selbstverständlech musse mer och, an dat ass och mäi Wëllen an ech hunn dat och an Optrag ginn, an deenen nächste Joren dofir suergen, datt mer niewent den nationalen a regionale Servicer och zousätzlech d'Presenz vun der Police an deene lokale Kommissariaten, sief dat d'Centres d'intervention oder d'Commissariats de proximité, erweideren. An dat wäerte mer maachen, mä dat kann een net vun haut op muer maachen, an et kann een och net dat eent géint dat anert ausspillen.

D'Police de proximité an d'national oder d'regional Servicer mussen Hand an Hand schaffen, a ganz oft, wann och déi lokal Servicer net nokommen, da kommen déi regional hëllefen, an déi Chifferen, déi ech der Chamber schonn a parlamentareschen Ufroe matgedeelt hunn, beweisen, datt mer an de Regiounen, an de regionale Servicer, esou wéi dat och am 99er Gesetz virgesi war, ganz vill Leit zousätzlech ginn hunn.

Meng Iddi ass et, datt mer an deenen nächsten dräi Joer, iwwer eng Period vun dräi Joer - déi brauch een - déi eenzel Commissariats de proximité vun haut véier op fënnef Leit erweideren - dofir brauche mer awer eng ronn 40 Polizisten, wann een dat iwwert d'ganzt Land mécht - an datt mer och d'Centres d'intervention iwwert déi nächst dräi Jore wäerte verstäerken.

Wa mer pro Joer dat do wëlle maachen, iwwer e puer Joer gestreckt, da musse mer pro Joer netto eng 50 Leit astellen, a fir 50 Leit anzestellen, musse mer der en fait 85 astellen. An duerfir ass och net déi liicht Solutioun fir ze soen, ma da stelle mer d'nächst Joer 300 Leit an, well mir hätte gäre Quantitéit a Qualitéit. Mir hätte gären, datt déi Leit uerdentlech forméiert ginn fir déi schwiereg Aufgaben, déi op se waarden.

En fait, wat ech wëll maachen, ass mat Determinatioun weiderfuere mat der Astellungspolitik, déi mer bis elo am Beräich vun der öffentlecher Sécherheet gemaach hunn. Ech wäert de Kolleegen an der Regierung am Kader vum Budget 2008 diesbezüglech Propositioune maachen. Ech wäert de Message vun der Chamber an deem Beräich mathuelen, datt dat hei eng vun de Prioritéiten och vun der Chamber ass. Ech sinn dankbar fir déi Ënnerstëtzung, déi ech an deem Beräich haut hei an der Chamber parteiiwwergräifend kritt hunn, och wann ech

op verschidden Nuancen herno nach eng Kéier wëll zréckkommen.

D'Aufgab vun der Police kann et net sinn, all Strooss, all Haus, all Plaz ze iwwerwaachen. Dat heescht net, dass d'Police net muss méi um Terrain sinn, mä et gëtt Limiten an der polizeilecher Aarbecht, egal wéi vill Leit een huet.

Mir hunn haut eng grouss Police vu schonn ongeféier 1.500 Polizisten. Mir wäerten den Effectif légal héije missen, esou wéi dat och de Mëtteg ugeklongen ass, mä d'Aufgab zum Beispill, Gebaier ze bewaachen, Spillplazen ze bewaachen oder aner öffentlech Plazen, dat muss och an enger moderner Déngschtleeschtungsgesellschaft zum Deel vun aneren assuréiert ginn.

Duerfir stéiert et mech net, wann op verschiddene Plazen esou Aufgaben entweder vu Gemengebeamte gemaach ginn oder vu private Sécherheetsfirmaen. Ech wëll net, datt déi d'öffentlech Raim am Allgemengen iwwerwaachen. Déi kënnen net d'Grousssgaass an der Stad iwwerwaachen, mä déi kënnen awer sécherlech eng Spillplaz am Park oder eng Sportshal während verschiddene Stonne souwéi privat Gebaier och iwwerwaachen.

Et muss also eng Rollenopdeelung ginn tëschent der staatlecher Funktioun vun der öffentlecher Sécherheet an der Gemengenrespektiv der privater Missioun, déi limitéiert muss sinn op engersäits Gemengereglementer an anerersäits op Gebaier, also eng méi statesch Sécherheetsmissioun.

An deem Kontext sinn ech d'accord a féieren och doriwwer schonn eng Zäitche Gespréicher mam Här Innenminister, fir datt d'Agents municipaux kënnen am Beräich vun de Gemengereglementer verschidden zousätzlech Kompetenze kréien.

Ech hunn hei verstanen, datt keng Fraktioun der Meenung ass, datt mer dorauser sollen eng Gemengepolice maachen. Ech hu verstanen, datt keng Fraktioun der Meenung ass, datt déi Gemengebeamte sollte Waffe kënnen droen. Dat heescht, mir mussen also kucken, ob mer hinne vläicht de Pouvoir ginn, Avertissement-taxéen oder esou eppes Ähnleches auszestellen. Et ass also nëmmen eng ganz limitéiert Erweiderung, déi hei gewënscht ass, an ech wëll hei soen, datt ech mam Syvicol doriwwer wäert an deenen nächste Wochen e Gespréich féieren. De Syvicol huet sech och diesbezüglech u mech gewannt.

Ech wollt de President vum Syvicol aus aneren traurege Grënn an deene leschte Wochen net och heimadder belaaschten. Ech wëll awer an deenen nächste Wochen dat Gespréich féieren. Ech mengen, déi Debatt vun de Mëtteg huet eis an deem Dossier Kloerheet verschaf, datt all d'Fraktiounen dat plus ou moins d'nämlecht gesinn.

Et geet awer net duer, dass mer d'Personal opstocken. Mir mussen och...

(Interruption)

M. le Président.- Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här Minister, am Zesummenhang just mat de Gemengebeamten hat ech lech virdrun eng Fro gestallt. Ech weess net, ob Der se matkritt hutt. D'Fro ass nämlech déi, dass mer zu engem bestëmmten Zäitpunkt gesot hunn, et géif e Gesetz kommen iwwert d'Attributioune vun de Gemengebeamten, déi do am Fong d'Aarbecht elo vun de Pecherte maachen. Elo sot Der, si kéinten iwwer Gemengereglementer Moyenë kréien, fir Avertissements taxés ze maachen. Dat ka jo net sinn. Ech mengen, déi Moyenen, déi hu se jo elo schonn.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Neen, ech hu mech...

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Mä kënnt ee Gesetz oder kënnt keent, an a wat fir eng Richtung geet et? Well dat, wat Der elo gesot hutt, dat geet awer kloer a Richtung erëm eng Kéier vun enger paralleller Polizei. Dat ka jo awer net den Zweck sinn.

M. le Président.- Här Jaerling, mir hunn Är Fro verstanen.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, ech schénge mech schlecht ausgedréckt ze hunn, well et ass selbstverständlech, wann déi Agents municipaux och nëmmen eng kleng zousätzlech Kompetenz kréien am Kader, deen ech elo grad tracéiert hunn, datt dat eng Gesetzesänderung verlaangt.

Meng Remarque op d'Gemengereglementer war, datt ech gesot hunn, ech gesinn déi Agents municipaux nëmmen täteg sinn am Beräich vun der Iwwerwaachung vum Anhale vun de Gemengereglementer. Mä hir Kompetenze musse selbstverständlech an engem Gesetz fixéiert ginn.

Ech kommen zréck zu menger Remarque dee Moment wou ech ënnerbrach gi sinn. Déi war fir ze soen, datt et net duergeet mat personellem Renforcement. Dee wëlle mer maachen, dat ass näischt Neies. Dofir soen ech och, an der Motioun steet villes, wat mer maachen, wat eng Ënnerstëtzung ass fir virunzefueren. Ech sinn do op enger Linn mat der Generaldirektioun vun der Police an iwwregens och mat der Polizeigewerkschaft. Mä mir brauchen och technesch a juristesch Moyenen, déi d'Polizeiaarbecht verbesseren.

Mir hunn an deene leschte Joren, an dat beweisen d'Budgetszifferen, déi technesch Moyenë vun der Polizei wesentlech verbessert. Hir Equipementer si méi professionell ginn, si kënne méi séier a besser intervenéieren. Ech mengen och, datt hir Formatioun permanent ugepasst gëtt. Quitte datt een och do nach kann déi eng oder déi aner Verbesserung maachen, well dat ass eppes, wat permanent an Evolutioun ass.

Mä et muss een der Police och d'juristesch Elementer ginn, fir kënnen ze intervenéieren. Et geet net, datt mer soen, mir hätte gären e séchert Ëmfeld, an da soe mer awer, direkt wann den Text kënnt wou mer der Police wëlle Mëttele ginn, fir kënnen am Rechtsstat, dat heescht an engem klore juristesche Kader ze intervenéieren: „Neen, neen, do si mer dergéint. Hei ginn d'Grondrechter vun de Bierger a Klammere gesat."

D'Tatsaach, datt de Statsrot zu engem Thema eng Meenung huet, heescht net, datt doduerch déi Meenung automatesch sécher ass. Et gi Leit am Statsrot, déi hunn eng Meenung, déi ech op verschiddene vun deene Projeten net deelen. Datt dat lech arrangéiert, wann do e puer erzliberal Meenungen an Avisen zu deene Gesetzesprojeten hire Reflet fannen, an datt d'DP dorobber spréngt, dat ass hiert gutt Recht. Dat heescht awer nach net, datt ech duerfir muss absolut déi Meenung deelen.

An ech muss soen, datt ech an deene Projeten, déi d'Madame Flesch hei opgezielt huet, drop halen, datt mer op deem Wee weiderginn, fir der Police déi Mëttelen ze ginn, déi am Rechtsstat noutwendeg sinn, fir datt se kënnen an engem klore juristesche Kader agéieren.

D'Madame Flesch huet gesot, si hätte gréisser Problemer bei véier Texter - fir dat ze illustréiere wat se wollt soen am Kontext vun dem Gläichgewiicht tëscht Fräiheet a Sécherheet -, a si huet opgezielt: d'ADN-Gesetzgebung, déi sougenannte Méthode de recherche particulière wat d'Infiltratioun ass vu Polizeiagenten am kriminelle Milieu. Si huet als drëtt Beispill zitéiert d'Fouilles de véhicules, dat heescht wann d'Police kann d'Mall vun engem Auto opmaachen. An dat véiert ass den Accès vun der Police zu verschiddenen Datebanken.

Ech fannen et ganz interessant, datt d'Madame Flesch déi dote Beispiller genannt huet. Well ech si fest dovun iwwerzeegt, datt, wa mer an deenen dote Matièren näischt zu Lëtzebuerg gemaach hätten oder géife maachen, mer an der Poursuite vun deenen Objektiver, déi ech genannt hunn, zu deenen d'Sécherheet an de Rechtsstat gehéieren, e risegen Nodeel par rapport zu eisen Nopeschlänner gehat hätten an d'Polizeiaarbecht oneffikass gemaach hätten.

D'Madame Flesch huet selwer gesot, et muss een déi Texter no dräi Kritäre jugéieren. A wann ech dat richteg matkritt hunn, huet si gesot, mir mussen d'Effikassitéit kucken, d'Proportionalitéit a mir brauchen ugepasste Kontrollen.

Mä genau dat hu mer gemaach. D'Effikassitéit, d'DNA, och bei de Fouilles de véhicules: Et stéiert mech absolut net, datt an engem Auto, dee sech beweegt, wou d'Police am Kader vu Kontrolle kuckt, ob sech doran net Waffen oder Droge fannen, datt déi do kann den Auto opmaachen, well fir mech ass a bleift de Véhicule, den Auto eppes wesentlech aneschters wéi d'Privatpropriétéit, wéi d'Haus, wou d'Police selbstverständlech nëmme kann ënner ganz spezifesche geriichtlechen Autorisatiounen eragoen.

Mä och do nach hunn ech dat Gesetz gemaach fir de Rechtsstat ze stäerken, well an all deene Regierunge virdrun, och an deene wou d'Demokratesch Partei war, gouf dat do gemaach ouni cadre juridique, an dat hunn ech net gutt fonnt.

Ech géif gär hunn, datt, wann d'Police dat mécht, se weess, a wéi enge Fäll se et ka maachen, a wann dat herno viru Geriicht gebraucht gëtt, déi Preuve, dee Beweis, dee se am Auto fonnt huet, datt deen dann och viru Geriicht e Beweis ass opgrond vun deem en Täter kann iwwerféiert ginn. An duerfir muss een net därselwechter Meenung sinn. Duerfir hunn ech un deem Text festgehalen. En ass jo och herno mat Unanimitéit hei gestëmmt ginn. E wär nach besser gewiescht, wann en an där éischter Versioun komm wär, mä ech fannen d'demokratesch Debatt ass noutwendeg an duerfir, wann een do deen Text e bësse manner wäit goe gelooss huet, dann ass en nach ëmmer a senger Effikassitéit do. Duerfir sinn ech frou, datt mer deen Text bäibehalen.

ADN: Et ass wesentlech haut an der Opklärung vu Strofdoten, vu schlëmme Strofdoten, vu Vergewaltegungen, vu Morden, datt mer en uerdentlecht DNA-Profil-Gesetz hunn. All déi aner Länner ronderëm eis hunn et. Mir hunn eng Vernetzung vun den DNA-Datebanken am Kader vum Vertrag vu Prüm an an Zukunft an der Europäescher Unioun ofgemaach. Ech hätt gär, datt mir dat och zu Lëtzebuerg hätten. Duerfir hunn ech esou e Gesetzesprojet gemaach. An all déi Leit, déi Affer gi si vun esou Strofdoten, déi wëssen, firwat mer dat gemaach hunn.

Datselwecht gëllt bei der Infiltratioun vun Agenten am organiséierte kriminelle Milieu. Dat heescht net, datt do op all Plaz a bei all Strofdot Poliziste kënnen infiltréiert ginn. Dat ass an der Vergaangenheet net an engem juristesch klore Kader gemaach ginn. Dat hunn all eis Nopeschlänner. Dat ass an e puer europäeschen Texter virgesinn. Net méi spéit wéi um leschte Conseil vun de Justizministeren ass eng Décisioun vum Conseil ugeholl ginn, déi déi doten Zort vu Polizeitechnike virgesäit. Ech géif et irresponsabel fannen, wann ech als zoustännege Justizminister a Minister fir d'banneg Sécherheet géif einfach soen: „Mä zu Lëtzebuerg, do maache mir dat net, well bei eis kënnen déi Kriminell agéieren."

Et wär irresponsabel an duerfir muss een an deene Kritären och d'Responsabilitéit vum Stat an deenen doten Aktioune gesinn. Ech hätt gär, datt d'Police déi juristesch Mëttelen huet, fir hir Aarbecht op eng seriö Aart a Weis ze maachen. An dozou gehéiert och deen Text, deen - hoffen ech - geschwë vum Statsrot aviséiert a vun der Chamber diskutéiert gëtt, nämlech den Accès vun der Polizei zu e puer Datebanken.

Fannt Dir et normal, datt d'Police keen Accès huet zu der Banque de données vun der Sécurité sociale? Datt d'Police keen Accès huet zu der Datebank vun den Asylbewerber oder deenen, déi e Visa kritt hunn? Datt d'Police keen Accès huet zu der Datebank vun de Waffeschäiner, déi de Justizminister ausdeelt?

Et muss een awer agesinn, datt an engem Stat, wou et ëm d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit geet, ënner kloer definéierte Regelen - net all Polizist op all Kommissariat -, mä ënner kloer definéierte Regelen d'Polizei en Accès zu enger Rei Datebanke muss hunn. An duerfir wäert ech weider fir déi Texter kämpfen, och wann dat um Wee heiansdo schwéier ass a wann een do Argument géint Argument selbstverständlech muss austauschen.

Net fir eng absolut Sécherheet ze kréien. Net fir d'Grondrechter a Klammeren ze setzen. Un deene si mer all attachéiert. Si sinn an eiser Verfassung verankert. Si sinn am europäeschen Text verankert. Mä fir am Kampf géint d'Kriminalitéit, a besonnesch déi grouss Kriminalitéit, déi och net zu Lëtzebuerg laanschtgaangen ass. - Kuckt wat mer virun e puer Joer hate mat den Iwwerfäll op Geldtransporter, op Banken. Kuckt wat mer an anere Beräicher haten, wéi am Drogenhandel oder a verschiddene méi schwieregen Abréchserien; duerfir brauche mer eng effikass Police. An zu där effikasser Police gehéiere juristesch Mëttelen an de Gesetzer, déi, ech hoffen, dës Chamber, esou wéi an der Vergaangenheet, och wäert stëmmen. Och wann dat heiansdo méi kontrovers Debatte gëtt.

An deem Kontext hätt ech och wierklech gären, datt - an dat ass och de Mëtten hei gesot ginn, mä ech hätt och gären, datt et gemaach gëtt - d'Afferschutzgesetz wierklech géif zur Diskussioun an der Chamber kommen. 2003 hunn ech am Numm vun der Regierung dee Projet de loi déposéiert. Ech weess net, firwat deen net méi aus dem Statsrot zréckkënnt. Ech gesinn awer un dem Zeechen, wat de President vun der Commission juridique mer gëtt, an ech mengen de Rapporteur vun deem Projet de loi sëtzt niewent him: Mir mussen deen Text maachen. Well et ass net seriö, datt mer eis esou vill ëm d'Tätere bekëmmeren; mir mussen eis och ëm d'Affer bekëmmeren.

Dat hunn ech duerfir 2003 gemaach. Ech hu méintelaang mat menger Equipe am Justizministère verbruecht, fir deen Text ze schreiwen. Ech wär frou, wann e géif hei och diskutéiert an ofgestëmmt ginn, an dat läit an den Hänn vum Parlament. An duerfir: Ech ka keng Motioun un lech maachen, mä ech kann nëmmen e Wonsch ausdrécken.

(Hilarité)

An duerfir sinn ech frou, datt Der dat am Hierscht maacht.

Zur Justiz - well dat eent an dat anert fonctionnéiert zesummen - géif ech gäre soen, datt mer och do d'Personal substanziell a menger Amtszäit erweitert hunn; well d'Zuel vun den Infractiounen huet net zougeholl, mä si ass anescht ginn. D'Zuel vun den Affären ass anescht ginn. An duerfir hu mer d'Personal vun de Geriichter och substanziell erweitert. A menger Amtszäit sinn 31% méi Magistraten agestallt ginn. Dat ass vill, a wann ech dat souguer iwwer eng Zäitspan kucke vun '89 bis haut, dann hu mer d'Zuel vun de Riichteren zu Lëtzebuerg verduebelt.

Mir hunn an deene leschte Joren och d'Zuel vun den Untersuchungsriichter verduebelt. D'Untersuchungsriichter, déi éischter grad an der graver Kriminalitéit eng wesentlech Roll ze spillen hunn. Ech mengen, dat war e richtege Schrëtt, a mir wëllen op deem Plang weiderfueren. Duerfir huet d'Chamber jo och dankbarerweis d'Gesetz iwwert de pluriannuellë Rekrutementsprogramm vun de Riichtere gestëmmt, dee bis 2009 weiderleeft.

Och do hu mer eng ganz Rei Gesetzer gemaach, déi dozou bäidroen, datt d'Geriichtsprozedure besser ginn, oder datt mer fir déi eenzel Infraktiounen och Strofen hunn. Ech si gären d'accord, datt mer net fir alles mussen dauernd nei Strofdoten aféieren. Trotzdeem ass dat heiansdo noutwendeg, an ech sinn dankbar, datt den Här Santer virdru gesot huet, datt Dir 20 Sitzungen iwwert d'banneg Sécherheet gehat hätt an derniewent nach 21 Projet-de-loien aviséiert hätt.

Déi 21 Projet-de-loië komme bekanntlech alleguerten aus mengem Ministère, an dat heescht, datt mer eis konsequent druginn hunn, fir d'Gesetzgebung zu Lëtzebuerg ze verbesseren, souwuel déi iwwert d'Strofdoten - ech erënneren un Terrorismus, Blanchiment, Gardiennage, Fourgonen -, mä och iwwert d'Prozeduren, wéi zum Beispill eng vereinfacht Instruktioun bei de Strofgeriichter, déi et soll mat sech zéien, datt d'Prozesser méi einfach iwwert d'Bühn ginn, oder aner Methoden, wéi zum Beispill d'Équipe commune d'enquête, wat en europäescht Instrument ass, wat mer zu Lëtzebuerg utilement asetze sollen.

Ech mengen, datt mer op deem Wee weidergoe mussen. Et si sécherlech nach eng Rei prozedural Adaptatiounen, déi mer maache kënnen, fir datt d'Geriichtsbarkeeten och net ëmmer mat ale Prozedure liewen, quitte datt et ëmmer Diskussioune gëtt, och an de Geriichtsbarkeeten, wéi schnell ee Prozeduren ännere soll, déi e gewëssene Wäert an der Vergaangenheet haten. Op deem Wee wëll ech weiderfueren, an ech kréien och do am gudde Kontakt mat de Geriichtsbarkeeten eng ganz Rei utile Propositioune gemaach, iwwert déi ech an deenen nächste Méint arbitréiere wäert.

An deem Kontext hunn ech mat Intérêt och hei d'Ausloossunge vun deenen eenzelne Fraktiounen zu engem Conseil supérieur de la Justice héieren. Ech nennen dee léiwer Conseil supérieur de la Magistrature, well et geet am Fong ëm d'Magistratur. Ech hu mech bis elo an där Debatt wéineg ausgeschwat, well et eng Debatt ass, an där ech et noutwendeg fannen, datt ee jiddfereen dozou héiert. Déi meescht si mat der Iddi selwer d'accord. Just do, wou sech d'Meenungen trennen, an do bedaueren ech e bëssen, datt Äre Rapport net méi prezis ginn ass, dat ass natierlech d'Kompositioun vun deem Organ an d'Kompetenze vun deem Organ.

Et ass d'Aufgab vum Justizminister, sech fir d'Onofhängegkeet vun der Justiz anzesetzen, wat iwwregens e verfassungsverankerte Prinzip zu Lëtzebuerg ass. Ech weess, datt dofir déi Diskussioun, wéi wäit d'Kompetenze vun esou engem Conseil ginn, och a virun allem ënnert deem dote Bléckwénkel muss gekuckt ginn, gradesou wéi mer et musse kucken ënnert dem Bléckwénkel, datt och bei der Magistratur et eng Ulafstell gëtt, wou d'Leit kënnen hir Froen an hir Suergen erubréngen.

Dofir hunn ech net nëmmen dat gelies, wat de Médiateur zu deem Thema geschriwwen huet, ech sinn och amgaangen ze kucken,

wat aner Länner an deem Kontext gemaach hunn, déi iwwregens ganz ënnerschiddlech un déi do Problematik erugaange sinn. Et gëtt kee Conseil, deen d'nämlecht ausgesäit wéi deen aneren. Ech hu Consultatioune gefouert mat de Riichteren a mat den Affekoten a wäert do och an deenen nächste Méint dem Parlament d'Vuë vun der Regierung dozou virleeën.

Et bleift fir mech de Prinzip, datt d'Justiz, dat heescht d'Geriichter, souwuel wat d'Nominatioune wéi wat d'Uerteeler ugeet, mussen absolut onofhängeg funktionéieren. Dofir sinn ech och schonn haut der Meenung, datt an esou engem Conseil weder Politiker nach Leit kënne sëtzen, déi vu politeschen Organer designéiert ginn. Haut ginn d'Nominatiounen net no politesche Kritäre gemaach. Ech hätt gären, datt dat och an der Zukunft esou bleift.

Iwwert d'Kompetenze musse mer eng kontrovers Diskussioun féieren. Ech mengen, datt d'Commission juridique sech wäert, wann ech meng Propositioune bis gemaach hunn, mat där Fro auserneesetzen. Ech géif och mengen, datt et esou eng fundamental Fro ass, datt le moment venu ech vläicht déi Propositiounen och hei am Plenum misst zur Diskussioun féieren. Dat muss d'Chamber selbstverständlech selwer diskutéieren.

Ech hätt gären, datt déi Justiz besser funktionéiert, mä et wäert ni, wann een nämlech d'Grondfräiheete seriö hëlt, eng ganz schnell Justiz ginn, well och d'Rechter vun der Défense mussen assuréiert sinn, an dofir ware verschidden Zwëscheriff virdru relativ interessant.

Ech mengen net, datt ee kann - an do deelen ech d'Meenung vum Här Santer - eng Décision de justice den nämlechten Dag huelen, wou eng Persoun festgeholl gëtt, well do de Risiko vun engem Justiziertum vill ze vill grouss ass. Dat heescht net, datt Prozesser jorelaang dauere kënnen, mä et muss ee Methode fannen, et muss ee Prozeduren iwwerkucken, datt een dat eent oder dat anert ka méi schnell maachen.

Och do mussen natierlech déi eenzel Instrumenter, d'Police an d'Justiz, an hirer Funktiounsweis, besonnesch bei der Bekämpfung vun der Kriminalitéit, een op deen aneren ofgestëmmt sinn. Ech mengen, datt dat haut vill besser funktionéiert wéi dat viru Joren de Fall war, an datt d'Zesummenaarbecht besonnesch och tëschent der Kriminalpolizei, dem Cabinet d'instruction an dem Parquet sech duerch eng Rei Reformen, déi mer gemaach hunn, wesentlech verbessert huet.

E puer Remarquen nach zum Prisong. Och do ass drop higewise ginn, datt mer eng ganz staark Zuel vun Insassen zu Schraasseg hunn, iwwregens och zu Giwenech. Och dat ass d'Resultat vun enger Sécherheetspolitik. Hätte mer d'Aen zougemaach, hätte mer manner Polizisten agestallt, dann hätte mer gesot, gitt derlaanscht a kuckt net, dann hätte mer net zënter 2002 bis haut d'Zuel vun de Prisonnéier verduebelt.

Eist Zil ass et net, d'Zuel ze verduebelen, mä et ass eng Konsequenz vun enger Politik, déi seet, mir loossen eng Rei Saachen net zou. Et ass eng Konsequenz vun enger Politik, déi dofir suergt, datt d'Police aktiv ass fir méi Sécherheet an déi an enger ganzer Rei vu Beräicher duerchgegraff huet. Den Drogeberäich ass do ee Beispill, woubäi ech d'accord si mat där leschter Interventioun vum Här Mehlen, datt de repressive Beräich net déi eenzeg Äntwert si kann.

Dir hutt vläicht och gemierkt, datt mer an dëser Regierung d'Drogepolitik generell dofir dem Gesondheetsminister ënnerstallt hunn, well d'Haaptaufgab am Beräich vun der Preventioun an der Informatioun ass. Dir hutt nei Elementer do mat an d'Diskussioun bruecht, déi ee sécherlech kucke kann.

Et bleift fir mech awer och, datt d'Repressioun e wesentlechen Deel vun der Bekämpfung vum Drogenhandel bleiwe muss. Wa mer deen nämlech net an de Grëff kréien, iwwregens am Verbund mat anere Länner, da gi mer schlëmmen Zäite fir eist Land entgéint, well dat virun allem fir d'Zukunft vun eise Jugendlechen eng Katastroph wär, déi do méi vulnérabel si wéi anerer. Dofir muss et bei enger strikter Drogepolitik och am repressive Beräich, complémentaire zum preventive Beräich bleiwen.

Am Prisong hu mer villes verbessert, wat mer an aneren Debatte schonn diskutéiert haten, mä seelen an der Öffentlechkeet awer erauskënnt. Mir hunn de medezineschen a soziale Beräich an deene leschte Joren enorm ausgebaut. Déi Aarbecht, déi vum medezineschen a paramedezinesche Personal aus dem Centre hospitalier an aus dem Centre hospitalier neuro-psychiatrique gemaach gëtt, dat ass eng wesentlech, eng substanziell Verbesserung.

Ech deelen d'Meenung, datt mer de soziale Volet, dat heescht d'Preparatioun op d'Fräiheet, déi d'Leit am Prisong solle kréien, nach mussen zolidd verbesseren, op d'mannst fir déi, déi virdrun hei am Land gewunnt hunn an déi och nach duerno hei am Land wunnen. Fir déi aner ass et natierlech vill méi schwiereg, well mer hiert Ëmfeld kaum kennen a se net kënne mat begleeden, mä fir déi Halschent, déi am Prisong sëtzt an déi Résident war, éier se an de Prisong komm ass, ech mengen, datt mer do eng gutt Schëpp nach mussen noleeën, och am Kader vun der Personalpolitik am Prisong; niewent de Gardienen, deenen hir Zuel mer jo och an deene leschte Jore substanziell erhéicht hunn. Mir hunn haut 118 Gardiene méi wéi mer der hate wéi ech als Justizminister ugefaangen hunn.

Nei Experimenter wéi déi mam Bracelet électronique, wou haut zéng Leit drënner falen, musse weidergefouert ginn a regelméisseg evaluéiert ginn. D'Travaux d'intérêt général, fir déi ech ëmmer gréissten Ënnerstëtzung gewisen hunn, musse virugeféiert ginn. Dat ass just net esou einfach an der Praxis ëmzesetzen. D'Leit musse matmaachen, et muss ee Plazen hunn, mä op där Politik wëll ech virufueren.

Grad esou wéi där vun dem Bau vun engem drëtte Prisong niewent Schraasseg a Giwenech. Ech spieren, datt do d'Ënnerstëtzung grouss ass. Ech hat just de Mëtteg gehofft, datt déi Vertrieder, déi an de Schäfferéit heibanne sëtzen, a besonnesch déi, déi d'Wuert ergraff hunn, eis och zugläich en Terrain proposéiere géifen.

(Interruption)

Ech maache wierklech nach eng Kéier den Appel, datt déi, déi Gemengeresponsabilitéit hunn, och hir Responsabilitéit iwwerhuelen. Ech mengen nach eng Kéier, datt et ideal wär, wann deen Terrain schonn haut an öffentlecher Hand wär, dat heescht beim Stat oder bei de Gemengen. Well wa mer elo en Terrain kafe ginn, da si mer wierklech laang Joren ënnerwee, an duerfir geet eist Sichen duerno weider. Ech hoffen, datt mer do och nach an dësem Joer eng Léisung fannen, an ech zielen op d'iwwerparteilesch Ënnerstëtzung, déi een duerfir brauch, wann een dat wëllt ëmsetzen, an ech wäert och dee Moment hei am Parlament un dës Debatt erënneren.

Zum Contrôle externe vum Prisong wëll ech der Chamber rappeléieren, wat hei den Här Statsminister gesot huet an der Erklärung zur Lag vun der Natioun. Mir sinn der Meenung, datt am Bezuch op d'Kontroll vun de Mënscherechter am Prisong en externe Contrôle soll gemaach ginn, a mir mengen, datt de Médiateur déi richteg Persoun wär, fir dat ze maachen. Ech wäert nach virun der Summerpaus mam Médiateur doriwwer e Gespréich féieren, fir ze kucken, wéi een dat ka maachen. Mir hunn näischt ze verstoppen am Prisong. Mir hu kee Problem, datt de Médiateur zu all Moment kann Accès zum Prisong hunn, fir do de Respekt vun de Mënscherechter ze iwwerwaachen, un deem mer, an d'ganz Personal vum Prisong, ganz attachéiert sinn.

Mä et kann een d'Polizei, d'Justiz an de Prisong net lassgeléist gesi vun Europa. Et ass wesentlech, datt mer déi Sécherheetspolitik, déi mer maachen, an engem europäesche Kontext gesinn. Et ass wesentlech fir mech, datt mer d'Benelux-Kooperatioun, wou mer ënner menger Amtszäit e Polizeiaccord ofgemaach hunn, dee sengesgläiche sicht an Europa, dee méi wäit geet wéi anerer, och konsequent applizéieren, datt mer esou Accordë wéi déi vu Prüm, wou mer Datebanke vu Fangerofdréck, ADN an Autosnummere matenee vernetzen, wat iwwregens elo vun allen anere Länner an der Unioun op eemol gutt fonnt gëtt, datt mer op deem Wee weiderginn.

Ech begréissen, datt d'Stats- an d'Regierungschefen et fäerdeg bruecht hunn, am Beräich vun der banneschter Sécherheet, der Strofjustiz an der Polizei méi op d'qualifizéiert Majoritéit iwwerzegoen. Dat heescht, mir komme weider an Europa fir méi Sécherheet an domadder méi Fräiheet ze schafen. D'Lëtzebuerger Regierung wäert déi Démarche, och wann dësen Traité an d'Chamber kënnt, mat Energie verdeedegen.

Ech mengen och, datt mer ausserhalb vun Europa mussen d'Sécherheetsdebatt féieren. Mir musse se féiere mat Länner wéi Amerika, wéi Russland, a besonnesch a Beräicher wéi Internetkriminalitéit, wou mer net an der Europäescher Unioun kënnen ophalen. An et ass an deem Kontext, wou een och d'Debatt muss gesinn, wéi déi, déi mer an deene leschte Méint gefouert hu mat Amerika iwwert dee sougenannten Transfert vu Passagéierlëschten, fir déi Leit, déi an Amerika fléien.

Déi däitsch Présidence huet déi Diskussiounen zesumme mat der Europäescher Kommissioun gefouert an huet se nach ofgeschloss. An ech wollt hei och der Chamber déi Accorden iwwerreechen.

Dat sinn also Accorden tëscht der Europäescher Unioun an de Vereenegte State vun Amerika. Si betreffe Lëtzebuerg net direkt, well mir keng direkt Flugverbindung hu mat Amerika. Si betreffen awer Lëtzebuerger indirekt, wa se esou e Fliger huelen. Et ass hinnen natierlech fräigestallt, esou e Fliger ze huelen, mä si wëssen, datt, wa se dee Fliger huelen, d'Amerikaner gewuer ginn, datt se am Fliger sëtzen.

Ech mengen, datt dat näischt esou Exzeptionelles ass, ëmsou méi wou séchergestallt ginn ass, datt an Amerika déi Donnéeën ënner ganz limitéierte Fäll nëmme kënnen un aner Autoritéiten, wéi de Ministère fir d'Sécurité intérieure, transferéiert ginn. Ech mengen, datt déi däitsch Presidentschaft hei eng gutt Aarbecht gemaach huet, an ech mengen et ass interessant a wichteg, datt och d'Commission juridique oder d'aussepolitesch Kommissioun sech deenen Accorden unhëlt, déi wéi gesot Däitschland am Numm vun der Unioun ënnerschriwwen huet.

Déi Politik muss wéi gesot virugoen. Ech stelle fest, datt d'Europäesch Kommissioun och wëllt en ähnleche System fir Europa maachen. Dee musse mer da kucken an iwwert dee musse mer diskutéieren.

Am Kampf géint d'Criminalité organisée, am Kampf géint den Terrorismus muss ee verschidde Schrëtt maachen, déi mengen ech net d'Grondrechter a Fro gestallt hunn. Ech mengen éierlech gesot net, datt mir een eenzegen Text am Parlament hei abruecht hunn, deen d'Grondfräiheete vun de Lëtzebuerger op engem wesentleche Punkt ageschränkt huet.

Mä ech hunn uganks gesot: Et gëtt keng absolut Fräiheet an et gëtt keng absolut Sécherheet. Ech hätt just gären, datt d'Sécherheet och an Zukunft e Recht vun de Leit, déi hei am Land wunnen, bleift, datt een net kann naiv am Kampf géint d'Kriminalitéit sinn, datt ee muss determinéiert si fir d'Fräiheet, déi mer als Zil vun eisem Zesummeliewen hunn, datt een déi nëmmen da kann erreechen, wa mer determinéiert um Beräich vun der Sécherheet bleiwen.

Duerfir muss een heiansdo am Intérêt vun der Gemeinschaft verschidden individuell Fräiheeten anescht kucken. D'Tatsaach, datt mer den Amerikaner zum Beispill e puer Informatioune ginn, wa mer am Fliger sëtzen, fir ze soe wou mer hifueren, wann déi kann der Kollektivitéit hëllefen, datt et net zu Attentater kënnt, da soen ech, da musse mer déi, wat ech net eng Aschränkung nennen, mä déi Konditioun akzeptéieren.

Datselwecht gëllt am Beräich vun eisem Land, wa mer op ganz limitéierte Plazen - an ech betounen nach eng Kéier, op limitéiert Plazen - d'öffentlech Sécherheet besser kënnen assuréieren, andeems mer och technesch Moyenen, wéi zum Beispill Videokameraen, asetzen. Keen huet jee an dësem Land gesot, mir géifen dat iwwerall maachen. Ech hunn ëmmer erëm gesot, et gi Plaze wou et Sënn mécht dat ze maachen, an och op deem Wee wäerte mer weiderfueren.

Ech wëll net, datt déi Kriminell méi Fräiheet hu wéi déi éierlech Bierger. Ech hätt gären, datt mer d'Fräiheet vun deenen éierleche Bierger hei am Land assuréieren, an duerfir musse mer eis fir d'Sécherheet asetzen. An ech wäert dat esou laang wéi déi, déi duerfir zoustänneg sinn, mer hiert Vertraue schenken, mat groussem Engagement maachen. Et ass en Engagement fir d'Leit, déi hei am Land schaffen. Et ass en Engagement wat net abstrakt dosteet, mä wat d'Liewensqualitéit vun de Leit hei am Land Dag fir Dag soll verbesseren. Dat hu mer schonn erreecht, op deem Wee fuere mer weider an duerfir kann ech mat deenen zwou Motioune liewen, well si sinn d'Confirmatioun vun där Politik, déi ech zënter néng Joer elo dierf am Intérêt vum Land maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum Vote.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.-* Entschëllegt, Här President.

M. le Président.- Jo. D'Madame Flesch huet d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.-* Merci, Här President, Article 37 (8), parole après ministre.

Här President, den Här Minister huet hei verschidde Saache gesot iwwert d'Haltung vun der DP beim Vote iwwert d'Gesetz relative aux procédures d'identification par empreintes génétiques en matière pénale, also d'ADN-Gesetz. Hien huet verschidde Saache gesot, déi kéinten zu Mëssverständnisser féieren, an ech wëll dat rectifiéieren.

Mir hunn ni gesot, mir wäre géint dat Gesetz. Mir hunn ausdrécklech gesot, mir wären der Meenung, dass esou e Gesetz géif a misst kommen. Mir hunn ons opposéiert u verschidden Dispositioune vun deem Gesetz, notamment d'Tatsaach, dass d'Cellules humaines sous contrainte physique kënne prélevéiert ginn, wann d'Faiten eng Peine criminelle ou correctionnelle vun engem Maximum vun zwee Joer verlaangen.

Mir hu weider gesot, dass d'Durée vun der Conservatioun vun deenen Donnéeë kann zu Problemer féieren, a mir hunn ons ganz besonnesch opposéiert, dass d'Empreintes génétiques vun enger rehabilitéierter Persoun géifen an der Base de données ADN condamnés bleiwen. A mir hate schliesslech Problemer mat enger Partie vun Délaien, déi hei zu Lëtzebuerg anescht gelagert sinn, wéi an onsen Nopeschlänner.

D'Nécessitéit vun deem Gesetz hu mer ni a Fro gestallt. Also ech wëll dat awer wierklech richtegstellen!

Dofir, Här President, wonnert et mech ganz besonnesch, dass den Här Minister net op déi prezis Fro geäntwert huet, déi ech him gestallt hunn, iwwert d'Motioun vun der Madame Doerner, déi den 28. Juni 2006 déposéiert ginn ass a wou d'Regierung invitéiert ginn ass, an engem Délai vun engem Joer de Point ze maachen iwwert déi Législatioun - an ech liesen de franséischen Text hei vir: «…de faire le point sur la législation relative au recours aux empreintes génétiques en matière pénale aux fins de l'adapter aux nouvelles évolutions scientifiques, voire de l'entourer de nouvelles garanties destinées à renforcer l'équilibre entre l'objectif légitime de recherche de la vérité et le respect des droits fondamentaux de l'homme».

Do si mer genee an deem Sujet, deen ech a menger Interpellatioun ugeschwat hat. Ech hunn dem Minister eng prezis Fro gestallt: Wéi wäit si seng Servicer a wat kann hien ons dozou soen?

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Här Minister!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Jo, Här President, ech hunn näischt dozou nach gesot, well dat Gesetz ass emol nach net e Joer a senger praktescher Applicatioun a Kraaft, an duerfir ass et absolut ze fréi fir doriwwer kënnen haut eng Evaluatioun ze maachen.

Dat huet natierlech eng ganz Rei technesch Ëmsetzungsmodalitéite mat sech gezunn, an ech géif d'Madame Flesch souwéi déi aner Memberen invitéieren, datt mer eng Kéier géifen an déi Servicer vun der Police kucke goen, zesumme mat de Justizautoritéiten, wéi dat an der Praxis fonctionnéiert. Ech menge wierklech, datt et ze fréi ass, haut scho kënnen iwwer eng Evaluatioun ze schwätzen, well dat huet eréischt viru ganz kuerzem an der praktescher Ëmsetzung ugefaangen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zum Vote vun de Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt déi, déi den honorabelen Här Santer déposéiert huet. Madame Flesch?

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.-* Här President, däerf ech nach eppes zur Motioun soen?

M. le Président.- Selbstverständlech. Mir kommen elo direkt dozou.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.-* Okay.

M. le Président.- Ech si fir d'éischt bei där vum Här Santer. Ass zur Motioun, déi den Här Santer déposéiert huet, nach eppes ze soen?

Wann dat net de Fall ass, froen ech, ob mer kënne par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Voilà! De Vote électronique ass net gefrot. Da stëmme mer par main levée of.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass d'Motioun 1 mat der Unanimitéit vun deenen, déi gestëmmt hunn, ugeholl.

Motion 2

Dann d'Motioun, Madame Flesch, déi Dir déposéiert hutt, déi de Minister ugeholl huet. Ass nach eppes bäizeflécken? Jo.

Mme Colette Flesch *(DP), interpellatrice.*- Här President, ech wëll deene Kolleege Merci soen, déi déi Motioun mat ënnerschriwwen hunn. An ech wëll ganz besonnesch dem Här Santer Merci soen, dass hien déi Motioun ënnerschriwwen huet. Déi Motioun ass guer net a Contradictioun mat deem, wat a sengem Rapport steet, a mat verschiddenen Elementer, déi a senger Motioun stinn. Ech hat dat iwwregens och a menger Interpellatioun gesot.

Déi Motioun ass eng kuerz Motioun, déi e puer Prinzipien évoquéiert. Et si vläicht Leit, déi soen: Cela va sans dire. A mengen Aen: Cela va mieux en le disant. Ech si ganz besonnesch frou, wéi gesot, dass den Här Santer bereet war, déi Motioun ze ënnerschreiwen. Well a mengen Aen: Cela vaut engagement.

Ech zéien dorauser d'Konklusioun, dass hien an der Zukunft d'Commission juridique weider wäert presidéieren, wéi hie se bis elo presidéiert huet. Dat heescht, dass hien eng offen Diskussioun vun den Amendementer zougelooss huet, eng Diskussioun en bonne foi, ob d'Amendemener vum Minister akzeptéiert waren oder net.

Dat war zum Beispill de Fall beim Gesetz iwwert d'Fouilles de véhicules, wat e Paradebeispill war vum Typ vun der Législatioun, vun där mir der Meenung sinn, dass se an hirer originaler Form, wéi de Minister se déposéiert hat, ze wäit gaangen ass. Den Text, dee mir an der Chamber hei gestëmmt hunn, mat deem konnte mer d'accord sinn.

A wa mer an der Commission juridique weiderfueren esou ze schaffen, ech mengen, dann ass d'Chamber pleinement associéiert un der Definitioun vun der Législatioun a pleinement associéiert un der Défense vun den individuelle Libertéiten. Wann dat de Fall ass, Här President - schonn eleng dowéinst -, da war meng Interpellatioun derwäert, dass se gemaach ginn ass.

Une voix.- Très bien!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Déi Motioun confirméiert just eis Politik.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot zur Motioun vun der Madame Flesch.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här President, den Här Santer huet am Fong gesot, déi Motioun wär superfétatoire. Bon, ech hat jo nach ëmmer Problemer mat deem Begréff, well wéi Dir President vun der Fraktioun vun der CSV waart, dunn huet „superfétatoire" geheescht: an de ronnen Dossier domat!

Elo, wéi den Här Santer gesot huet, et ass superfétatoire, bestätegt hien dann d'Positioun vun der Regierung. Dir musst mer awer elo erklären, wat dann elo richteg ass: dat, wat Der fréier gesot hutt, oder dat, wat den Här Santer elo gesot huet?

M. le Président.- Ech weess, wat ech fréier gesot hunn. Ech weess net, wat den Här Santer haut de Mëtten domat gemengt huet. Ech weess just, dass ech de Moment eréischt zwou Ënnerschrëften hei leien hunn. Dat ass déi vun der Madame Flesch an déi vum Här Santer.

(Interruption)

Gutt, da gitt mer se. Dann ass d'Motioun recevabel.

Ass dann de Vote électronique verlaangt?

(Négation)

Da stëmme mer par main levée of.

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun?

Voilà! Ech gesinn, dat ass déi écrasant Majoritéit hei vun der Chamber.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.57 heures)

SÉANCE 44

Jeudi, 5 juillet 2007

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

1. Ordre du jour
2. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet des contrats des chargés de cours de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

   (Débat - Motion - Vote)
3. 5743 - Proposition de loi de M. Marco Schank portant création d'un Service de bibliothèques publiques

   (Déclaration de recevabilité)
4. 5707 - Projet de loi portant création du Nordstad-Lycée

   (Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
5. Question avec débat N°21 de M. Jean Huss au sujet des enfants diagnostiqués TDHA (trouble au déficit de l'attention / hyperactivité)
6. Interpellation de M. Alexandre Krieps au sujet de la thématique des transplantations d'organes

   (Discussion générale)
7. 5448 - Projet de loi relatif aux tissus et cellules humains destinés à des applications humaines

   (Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Résolution)
8. Formation et composition d'une Commission des Comptes
9. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Ordre du jour

Fir haut de Mëtteg hu mer um éischte Punkt vum Ordre du jour d'Aktualitéitsstonn, déi vun der Fraktioun vun deene Grëngen ugefrot ginn ass iwwert d'Kontrakter mat de Chargés de cours am Préscolaire an am Primaire. Dir wësst, dass bei esou enger Debatt d'Riedezäit Folgendes virgesäit: Déi Fraktioun, an dësem Fall DÉI GRÉNG, déi dës Stonn ugefrot huet, huet zéng Minutten Zäit, déi aner Fraktioune jeeweils fënnef Minutten an d'Sensibilités politiques zwou Minutten. Der Regierung steet eng Véirelstonn zur Verfügung.

Den Här Goerens freet d'Wuert nach.

M. Charles Goerens *(DP).*- Här President, ech hunn lech eng Question urgente eragereecht iwwert den Ausbroch vun der Vullegripp am Département de la Moselle an ech wollt froen, ob se als recevabel ugeholl ginn ass an ob déi de Mëtteg nach drukënnt, an deem Fall?

M. le Président.- Ech kann lech soen, dass se als recevabel erkläert ginn ass. Ob se drukënnt, dat weess ech net. Mir sinn amgaang ze kucke mat de Servicer vum Landwirtschaftsministère, ob et méiglech ass, dass den zoustännege Minister kënnt. Wann dat net méiglech ass, da gëtt Är Fro schréftlech beäntwert.

(Interruption)

All Sujeten, Här Krieps, déi mer um Ordre du jour hunn, si wichteg. Elo huet emol den Här Adam d'Wuert.

2. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet des contrats des chargés de cours de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. An eisem Bréif, wou mer déi Heure d'actualité ugefrot hunn, schreiwe mer, datt de Problem vun de Chargés de cours am Préscolaire an am Primaire net eleng vun de Gemenge ka geléist ginn. Mir si frou, dëse Problem eng Kéier hei ze beliichten an hoffen, datt mer zesummen de Mëtteg e Stéck méi no zu enger Léisung kommen, déi akzeptabel ass fir all Betraffen.

Wat ass de Problem? Mir hunn an alle Schoulen ee Mangel u qualifizéiertem Léierpersonal. Haut geet et dann elo ëm d'Situatioun an de Primärschoulen.

Fir datt eis Schoulen iwwerhaapt konnte fonctionnéieren, ass an deene leschte Joren a Jorzéngten op déi sougenannte Chargés de cours zréckgegraff ginn. Zënter der Reform vun 1989, wou den deemolegen Unterrechtsminister Fernand Boden d'Tâche d'enseignement direct vun den Enseignanten am Primaire vu 27 op 23 erofgesat hat an am Préscolaire op 25, huet sech d'Zuel vun de Chargés de cours drastesch erhéicht. Mir ginn dervun aus, datt an eise Primärschoule ronn 1.000 Chargés de cours schaffen. Ech schwätze vun 1.000 Mënschen, net vun 1.000 Plein-temps-Posten.

Fir een Deel vun hinnen hu mir eng zefridde stellend Léisung fonnt. 91 Leit hunn duerch e Certificat de qualification eng geregelt Situatioun. Ongeféier 320 weider Chargéë sinn an der Réserve des suppléants. Relativ problematesch ass d'Situatioun fir déi 250 bis 300 Chargéen, déi e Poste à durée indéterminée bei enger Gemeng hunn. Nach méi problematesch ass d'Situatioun vun deenen 250 bis 300 Leit, déi e Poste à durée indéterminée zegutt hunn, awer bis elo nach net kritt hunn.

Wie sinn déi Chargéen? Fir Chargé an enger Primärschoul oder am Préscolaire ze ginn, muss een e Secondairesofschloss hunn oder eng Equivalenz an ee Stage vun dräi bis véier Wochen an enger Schoul bestanen hunn. Dat ass net vill. Mä dat ass net de Chargéen hir Schold. Laang Zäit si si emol guer net zu iergendenger Formation continue zougelooss ginn. Vill vun hinnen hu mëttlerweil vun der Méiglechkeet vun esou enger Formatioun Gebrauch gemaach.

Oft ass och schonn no enger Formation en cours d'emploi gefrot ginn. Ni ass eng ugebuede ginn. War keen Interessi do? Dat géif mech wonneren, wou mer dach alleguer wëssen, wéi grouss den Interessi vun de Chargéë war fir sech fir eng Ausbildung zum brevetéierte Schoulmeeschter op der Uni unzemellen.

D'Chargéen hu wéineg Rechter an eise Schoulen. Si däerfen den Delegéierten net wielen, kréien déi Posten, déi soss kee wëllt, maachen datt d'Schoul ka fonctionnéieren. Déi, déi keng fest Ustellung hunn, an net nëmme si, mussen all Joer eng Demande maachen, kréien op hirer Bank kee Prêt fir eng Wunneng ze finanzéieren.

Wat proposéiert dann elo d'Circulaire vum Ministère?

Uganks Mee ass d'Circulaire 2625 erauskomm, gemeinsam vun der Madame Delvaux, dem Innenminister an dem President vum Syvicol gedroen. Mir sinn der Meenung, datt dës Circulaire weider näischt mécht, wéi endlech d'Realitéit, déi sech aus e puer Geriichtsuerteeler erginn huet, unzëerkennen a keng Léisung vum Problem ass. Eigentlech proposéiert d'Circulaire just, datt mir eis Geriichter solle seriö huelen. D'Gemenge sollen deene Chargéen, déi laut Aarbechtsrecht ee Contrat à durée indéterminée zegutt hunn, dëse Kontrakt och ginn.

Firwat ass dat an eisen Aen awer keng Léisung? Ma eng ganz Rei Gemengen hunn dat, wat elo an der Circulaire stoung, och schonns an der Vergaangenheet gemaach. Eng Rei Gemenge wäerten dëse Schratt dann och elo maachen. Mir mussen awer och dervun ausgoen, an ech hat eng Rei Gespréicher mat Buergermeeschteren, datt eng Rei Gemengen net wëllen hir Chargéë fest astellen. Besonnesch déi méi kleng Gemengen, awer net nëmme si, wëlle sech net an d'Situatioun brëngen, op eemol Personal ze hunn, dat si net méi brauchen.

Et ass jo esou, datt all fräie Posten an der Primärschoul, deen net vun engem brevetéierte Schoulmeeschter oder enger Léierin besat ass, muss ausgeschriwwe ginn. Wa mir de Beruff vum Enseignant seriö huelen, dann ass un dëser Praxis och näischt ze änneren. Mir ginn also dervun aus, datt all fräie Posten en bonne et due forme publizéiert gëtt. Dann ass et jo och logesch, datt deen een oder anere Posten, deen eng Zäit vun engem Chargé besat war, elo vun engem brevetéierten Enseignant besat gëtt, an dann huet d'Gemeng ee Problem.

Si gëtt an der Circulaire opgefuerdert, dem zoustännege Schoulinspekter oder -inspektesch dat ze mellen, deen dann dës Kandidaten op der véierter Lëscht versicht ze placéieren. Wann dat net geléngt, steet ee Licenciement am Raum.

Wat ass dann elo eiser Meenung no d'Léisung?